


# INFO BLAT

'04 19

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 15. MEE 2019




L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

# INFO BLAT °04 19


COMPTE-RENDU DU 15 MAI 2019

4-60

NEUE STRASSENNAMEN IN DIFFERDINGEN

61-63

CHIENS ET CHATS

64

L'EIDE EN PLANS

65-67



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 10 200 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Anouk Flesch

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 04/2019,** ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 15 MAI 2019

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Christiane Brassel-Rausch (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)
Serge Goffinet (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Projets communaux :**
   a. Réaménagement routier (part étatique) et nouvelle canalisation d'eaux pluviales entre la RN 31 à Niederkorn et la Chiers (part communale) – plans et devis, article budgétaire 4/624/221313/19036 ;
   b. EIDE – École internationale à Differdange, bâtiment primaire – plans, devis et ligne de préfinancement, article budgétaire 4/910/221311/16013.
3. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers : modification ponctuelle d'un plan d'aménagement particulier au lieudit « Mathendahl » à Niederkorn conformément aux dispositions de l'article 30bis de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.**
4. **Actes et conventions :**
   a. Promesse unilatérale de vente à l'administration communale de terrains et immeubles à différents lieudits à Saulnes (F) d'une contenance totale de 115 ha 78 a et 57 ca ;
   b. Acte de vente d'une parcelle de 2,36 a située au lieudit « Route de Pétange » à Niederkorn ;
   c. Convention portant sur des projets de protection de la nature à réaliser dans le cadre du projet LIFE Grassland ensemble avec l'Administration de la nature et des forêts et SICONA Sud-Ouest ;
   d. Bail commercial pour l'exploitation de l'hôtel-restaurant Le Presbytère à Lasauvage ;
   e. Contrat de bail d'un espace au 1535° Creative Hub ;
   f. Contrat de bail d'un atelier d'artistes à Lasauvage.
5. **Finances communales :**
   a. Avis et titres de recette de l'exercice 2018 ;
   b. État des restants et décharges accordées à la clôture de l'exercice 2018.
6. **Service éducation et accueil : organisation pour l'année scolaire 2019-2020.**
7. **École de musique : organisation provisoire pour l'année scolaire 2019-2020.**
8. **Règlements communaux : règlements temporaires de circulation.**
9. **Dénomination de nouvelles rues : quartier Mathendahl, Ronnwisen, Ouschterbur, impasse du nouveau hall polyvalent, nouveau zoning à Niederkorn au lieudit « Vor kurzen Hecken ».**
10. **Changements au sein des commissions consultatives.**
11. **Motion de déi Lénk concernant l'adhésion de notre commune à l'appel mondial des villes en faveur du traité des Nations unies sur l'interdiction des armes nucléaires.**

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *débute la séance en mentionnant Nicolas Eickmann, qui est mort vendredi. C'est une grande perte pour Differdange, car il a beaucoup fait pour la ville, dont il a été conseiller communal, échevin et bourgmestre.*
*Sa mort touche personnellement Roberto Traversini parce qu'ils se connaissaient bien. Pouvoir discuter régulièrement avec un de ses prédécesseurs au poste de bourgmestre était enrichissant. On apprend beaucoup.*
*Les deux hommes éprouvaient du respect l'un pour l'autre et Roberto Traversini n'hésite pas à parler d'amitié.*
*Nicolas Eickmann est né le 5 avril 1929. Il a travaillé à la papèterie Otto Anen, puis dans une entreprise de peinture à Clervaux. Il n'a pas pu faire des études, mais il a suivi des cours à la Chambre du travail. C'était un autodidacte.*
*En 1950, il se marie. Rapidement, il devient membre du LAV, puis du LSAP en 1962. En 1968, il devient conseiller communal, en 1977, échevin et en 1979, bourgmestre pendant 15 ans.*
*Mais ce n'est pas tout. Nicolas Eickmann a été député de 1984 à 1989, président de Sudgaz, président du syndicat de l'hôpital de Niederkorn, etc.*
*Nicolas Eickmann s'est toujours investi pour Differdange. Bien qu'il ait été bourgmestre à une époque où l'économie n'allait pas bien, il a réussi à montrer la voie dans beaucoup de domaines. Roberto Traversini cite l'hôpital de Niederkorn, le centre médicosocial, la piscine d'Oberkorn, la rénovation d'écoles, l'action « Differdange, ville morte »…*
*Il a eu la chance de bien connaitre Nicolas Eickmann. Celui-ci continuait à s'intéresser à la politique ces dernières années, même s'il voyait les choses de manière plus détendue.*
*Roberto Traversini répète qu'il était enrichissant de discuter avec lui. La Ville de Differdange n'oubliera pas Nicolas Eickmann.*
*Le bourgmestre présente ses condoléances à sa femme Lisa et à toute sa famille au nom du conseil*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moie fir eis Gemengerotssëtzung.

Ech wëll dës Sëtzung net ufänken, ouni den Eickmanns Néckel ze erwänen. Wéi Der all wësst, ass en e Freideg gestuerwen. Dat ass ouni Zweiwel e grousse Verloscht fir Déifferdeng. Den Néckel huet vill fir eis Stad gemaach, fir d'éischt als Conseiller, als Schäffen an duerno als Buergermeeschter, wärend 15 Joer.

Ech muss soen, datt säin Doud mech perséinlech trëfft, well ech en dach gutt kannt hunn. Mir sinn oft zesummen iesse gaangen. Mir hu vill matenee geschwat. Och wa mir net ëmmer enger Meenung waren, ass et dach eng speziell Erfarung an eng Beräicherung, wann een als Buergermeeschter d'Méiglechkeet huet, sech reegelméisseg mat sengem Virgänger auszetauschen. Et gëtt ee vill gewuer. Et léiert ee vill bäi. Et kritt een eng aner Perspektiv. Et war ëmmer e ganz grousse Respekt tëschent eis. Den Néckel war e gudde Frënd. Dat kann ech hei roueg esou soen.

Fir kuerz op säi Liewen anzegoen: Den Nicolas Eickmann ass de 5. Abrëll 1929 zu Déifferdeng op d'Welt komm. Iwwregens stoung dat Haus op dëser Plaz, wou eis Gemeng elo ass. No senger Schoulzäit huet en an der Papeterie Otto Anen geschafft. Duerno als Usträicher an engem Betrib zu Klierf. A schlussendlech bei der Hadir.

Den Néckel war e Mënsch, dee sech fir vill Saachen interesséiert huet. An och wann en deemools d'Méiglechkeet net hat ze studéieren, esou huet hie sech a ville Course vun der Aarbechterkummer ageschriwwen a weidergebilt. Hien huet sech virun allem fir d'Ekonomie interesséiert. E war e richtegen Autodidakt.

1950 huet e sech bestuet. En huet sech fréi politesch engagéiert. Direkt nodeems en ugefaangen huet mat Schaffen, ass e Member vun der LVOV ginn. 1962 huet en d'Memberskaart vun der Sozialistescher Aarbechterpartei ugeholl.

Politesch ass et du schnell virugaangen. Ganz schnell. 1968 ass en hei Conseiller ginn. 1977 war e Schäffen. 1979 ass e Buergermeeschter ginn. A war dat 15 Joer laang. Do kann ee scho soen, datt en d'politescht Liewe vun eiser Gemeng gepräägt huet.

Dat war awer nach laang net alles. Den Eickmanns Néckel war och Deputéierte vun 1984 bis 1989. Hie war President vu SUDGAZ. Hie war President vun der Sidor. Hie war President vum Syndikat vum Nidderkuerer Spidol. An domat hunn ech nëmme seng wichtegst Mandater ernimmt. Hien huet iwwregens och d'ALJ, zesumme mam John Castegnaro, an d'Liewe geruff.

Fir Déifferdeng huet sech den Néckel ëmmer agesat. An och wann en an enger Zäit Buergermeeschter war, wou et ekonomesch net esou gutt gaangen ass, huet en et awer fäerdegbruecht, Zeechen ze setzen. Hien huet sech säi Liewe laang fir Déifferdeng a virun allem fir d'Déifferdenger Leit agesat.

Ech wëll just e puer Stéchwierder heizou nennen: D'Nidderkuerer Spidol, dat wier net esou, wéi et haut ass, wann den Néckel net do gewiescht wär. De Centre médico, d'Schwämm zu Uewerkuer, d'Renovatioune vun de Schoulen. Natierlech och déi Aktioun „Differdange - ville morte". A villes, villes méi. Ech kéint wierklech hei nach eng laang Lëscht opzielen.

Wéi gesot, ech hat d'Chance – ech mengen, mir alleguerten –, den Néckel kannt gehat ze hunn. Ech hat och d'Chance, vill mat em ze schwätzen an de leschte Joren. Hien huet sech fir d'Politik vun Déifferdeng interesséiert. Hien huet dat ganz geloosse gekuckt, well e wousst, datt en am Fong geholl déi Responsabilitéit net méi hat. Mä en huet op alle Fall ëmmer Saache gesot.

Et war ëmmer beräicherend, sech mat him auszetauschen. An ech mengen, dat hunn och hei vill ronderëm den Dësch gemaach. Mir wäerten den Néckel net vergiessen.

Ech wëll op dëser Plaz senger Fra Lisa souwéi senger ganzer Famill eist Bäileed ausdrécken, am Numm vum ganze Gemengerot. Mir als Gemeng wäerten dofir suergen, dass säin Numm veréiwegt gëtt. Ech géif Iech heimat bieden, opzestoen.

(Gedenkminutt)

Ech soen Iech Merci.

Här Muller, Dir kritt ganz gären d'Wuert.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Erlaabt mer, dass ech am Numm vun der LSAP-Fraktioun och e puer Wuert zum Doud vum Nicolas Eickmann soen.

D'LSAP trauert ëm hire Komerod Nicolas Eickmann, deen eis am Alter vun 90 Joer fir ëmmer verlooss huet. Säit 1962 war den Nicolas Eickmann an der LSAP. Dat sinn am ganze 57 Joer. Den Néckel, wéi e genannt gouf, ass 1968 déi éischte Kéier fir d'LSAP mat op d'Lëscht vun de Gemengewahle gaangen a gouf direkt an de Gemengerot gewielt. Hie war am Ganze 25 Joer am Déifferdenger Gemengerot.

Den Nicolas Eickmann war vun 1979 bis 1993 Buergermeeschter vun der Stad Déifferdeng. Dat heescht wärend 15 Joer, wéi Dir et scho gesot hutt, Här Buergermeeschter. Jiddereen, deen hie kannt huet, weess, dass den Eickmanns Néckel en engagéierte Buergermeeschter war, deen och versicht huet, seng Iddien ëmzesetzen. Hie war ganz sozial agestallt. De soziale Wunnengsbau war eng vu sengen Haaptprioritéiten.

Ënner senger Gemengeféierung war dat Nidderkuerer Spidol, Hôptial Princesse Marie-Astrid, gebaut ginn, dat hien de 4. September 1989 zesumme mat der Namensgeberin, der Princesse Marie-Astrid, ageweit huet. Wat deemools sécherlech e Meilesteen an der medezinescher Versuergung vum ganze Kordall war.

Hien huet um kulturelle Plang de Centre Noppeney zu Uewerkuer gebaut. Wärend senger Amtszäit sinn de Centre médico-social, déi éischt Woiwer Schoul, nieft der Sportshal, der Schoul um Bock an de CID um Fousbann entstanen. An et gëtt bestëmmt nach eng Rei Initiativen, déi ënner seng Amtszäit falen.

Et ass lues mat der Verschéinerung vun der Stad ugefaange ginn. D'Schoulkantinnen, d'Virleefer vun der aktueller Maison relais, sinn ausgedeent ginn. Den Nicolas Eickmann hat ëmmer e Bléck op d'Finanzen. Well hie wollt seng Gemeng net ze vill verschëlden. Et muss ee sech erënneren, dass d'Dotatioune vum Staat deemools nëmmen e Brochdeel vun deem waren, wat se haut sinn. An d'Zënsen op de Banke waren zimlech héich.

Den Nicolas Eickmann hat misse verschidde Krisesituatioune meeschteren. Dat war engersäits d'Stolkris. De Begrëff „Differdange - ville morte" staamt nämlech vun him, fir heimadder déi aner Stad, wéi et geheescht huet, op déi dramatesch Situatioun vum Stellenofbau an der Stolindustrie zu Déifferdeng, an hir Konsequenze fir d'Stad, opmierksam ze maachen.

Eng aner Problematik, mat där hie sech befaasst huet, war d'Schléissung vun der Mülldeponie um Ronnebierg.

Den Nicolas Eickmann war ee vun den éischte Presidente vum Sidor, an zwar vun 1988 bis 1994. An e war méi wéi 20 Joer President vum Verwaltungsrot vu SUDGAZ.

Vun 1985 bis 1989 war de Buergermeeschter Nicolas Eickmann dann och nach an der Chamber.

Den Nicolas Eickmann war ee vun deene Grousse vun der LSAP. Mir soen him Merci fir alles, wat hie fir d'Stad Déifferdeng an als Partei gemaach huet. Mir schléissen eis selbstverständlech den häerzleche Bäileedswënsch vun Iech, Här Buergermeeschter, un d'Famill a seng Fra un. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Muller. Den Här Ruckert Ali, w.e.gl.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der Kommunistescher Partei wëll ech mech deem, wat hei gesot ginn ass, uschléissen. Ech wëll och hei den Néckel würdegen. Besonnesch well en ëmmer e Verfechter war vun der Zesummen-

*communal. Il décrète une minute de silence.*
*(Minute de silence)*

**ERNY MULLER (LSAP)** *explique que les socialistes sont en deuil. Nicolas Eickmann faisait partie du LSAP depuis 1962. Il a participé pour la première fois aux élections municipales en 1968 et est devenu conseiller communal du premier coup. De 1979 à 1993, il a été bourgmestre de Differdange. Il était engagé et a essayé de mettre ses idées en application. Le logement social faisait partie de ses priorités.*
*L'hôpital Princesse-Marie-Astrid a été inauguré le 4 septembre 1989 alors qu'il était bourgmestre, un moment clé de l'assistance médicale dans la vallée de la Chiers. Nicolas Eickmann a fait construire le Centre Noppeney, le centre médico-social, l'école du Woiwer, le centre sportif, l'école du Bock, le CID… Il a également lancé l'embellissement de la ville et développé les cantines scolaires.*
*Nicolas Eickmann avait les finances communales à cœur. Il ne voulait pas endetter excessivement la commune. À l'époque, la dotation de l'État n'était pas aussi élevée que maintenant et les taux d'intérêt étaient élevés.*
*Nicolas Eickmann a été confronté à la crise de l'acier. L'expression « Differdange, ville morte » vient de lui. Elle soulignait les conséquences sur Differdange de la suppression des postes de travail dans l'industrie de l'acier. Il a aussi fait face à la question de la fermeture de la décharge du Ronnebierg.*
*Nicolas Eickmann a été un des premiers présidents du Sidor de 1988 à 1994. Il a présidé le conseil d'administration de Sudgaz pendant vingt ans. De 1985 à 1989, il a été député.*
*Pour Erny Muller, il fait partie des grands du LSAP. Il le remercie pour ce qu'il a fait pour le parti et pour la ville. Il présente ses condoléances à sa femme et à sa famille.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *s'associe à ce qui vient d'être dit au nom du parti communiste. Il tient à honorer Nicolas Eickmann, qui s'est toujours investi pour la collaboration de toutes les forces de gauche et qui a*

*été longtemps à la tête de la coalition socialiste-communiste. À l'époque, la devise des socialistes était de ne travailler avec les communistes sous aucun prétexte. Mais Nicolas Eickmann et d'autres socialistes de Differdange n'en ont pas tenu compte.*
*Nicolas Eickmann s'est investi systématiquement pour les petites gens. Parfois, il était têtu — par exemple en matière d'écologie. Ali Ruckert se souvient que Nadine Ewerling et lui avaient introduit une motion pour la fermeture du Ronnebierg. La coalition a failli tomber.*
*Nicolas Eickmann avait beaucoup de qualités et quelques défauts comme tout le monde. Ali Ruckert tenait à lui rendre hommage au nom du KPL.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à l'ordre du jour et cède la parole à M. Ulveling.*

**TOM ULVELING (CSV)** *passe à un projet couteux : un nouveau canal d'eau de pluie entre la route nationale 31 à Niederkorn et la Chiers dans le cadre du projet de prolongement de la rue des Ligures vers la zone industrielle Haneboesch.*
*La route en question est en piteux état, sans oublier que les camions s'y garent n'importe comment.*
*Le ministère souhaite la réaménager. Le collège échevinal a sauté sur l'occasion pour participer aux travaux. Le ministère va refaire la route tandis que la commune aménagera les trottoirs ainsi qu'une piste cyclable. En face, il y aura des places de stationnement pour voitures et camions. La commune installera aussi un canal d'eau de pluie du pont jusqu'à derrière le rond-point et remplacera le canal déjà présent. La zone artisanale prévue derrière le restaurant Dimmi Si sera raccordée. Le canal d'eau de pluie sera assaini le long du hangar. Le réseau de la poste, le canal et l'éclairage public seront refaits ou remplacés. La commune veillera à ralentir la circulation et calmer le site.*
*Il faudra aussi réfléchir à un nom pour cette rue. Il s'agit de la prolongation de la rue des Ligures.*

aarbecht vun alle Lénkskräften. Wou en eng ganz laang Zäit un der Spëtzt stoung vun enger sozialistescher-kommunistescher Koalitioun. An hei si jo schonn eng Rei Projete gesot ginn, déi och wärend där Zäit verwierklecht gi sinn.

Ech wëll en och würdegen, well en zu enger Zäit, wou an der Sozialistescher Partei d'Devise war „Op kee Fall mat de Kommunisten zesummenzeschaffen“, den Néckel an aner Sozialisten zu Déifferdeng, sech doriwwer ewechgesat huet an trotzdeem eng Koalitioun mat de Kommuniste gemaach huet.

Et war e ganz soziale Mënsch, dee sech wierklech fir déi kleng Leit agesat huet, a wou e ganz konsequent war a sengem Virgoen. Ech muss soen, heiansdo war en – dat däerf een och net vergiessen – och e bësse stur. Net besonnesch a soziale Froen, mä vläicht an Ëmweltfroen.

Ech erënnere mech, wéi ech deemools hei am Gemengerot war, dass e ganz stur war, wéi d'Nadine Ewerling vun der LSAP an ech als Vertrieder vun der KPL hei eng Motioun wollten abrénge fir d'Schléissung vum Ronnebierg. Dat ware grouss Ausenanersetzungen. D'Koalitioun stoung deemools och op der Kipp wéinst där Saach. A mer wësse jo, wéi sech dat alles entwéckelt huet.

Et war also e Mënsch mat ganz ville positive Säiten an och vläicht mat klenge Feeler, wéi dat bei all Mënsch de Fall ass. Ech wollt awer drop halen, am Numm vun der Kommunistescher Partei, hien am Gemengerot ze würdegen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Da géife mer elo zur Dagesuerdnung iwwergoen. Mat eise Projeten. An do hu mer direkt méi e grousse Projet. E Kanal, dee muss gemaach ginn. Här Tom Ulveling, kënnt Der eis déi sämtlech Detailer dozou ginn?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et ass am Fong kee grousse Projet, mä et ass haaptsächlech en deiere Projet. Et geet hei ëm eng nei Reewaasserkanalisatioun tëschent der Route Nationale 31 zu Nidderkuer an der Chiers, dem Projet vum Reamenagement vun der Prolongatioun vun der rue des Ligures an d'Zone industrielle vum Haneboesch.

Mer kennen alleguerten déi Strooss. Kann een et Strooss nennen? Ech mengen, doriwwer kann ee streiden. Mä déi ass an engem extrem schlechten Zoustand. Mir kennen och all déi Problemer, déi déi Strooss an der Vergaangenheet mat sech bruecht huet, dat wëllt Parke vun de Camionen an esou weider.

De Staat ass op eis zoukomm, well de Ministère de l'Économie déi Strooss nei maache wëll. Do si mer natierlech op d'Geleeënheet gesprongen, fir dat mat hinnen zesummen ze maachen.

Si maachen de Stroosseberäich gäre ganz frësch. Mir schléissen eis do un a maachen op deenen zwou Säiten Trottoiren. Zur Säit vun der Trägerhal ass se kombinéiert mat engem Vëloswee. D'Parkplazen, déi elo amenagéiert gi fir Autoen a Camionen, kommen op déi aner Säit. Mir leeën eng Reewaasserachs vun der Bréck bis hannert de Rondpoint a Richtung Trägerhal an ersetzen deen ale Reewaasserkanal an der Strooss, deen och do schonns läit.

Doniewent maache mer d'Uschlëss fir déi nei Zone artisanale, déi mer hannert dem Dimmi Si geplangt hunn. Déi ginn dann direkt mat geluecht. Laanscht d'Trägerhal sanéiere mer duerch en Inliner den existente Kanal vum Reewaasser, deen nämlech agefall ass. Deen also net méi richteg fonctionnéiert wéi e sollt.

D'Infrastrukture wéi Post, Waasser, Eclairage public ginn nei gemaach oder ersat. Mir planzen och Beem an de Stroosseberäich. Soudatt mir eng Anengung kréien, fir dass de Verkéier doduerch gebremst gëtt an e bësse berouegt gëtt.

Ech mengen, mir mussen eis vläicht och eng Kéier en Numm fir déi Strooss ausdenken. De Moment leeft se ënner Prolongatioun vun der rue des Ligures.

Alles, wat ech Iech elo gezielt hunn, huet natierlech säi Präis. Zum Gléck kënne mer en Deel vun de Käschte

mam Ministère de l'Économie deelen. De Gesamtprojet wäert 2,77 Milliounen Euro kaschten. Dovunner fält op de Ministère de l'Économie 1.062.000 Euro TTC. An op d'Gemeng Déifferdeng 1.710.000 Euro.

Dësen Devis, wéi Der gelies hutt, beinhalt awer net d'Assurance tous risques vum Chantier. An och net d'Plantatiounen an och net de Marquage vun der Strooss. Mä ech mengen, an deem Ganzen ass dat do nëmmen nach Mënz.

Wa mer bis ufänken, da wäert de Chantier ongeféier ee Joer laang daueren. Mir kommen awer eréischt un, wa mer en Accord mam Waasserwirtschaftsamt a mam Ministère de l'Économie fonnt hunn.

Et steet e klenge Montant do vun 250.000 Euro, dee subsidiabel ass. Wou mir 33% kréie kënnen, also maximal 82.500 Euro. Ech mengen, dat geet vläicht duer, fir d'Plantatiounen ze bezuelen.

Dat zu dësem Projet. Ech wier frou, wann Der dee géift matstëmmen, well mer net nëmmen eppes zur d'Verschéinerung vun deem Quartier bäidroen, mä dat Ganzt e bëssen nei gestalten. An, wéi gesot, déi Kanäl, déi futti sinn, remplacéieren. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Muller, w.e.gl.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, den zoustännege Schäffen huet eis de Projet erkläert. Ech kann nëmmen dozou soen, dass et wierklech gutt ass, dass dat elo geschitt. Et ass néideg, well dës Reewaasserachs hir Opportunitéit momentan net erfëllt.

Mir brauchen onbedéngt d'Ofwaasser vun deem neie Zoning, wou Der gesot hutt, hannert dem Dimmi Si oder Soclair. Awer och fir d'Verbindung ze maachen zu der rue de Bascharage. An och, dat misst een awer nach kucken, op Lauterbännen, dat heescht de spéidere Site vum CID. Mä dee geet Richtung Käerjeng, soudass mer deen net direkt fir deen do Projet brauchen.

D'LSAP begréisst dës Kanalisatioun fir d'Reewaasser. Ech mengen, dat geet an d'Konzept vun där ganzer Restrukturéierung vun de Reewaasserkanäl an eiser Gemeng. Ganz interessant ass de Belag, dass d'Strooss erneiert gëtt, an och déi Parkplaze säitlech, d'Trottoiren an esou weider. A speziell och, dass Beem do geplanzt ginn. Soudass dat Ganzt méi en urbanen Touch kritt.

An Dir hat et scho gesot, Här Ulveling, d'Aarbechte vu ronn enger Millioun Euro, haaptsächlech d'Stroosseninstandsetzung, iwwerhëlt de Staat. D'Gemeng Déifferdeng huet ronn 1,7 Milliounen Euro, wéi Der jo och gesot hutt, fir déi Reewaasserachsen ze bezuelen.

Wat mer wollte mat op de Wee ginn, wéi déi Strooss heesche soll. Et ass schonn ugeklongen, Dir hutt d'Fro selwer gestallt. Et misst een där Strooss definitiv en eegenen Numm ginn an net rue des Ligures, well dat passt net grad. Mir si jo mat de Stroossennimm am Gaang, et gëtt bestëmmt interessant Méiglechkeeten.

Wat awer och néideg ass, dass een dat Ganzt reglementéiert kritt. Dir hutt et selwer gesot. Well momentan hu mer do e grousse Chaos.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Wildwuchs.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Duerfir eis Propositioun, fir op d'mannst emol an den Infrastrukture virzegesinn, déi Uschlëss fir Waasser, eventuell Offlëss. Dass ee kéint en Hygiène-Container do opriichte fir d'Camionschaufferen. Well déi Leit kënne jo net derfir, dass déi an en No-Man's-Land do kommen. Mer mussen deenen awer och Méiglechkeete schafe mat Toiletten.

*Les frais seront partagés avec le ministère. Le projet coutera 3,77 millions d'euros, dont 1,1 million à la charge du ministère de l'Économie et 1,7 million à charge de la commune. L'assurance tous risques du chantier, les plantations et le marquage de la chaussée ne sont pas inclus.*
*Le chantier durera un an. Avant le début des travaux, il faudra trouver un accord avec l'Administration de l'eau et le ministère de l'Économie. La commune peut espérer un subside de 82 500 €.*
*Tom Ulveling demande aux conseillers communaux d'approuver ce devis pour embellir le quartier, réaménager diverses rues et remplacer les canalisations.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate que l'échevin aux bâtisses a présenté le projet. Il estime que ces travaux sont importants, car les canalisations actuelles ne remplissent pas leur fonction.*
*Comme l'a dit M. Ulveling, la zone derrière le Dimmi Si doit être raccordée, tout comme la rue de Bascharage. Il ne faut pas oublier non plus le lieudit Op Lauterbännen en direction de Käerjeng.*
*Ce projet s'inscrit dans la restructuration du canal d'eau de pluie de la commune. Erny Muller mentionne aussi le revêtement, les places de stationnement, les trottoirs et les arbres.*
*Les frais de remise en état de la route — soit environ un-million d'euros — sont à la charge de l'État. Il reste donc 1,7 million d'euros à payer pour la commune.*
*M. Ulveling a mentionné le fait que la rue n'a pas encore de nom. Erny Muller ne choisirait pas rue des Ligures. Il existe surement des possibilités intéressantes.*
*Le tout doit être règlementé, car pour le moment c'est le chaos. Erny Muller propose d'installer des conteneurs hygiéniques pour les camionneurs. Ceux-ci n'y peuvent rien s'ils se retrouvent dans un « no man's land ».*
*(Interruption)*
*Erny Muller ajoute qu'il faut des toilettes.*
*(Interruption)*
*Erny Muller salue le fait qu'elles soient prévues. C'est extrêmement*

*important si la commune veut maitriser la situation.*
*Le LSAP approuvera le devis.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *se réjouit du fait que l'eau de pluie soit finalement canalisée vers la nature et non vers une station d'épuration. La commune poursuit cet objectif depuis des années.*
*Frenz Schwachtgen demande à M. Ulveling si le canal passe sous le hangar d'Arcelor.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que oui.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *voudrait savoir si le hangar devra être démoli.*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*Frenz Schwachtgen rappelle que la commune est en train de mettre sur pied un concept de couloirs verts avec le docteur Jacques Mersch à travers la zone industrielle, le lieu-dit Op Elter, les prairies à orchidées, etc. Des couloirs écologiques entre le Prënzebierg et les prairies de la Chiers doivent être garantis.*
*Frenz Schwachtgen estime par ailleurs qu'ArcelorMittal devrait veiller à mettre à disposition des camionneurs des vestiaires, des douches et des toilettes ou du moins participer aux frais. Il en a déjà été question lors de la construction du hangar. Les camionneurs roulent 2000 km et passent la nuit dans leurs véhicules. Leur travail n'est pas facile et il faut les traiter humainement. Parfois, les grandes entreprises les exploitent.*
*Le projet coute cher, mais il est réussi. Aménager 500 m de canal coute aussi cher que le projet dont il sera question tout à l'heure.*

**ENG STËMM:**

Dat ass geplangt.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ah, ass dat geplangt? Dat schéngt mir immens wichteg. Da kréie mer dat Ganzt méi propper, méi ënner Kontroll.

Mir stëmmen den Devis als LSAP ganz gär mat. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Schwachtgen, w.e.gl.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll mech de Wierder vum Här Muller uschléissen. Et ass eng formidabel Saach, dass mer lues a lues d'Reewaasser an e Rouer kréien, wou et erëm an d'Natur zréckkënnt, wou et higehéiert an net onbedéngt duerch eng Kläranlag féiert. Ech mengen, dat ass dat ganzt Konzept, wat mer als Gemeng scho jorelaang verfollegen.

Ech wollt den Här Ulveling nach froen, de Reewaasserkanal geet jo ënnert der Arcelor-Trägerhal erduerch.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Sinn do scho Predispositiounen, fir dat ze maachen? Oder muss déi Hal dann an der ganzer Längt opgerappt ginn?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Do kënnt en Inliner hin, hat ech gesot.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ah! Dann hunn ech dat vläicht falsch verstanen, d'accord.

Et ass och esou, an deem ganze Gebitt si mer jo am Gaang, mam Dokter Jacques Mersch e Konzept vu Couloirs verts ze maachen, déi bis erof an d'Rouerbaach an an d'Chiers ginn. Duerch déi ganz Zone industrielle, op Elter, fir d'Leit, déi déi Nimm wëssen. Hannert dem Costantini, wou Orchideeëwise waren an nach sinn. Wou och Réckhaltebecke sinn.

Dat ganzt Waasserkonzept an dat ganzt Begréngungskonzept, am Fong de Couloir vert tëschent dem Prënzebierg an de Chierswisen, muss do garantéiert ginn. Dat hei reit sech an déi ganz Linn do an. An deem Sënn also ganz positiv.

Déi aner Saach ass – an dat ass schonn diskutéiert ginn, wéi d'ARBEDs-Trägerhal gebaut ginn ass –, dass do ArcelorMittal awer och an der Verflichtung misst stoen, fir hire Camionneuren entgéintzekommen. An endlech Vestiairen, Duschen, Toiletten an ech weess net, wat nach alles, zur Verfügung ze stellen oder mat ze finanzéieren. Wat d'Gemeng Déifferdeng dann elo op Eegekäschte mécht, fir fir deen Accueil do ze suergen.

Dat ass scho längst iwwerfälleg. Well déi Problematik, déi déi Chauffeuren hunn, déi iwwer 2.000 Kilometer heihinner kommen, ass dass se owes hei am Camion sëtzen, an da musse se iergendwou hin. Dat ass jo kloer. Dee ganze Problem ass dee vun enger mënschlecher Behandlung vun engem Beruffsstand, deen et net ëmmer ganz einfach huet. An deen och ganz oft ausgenotzt gëtt vu gréissere Firmen, loosse mer et emol esou soen.

Dat gesot, de Projet ass flott, awer en ass deier. Mer kommen herno vläicht nach op eng aner Zomm ze schwätzen, déi ähnlech deier ass. An hei soen ech, fir 500 Meter Kanal gi bal déiselwecht Käschten ausgi wéi an deem Dossier, iwwert dee mer herno schwätzen. Deen och finanziell säin Impakt wäert hunn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. D'Madamm Saeul, w.e.gl.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Madamm, Dir Häre Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen, Monsieur, zum Reamenagement vun der National 31 zu Nidderkuer, wéi scho gesot, der Verlängerung vun der rue des Ligures an der Zone Haneboesch.

An der Part communale gi Stroosseninfrastrukturen zum engen Deel ersat an en Deel nei gemaach. Op der Säit vun der Zuchlinn kënnt en Trottoir hin a Parkplaze fir Autoen a Camionen. Déi aner Säit, zur ArcelorMittal hin, kommen Trottoir a Vëloswee. Nei gebaut gëtt de Kanal, fir d'Reewaasser opzehuelen, Eck Käerjenger Wee Richtung RN31. Do ass nach kee Kanal.

De Rescht gëtt deelweis ersat oder nei gemaach – mir hunn dat scho vun eisem Här Schäffen héieren – en vue vun der Realisatioun vun enger neier Zone artisanale als Erweiderung vun der Zone industrielle Haneboesch. Et leie genuch Demandë vir.

Eng Reussite fir d'Zone d'activité Haneboesch, déi sech och weiderhin als ganz positiv entwéckelt. En plus ass et net vun Onmutt. Dës Strooss huet kee schéint Bild ofginn. Mir hoffen, dass dës Strooss dann net méi als Ofstellgleis vun allem, wat esou op Rieder steet, benotzt gëtt, sou wéi elo. An datt d'Chauffeuren och deen néidegen Encadrement kréien.

D'DP stëmmt dëse Punkt 2 vum Ordre du jour. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Madamm Saeul. Den Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegen a Kolleeginnen am Gemengerot, et ass elo scho vill gesot ginn iwwert den Detail vum Projet. Als déi Lénk begréisse mir, dass dat endlech amenagéiert gëtt. Wat wichteg ass. Wou och eise Vertrieder an der Verkéierskommissioun sech ëmmer erëm domadder befaasst huet a probéiert huet, dass do eppes weidergeet.

Vu dass déi Strooss ugrenzt un den Terrain, wou de Costantini kënnt, wollt ech e puer Froe stellen. Well do vun der nationaler an eng kommunal ëmklasséiert ginn ass, wollt ech froen, wat do elo vu Regele gëllen, fir déi dote Parzell. Ob dat déi nämmlecht si wéi bei deenen anere kommunale Parzellen. Oder ob éischter déi national Regele gëlle beim Amenagement vun där Parzell.

Zum Beispill: Bei eise kommunalen hu mer gutt Ureizer, wat d'Reewaassernotzung, d'Beplanzungen, d'Unzuel u Parkplazen, déi zum Deel limitéiert sinn, ugeet. Souwäit ech mech informéiert hunn, ass dat am Kontrakt vun där Parzell Costantini net esou virgesinn.

Op där anerer Säit ass awer virgesinn, dass 10% vun der Fläch als Zone de verdure soll reservéiert sinn. Wat bei deem ganzen Terrain 13 Ar géif ausmaachen. Well den Terrain ass 1,3 Hektar. Do wollt ech nofroen, ob dat méi gekläert ass. Well op verschidden Nofroen hin, ass bis elo nach keng Kloerheet komm an där Saach. An dat ass jo awer direkt ugrenzend. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Tempels, w.e.gl.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, am Punkt 2a) gëtt déi sougenannte rue des Ligures zu Nidderkuer, laanscht d'Trägerlager erof, nei gemaach. Well do d'Réier, déi am Buedem leie fir d'Reewaasser, futti sinn. De Käschtepunkt, deen un eis Gemeng fält, sinn 1.710.000 Euro.

Wat eis besonnesch freet ass, wann dës Staatsstrooss fäerdeg ass, fält se un d'Gemeng. Se wäert duerno méi flott sinn. A mir hoffen, datt se duerno net méi zu engem vun de Schandflecker hei an Déifferdeng gehéiert. D'CSV stëmmt mat Jo. Merci.

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *rappelle qu'il est question du réaménagement de la route nationale 31 à Niederkorn, c'est-à-dire du prolongement de la rue des Ligures vers la zone Haneboesch.*
*La commune construira ou modernisera les infrastructures routières. Du côté de la voie ferrée, des places de stationnement et un trottoir seront aménagés pour les voitures et les camions.*
*De l'autre côté, il y aura un trottoir et une piste cyclable. Un nouveau canal pour eau de pluie sera construit à partir du coin de la route de Bascharage en direction de la route nationale 31.M. Ulveling a déjà fourni les explications.*
*La zone industrielle Haneboesch sera agrandie. Les demandes ne manquent pas.*
*Actuellement, la route en question ne donne pas une belle image de la ville. Christiane Saeul espère qu'à l'avenir, elle ne servira plus de dépotoir pour véhicules non utilisés. Les camionneurs devront être encadrés adéquatement.*
*Le DP approuvera le point 2 de l'ordre du jour.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate que de nombreux détails ont déjà été donnés. Déi Lénk salue l'aménagement du site. Le représentant du parti au sein de la commission de la circulation a poussé en faveur de ces travaux.*
*La route jouxte le terrain où s'installera Costantini. La parcelle ayant été reclassée, quelles sont les règles appliquées : celles communales ou celles nationales ? Car le contrat portant sur la parcelle de Costantini ne semble pas tenir compte des règles communales en matière d'utilisation d'eau de pluie, de plantations et de places de stationnement. En revanche, 10 % de la surface — soit 13 a — sont réservés pour une zone de verdure.*
*Pour Gary Diderich, les choses ne sont pas claires.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *rappelle que la rue des Ligures le long du hangar à Niederkorn sera refaite, car les canalisations sont cassées.*
*Pour la commune, les frais se montent à 1 710 000 €.*

*Lorsque cette route nationale sera terminée, elle deviendra communale. Guy Tempels espère qu'alors, elle ne fera plus tache à Differdange.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *soutient le réaménagement en question. Il est important que l'eau de pluie ne soit pas canalisée vers la station d'épuration,*
*Le problème des camionneurs est connu depuis longtemps. Ils s'abritent, cuisinent et passent la nuit dans des conditions lamentables. Or ils doivent pouvoir se laver et aller aux toilettes. L'entreprise qui est livrée par les camionneurs n'est pas la seule responsable. Ceux qui prennent les commandes et qui leur versent un salaire représentant un tiers du salaire minimum luxembourgeois le sont aussi.*
*Ali Ruckert salue le fait que la commune essaie d'améliorer leurs conditions.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *constate que pour le moment, il s'agit toujours d'une route nationale. C'est pourquoi la commune n'a pas pu intervenir plus tôt.*
*M. Schwachtgen a mentionné les chauffeurs. Le collège échevinal précédent est intervenu plusieurs fois en leur faveur. Ils ont par exemple le droit d'entrer dans l'usine à hauteur du portail 3 pour se laver et manger. Mais cette route-ci était sous la responsabilité du ministère de l'Économie. Fred Bertinelli est content que les choses avancent enfin.*
*M. Ulveling a dit que la route allait devenir plus étroite. Or chaque jour, des centaines de camions se rendent au centre logistique de l'Arbed et auprès de l'entreprise de construction. Fred Bertinelli ne comprend pas pourquoi la largeur de cette route doit être modifiée. Avec les trottoirs, elle sera de toute façon plus étroite. Une barrière risquerait par ailleurs d'occasionner des embouteillages. Fred Bertinelli demande au collège échevinal de revoir sa position. La route est courte et n'a pas besoin d'être rétrécie. Il est question d'un centre logistique et d'une entreprise de construction, et pas d'un lotisse-*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Ruckert, w.e.gl.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei soen, dass mir dee Reamenagement ënnerstëtzen. An dass mer et ganz gutt fannen, dass do eng Kanalisatioun gebaut gëtt. Dass d'Reewaasser eben net an eng Kläranlag kënnt, mä an d'Natur zréckgefouert gëtt.

Wat d'Problematik vun deene Chaufferen ugeet, déi ass zënter Laangem bekannt. An een, deen eng Kéier dohinner gaangen ass, deen huet gesinn, ënner wat fir lamentabelen Ëmstänn déi do, ech géif soen, hause mussen, kache mussen an iwwernuechte mussen. An et ass natierlech e Minimum, fir dofir ze suergen, dass déi ënner normalen hygienesche Bedéngunge sech do wäschen kënnen oder kënnen op d'Toilette goen.

Leider ass dat ebe keen Eenzelfall. Et ass och net esou, dass nëmmen dee Betrib, deen eppes ugeliwwert kritt, dofir zoustänneg ass. Mä och déi Betriber, déi d'Commande unhuelen an déi hir Chaufferen esou bezuelen, dass se nëmmen 1/3 oder d'Halschent vum Lëtzebuerger Mindestloun ausmaachen. Ech wëll dat awer och an deem Zesummenhang soen, well dat gëtt natierlech dacks vergiess.

Wéi gesot, ech begréissen et, wann d'Déifferdenger Gemeng elo ee wichtege Schrack an déi Richtung mécht, dass et deenen e ganz klengt bësse besser geet.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Den Här Fred Bertinelli nach.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, ech si relativ frou, datt dee Projet do an Ugrëff geholl gëtt. Ech si mer net sécher, et ass jo nach ëmmer eng Staatsstrooss? Et ass jo nach keng Gemengestrooss? Duerfir konnte mer jorelaang do net intervenéieren. Et si vill Saachen hei gesot ginn, wat d'Chaufferen ugeet. Och wat den Här Schwachtgen gesot huet. Wou de Schäfferot virdru schonn ëmmer intervenéiert huet, fir datt déi Chauffere sech kéinte wäschen a Plazen hätten.

Mir hunn et net iwwerall fäerdegbruecht. Mä fir d'Portal 3 hu mer et fäerdegbruecht. Do däerfe se an d'Wierk eran. Do hu se d'Méiglechkeet zur Verfügung gestallt kritt, fir wéinstens e Lavabo ze hunn an eng Plaz, wou se hir Schmier iesse kënnen. Dat war de Schäfferot vu virdrun, deen dat fäerdegbruecht huet.

Mä hei huet d'Strooss der Ekonomie gehéiert. A mir wësse jo, wat fir Problemer mer als Gemeng haten. Wat an där Strooss do lass war, déi Jore virdrun. Duerfir si mer frou, datt dat elo endlech e Stéck gëtt, an datt déi Strooss ganz amenagéiert gëtt.

Wou ech mer awer Froe stellen: Här Ulveling, Dir hutt gesot, déi Strooss soll méi enk gemaach ginn, wat ech net esou richteg verstinn. Et ass e Logistikzenter do, dee Gréisste vun der ARBED Déifferdeng. Wou all Dag honnerte Camionen erafueren. Et ass eng Entreprise de Construction do, wou all Dag vill Camionen erafueren. Ech gesinn net esou richteg an, firwat déi Strooss, déi relativ kuerz ass, muss méi enk gemaach ginn. Ech mengen, wann een elo kuckt, datt d'Trottoirë schonn op d'Säit kommen, wat dat Ganzt scho méi enk mécht.

Et misst een och net eng Barrière do bauen, wann do déi sëlleche Camione kommen. Net datt mer herno do erëm e Stau kreéieren, dee vläicht am Ufank net néideg wier. Ech mengen, dat sollt een eng Kéier iwwerkucken. Esou grouss ass déi Strooss net. A wie weess, wéi vill Camionen do den Dag eran- an erausfueren, wa se lueden? Wéi se stinn, wa se eran- an erausfueren? Do weess ech net, ob dat opportun wär, datt déi Strooss soll méi enk gemaach ginn.

Dat ass kee Wunnquartier. Si ass an enger Zone industrielle. Et schéngt mer iergendwéi kee Sënn ze maachen, déi Strooss, déi praktesch fir d'Industrie ass, méi enk ze maachen. Wou e Logistikzenter ass, an eng grouss Entreprise

de Construction. Wou all Dag Camionnetten a Camionen eran- an erausfueren. Et ass jo net, datt mer do wëllen e Wunnquartier verkéiersberouegt maachen. Well dat si grouss Maschinnen, déi do fueren. Ech géif Iech bieden, Iech dat nach eng Kéier ze iwwerleeën.

Dann hätt ech eng aner Fro, Här Ulveling. Do wollt ech Iech froen, wéi vill Parkingen dohinner kommen. Dir wësst, datt de Schäfferot virdrun dem Restaurateur Dimmi Si erlaabt hat, bis deen Zoning hannert sengem Restaurant fäerdeg wier, op Gemengenterrain Parkingen ze maachen. Dat huet sech bei de Leit an de Käpp agewuess. Déi Leit alleguerten, déi dee Restaurant besiche ginn, stelle sech do hannendrun.

Well jo a kuerzer Zäit, wann deen Zoning do gebaut gëtt, och déi Parkinge wäerte verschwannen, wär et awer bluttnéideg, wann ee wéisst, wéi vill Parkingen an där Strooss wären. Fir datt dee Betrib kéint esou weider bestoen a seng Clientèle net allze wäit ewech kéint parke goen. E bësse méi wäit wéi bis elo, mä awer net allze wäit ewech vun deem Restaurant. Ech soen Iech Merci fir d'Äntwert.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Ulveling, w.e.gl.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech muss elo mäi Bräll huelen, fir ze zielen. D'Parkplaze sinn um Plang agezeechent. Ech hu se net gezielt. Mä Dir kënnt se awer zielen, Här Bertinelli. Oder ech reechen Iech et no. Mä et ass um Plang ze gesinn. Am Dossier gesitt Der, wéi vill Parkplazen et sinn. Et ass op där Säit zum Dimmi Si, wou déi Parkplaze sinn.

Déi aner Fro: Ech mengen, mir wëllen net, dass dat duerno eng Rennstreck gëtt, wou op eemol owes Courssen ofgehale ginn. Dofir ass op zwou Plazen esou eng Insel ausgebaut. Dat ass gemaach, fir dass een net do renne soll. Et ass awer kee Problem, dat ass jo vun den Ingenieursbüroe gekuckt ginn, dass d'Camionen natierlech laanscht oder derduerch kommen. Et géif jo kee Sënn maachen, eng Strooss ze bauen, wou déi Leit, fir déi déi Strooss am Fong gebaut ass, se net kéinte benotzen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans et devis relatifs au réaménagement routier (part étatique) et à nouvelle canalisation d'eaux pluviales entre la RN 31 à Niederkornet la Chiers (part communale).*

Deen nächste Punkt ass och e wichtege fir eis Stad. „Jamais deux sans trois," kéint ee soen. Dat hei ass dat drëtt Gebai, wat mer wäerte fir de Staat bauen. Dat heescht, mir mussen eis Saach zimlech gutt maachen, Här Ulveling. Mir sinn natierlech frou, dat däerfen ze maachen. Mä ech mengen, wann een dräi Gebaier fir de Staat gebaut huet, datt mir esou lues awer un eis Limitte kommen.

Ech erënneren un de Provisoire, un d'Police-Gebai, wat mer am Gaang sinn um Contournement. Wou mer an der leschter Ligne droite sinn. Dat hei ass d'Primärschoul vun der europäescher Schoul, déi dohinner kënnt, wou d'Chiershal ass. D'Chiershal wäert elo am Summer ofgerappt ginn. Dann ass déi nei Hal zu Uewerkuer och fäerdeg.

Dëst sinn d'Detailer vun där Schoul, déi mer bauen. Deen Dag, wou se fäerdeg ass, gi mer de Schlëssel of a kréien déi sämtlech Fraisen a Suen, de Préfinancement – dat steet alles am Dossier – vum Staat erëmbezuelt. Mat den Zënsen, mat deene Leit, déi um Projet schaffen. Mä ech mengen, et géif awer esou lues duergoen.

Här Ulveling, w.e.gl.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, dat hei ass e flotte Projet, mä et ass awer och en deiere Projet. Dat muss een och hei soen. Et ass en anere Standard wéi deen, dee mir eis beispills-

*ment. Les camions circulant sur ce site ne sont pas petits.*
*Fred Bertinelli demande ensuite combien de places de stationnement seront aménagées. Le collège échevinal précédent a permis au restaurant Dimmi Si d'aménager des emplacements jusqu'à ce que la zone derrière soit construite. Désormais, les clients sont habitués à se garer à cet endroit, mais les places vont disparaitre une fois la zone construite. Pour le restaurant, il est important que les clients n'aient pas à se garer trop loin du local.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que les places de stationnement figurent sur les plans, mais il aurait besoin de lunettes pour les compter. Il se renseignera et communiquera le nombre à M. Bertinelli.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *confirme que la réponse figure dans le dossier.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que le collège échevinal ne veut pas que cette route devienne une piste. C'est pourquoi deux ilots y seront aménagés. Bien entendu, les ingénieurs ont veillé à ce que les camions puissent y circuler. Aménager une route inutilisable pour ceux qui doivent s'en servir n'aurait aucun sens.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe au point suivant. Il s'agit du troisième bâtiment que la commune construit pour l'État. Le collège échevinal en est content, mais estime que la commune atteint les limites de ce qu'elle peut faire.*
*Roberto Traversini mentionne le lycée provisoire et le commissariat de police. Cette fois-ci, il est question de l'école primaire de l'EIDE sur le site du hall de la Chiers. Celui-ci sera démoli cet été. Entretemps, le hall polyvalent d'Oberkorn sera fini.*
*Pour ce qui est de l'école, elle sera entièrement remboursée par l'État, intérêts et rémunérations inclus. Malgré tout, Roberto Traversini trouve que cela suffit.*

**TOM ULVELING (CSV)** *constate que le projet est onéreux. Le standard est différent de celui de l'école du Mathendahl construite par la commune.*
*La commune construit une école primaire internationale pour l'État parce que le collège échevinal est gentil. Le devis se monte à près de quarante-millions d'euros. Tom Ulveling espère que la barre des quarante millions d'euros ne sera pas dépassée en raison d'une quelconque augmentation.*
*Un emprunt sera nécessaire pour préfinancer le projet. Les frais seront entièrement remboursés. Pour la Ville de Differdange, il s'agit donc d'une opération neutre.*
*Le bureau d'architectes Brück + Weckerle a été chargé de la réalisation du projet. L'école sera construite sur le site du hall de la Chiers entre la rue du Gaz, l'école professionnelle, le nouveau lycée et le CID.*
*La structure accueillera 435 élèves, dont 60 dans le préscolaire et 375 dans le primaire. Il s'agit d'une école à plein temps.*
*Trois salles de classe, une cantine et une aire de jeux sont prévues pour le préscolaire, et quinze salles de classe, deux salles d'apprentissage, quatre salles de différenciation, deux salles spéciales, une salle créative, une salle de sport, une bibliothèque et un restaurant sans cuisine de production pour le primaire. Les repas seront préparés dans le lycée.*
*L'école comprendra aussi une salle de psychomotricité, une salle de défoulement, une cuisine pédagogique, une salle pour jeux de rôle, deux salles de construction, un espace « babyfoot » et un espace de relaxation. Bien entendu, il y aura aussi des bureaux, un parloir, une loge pour le portier, deux cours de récréation, une aire de jeux écologique et les locaux techniques et sanitaires.*
*Le projet a été accompagné par un spécialiste en acoustique et un expert en baubiologie. La Sécurité dans la fonction publique, l'Inspection des travaux et des mines, le Centre d'incendie et de secours, la Direction de la santé et l'Administration de la gestion de l'eau ont participé à la planification.*

weis am Mathendahl an eiser Schoul leeschten. Dat musse mer och emol bemierken.

Mir, d'Gemeng, baue fir de Staat, well mer fäi Jonge sinn. De Buergermeeschter huet et grad gesot, mir bauen eng Primärschoul fir d'École internationale. Den Devis läit ganz no bei 40 Milliounen Euro. E Montant, wou een am Fong hätt missen e Gesetz maachen, fir e Projet vun esou enger grousser Envergure an d'Wee ze leeden. An ech hoffen, dass mer do net an d'Bredouille kommen duerch iergendwellech onvirgesinn Deierechten, a mer déi Grenz iwwerschreide vun deene 40 Milliounen Euro.

Fir d'Finanzement, dat huet de Buergermeeschter eis gesot, gëtt en Emprunt opgeholl. D'Käschte vun dësem Emprunt, mat sämtleche Fraisen, dréit de Staat. Mir kréien alles erëmbezuelt. Eis Ingenieurin, déi vill un dësem Projet schafft, gëtt natierlech och rembourséiert, fir déi Zäit, wou se dorunner schafft. Fir d'Stad Déifferdeng ass et, in fine, eng Nulloperatioun um finanzielle Plang.

Méi elo zum Projet selwer. Ech wäert Iech fir d'éischt d'Eckdate vun deem Projet virstellen an duerno d'Pläng kommentéieren an explizéieren. De Projet ass vum Architektebüro Bruck + Weckerle an Optrag gi ginn. Wéi de Buergermeeschter grad gesot huet, kënnt se op de Site, wou deen Hall de la Chiers steet, deen am Juli ofgerappt gëtt. Also tëschent d'rue du Gaz, tëschent d'Léierbud, tëschent den neie Lycée an tëschent de CID gëtt am Quartier Arboria dës nei Schoul gebaut.

D'Eckdate wäert ech Iech elo presentéieren. Et ass eng Struktur, déi gebaut ass fir 435 Schüler. Dovunner sinn der 60 am Préscolaire an 375 am Primär. Dat Ganzt soll als Ganzdagsschoul fonctionnéieren. Dofir sinn esou vill zousätzlech Säll zu de Klassesäll an dësem Projet virgesinn. Dat wäert Der duerno op de Pläng gesinn. Well, wéi gesot, d'Kanner vu mueres bis owes sech do wäerten ophalen.

Am Préscolaire sinn dräi Klassesäll virgesinn, mat enger Restauratioun an enger Spillplaz. Fir de Primär si virgesinn: 15 Klassesäll mat zwou Salles d'apprentissage, véier Salles de différenciation, zwou Salles spéciales fir, zum Beispill, Éducation musicale, eng Salle d'art, e Kreativraum, eng Sportshal vu 15x27 Meter, eng Bibliothéik an e Restaurant, awer ouni Produktiounskichen.

D'Produktioun vun deem, wat do zerwéiert gëtt, gëtt am Lycée gemaach. Dat gëtt dann eriwwerbruecht. Soudass just d'Preparatioun op der Plaz fir d'Verdelung wäert an deem heite Gebai gemaach ginn.

Dann ass nach virgesinn: eng Salle de psychomotricité, eng Salle de défoulement, eng Cuisine pédagogique, e Rollenspielraum, eng Salle de construction I an eng Salle de construction II, e Kreativraum, e Jugendhausraum, en Espace Kicker, en Espace Chill-out.

Doniewent natierlech déi néideg Büroe fir d'Administratioun, e Parloir an eng Loge fir de Portier. Souwéi technesch Lokaler an zwou grouss Pauseflächen. Déi eng e bësse méi fir de Préscolaire, déi aner méi fir de Primär. An eng Naturspillplaz. Natierlech sinn och sämtlech Sanitärsariichtunge virgesinn.

De Projet ass vun engem Akustiker an engem Baubiolog begleet ginn. En ass, wéi Der Iech virstelle kënnt, vun der Sécurité dans la fonction publique, vun der Inspection des Travaux et des Mines, vum Centre d'incendie et de sécours souwéi vun der Direktioun vun der Santé a vun der Administration de la gestion de l'eau ofgeholl an ass zesumme mat deene geplangt ginn.

Et ass e Gebai mat Rez-de-chaussée plus zwee Stäck. D'Surface brute ass 9.300 Metercarré. D'Surface nette d'exploitation ass 4.700 Metercarré. De Volumen ass 39.000 Meterkibb. Den Terrain, op deem gebaut gëtt, huet 75 Ar. Dovunner gehéiere 70 Ar der Gemeng Déifferdeng. An déi aner fënnef gehéieren der École professionnelle vun Déifferdeng.

Den Devis estimatif ass am Moment 34.625.000 Euro, TTC. Ech wëll och soen, wa mer relativ schnell den Accord vum Ministère kréien, da kéinte mer de 7. Juni ausschreiwen. Den 1. Oktober 2019 wär den Début des travaux. An et géif dauere bis den 1. Abrëll 2022 – dat

ass keen Abréllswitz –, bis déi Schoul fäerdeggestallt wär.

Hei entsteet e risege Campus. Op dësem Campus wäerte sech 1.675 Schüler à terme ophalen. Am Lycée sinn 800 Schüler virgesinn. Am Enseignement préparatoire 450 Schüler. An der Primärschoul, wéi ech virdru gesot hunn, wäerte mer eng 425 Schüler ophuelen. Dat ass schonn eppes Flottes, wat hei entsteet. Wat eng ganz eegen Dynamik wäert hunn.

Den Accès wäert haaptsächlech iwwert d'rue du Gaz goen, fir op dee Campus ze kommen. Et ass och virgesinn, dass an déi Strooss, déi parallel zum Science Center geet, d'Busse mat de Kanner erafueren, d'Kanner da beim Lycée oflueden an duerch d'rue du Gaz erëm fortfueren. Soudass do nei Zirkulatiounsweeër entstoe wäerten.

Et wäert en energieeffizient Gebai ginn. Wann ech vun Energieeffizienz schwätzen, da gëtt et eng Energieklass AAA. Dat ass deen neie Standard vun 2020, mat enger immens gudder Wärmedämmung an thermeschen Eegenschafte vun de Fënsteren. Et gëtt eng hygienesch Be- an Entlüftung vum gesamte Komplex, mat engem héije Wärmeréckgewënnungsgrad. Déi ganz Beliichtung am Projet gëtt mat LED-Luuchte virgeholl.

Wat ganz flott ass, et entsteet e Gréngdaach mat enger integréierter Photovoltaikanlag, déi eng Leeschtung vun 200 kWp huet – ech weess net, wat dat heescht. De Georges ka mer dat soen.

#### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Kilowatt.

#### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Kilowatt. Dat entsprécht enger Surface vu 1.500 Metercarré, déi do kéint als Photovoltaikanlag amenagéiert ginn.

Da mengen ech, wär et elo vläicht besser, mir géifen Iech de Rescht op de Pläng weisen. Fir dass och eis Frënn vun der Press verstinn, wéi dat opgebaut ass.

**D'Pläng fannt Dir op de leschte Säite vun dësem Infoblat**

Hei ass dat berühmt Gebai, wat soll entstoen. Hei hu mer de CID. Hei ass d'Léierbud an de Science Center. Hei hutt der den neie Lycée. Hei hutt der de Provisoire. An hei ass d'rue du Gaz. D'Busser kommen hei eran, fueren hei eriwwer, loossen d'Kanner eraus a fueren iwwert dee Wee do eran.

Wärend där ganzer Chantiersphas wäert natierlech gekuckt ginn, dass d'Kanner wierklech e sécheren Zougang zur aktueller Schoul wäerten hunn. Et ass e bësse komplizéiert, well op där anerer Säit och den Tower gebaut gëtt. Et ass virgesinn, dass déi do Strooss, déi den Agank zur Léierbud mécht, duerno als Strooss wäert benotzt ginn. Awer net fir de Verkéier, just fir Kanner a Vëloen. Dat gëtt amenagéiert. Hei kënnt e Vëlosstänner hin, fir dass d'Kanner ouni Gefor op de Site kommen.

Wat interessant un deem Gebai ass, Dir gesitt, dat ass e Cube. Am Zentrum vum Cube ass d'Sportshal. Do sinn d'Vestiairen. A kranzfërmeg ronderëm hutt Der am Fong d'Gebai, wou déi sämtlech Säll an Infrastrukturen ugeluecht sinn.

Et bestinn zwee Accèsen. Den Haaptaccès ass hei. Deen zweeten Accès ass iwwert de Schoulhaff, deen immens flott ass, well deen esou ronn ass. Bannendran ass en naturbeloossenen Terrain, wou wäerte Beem a Gréngflächen hikommen.

Da gi mer virun. Hei ass de Problem, dass mer ee Gefäll vun zwee Meter hunn, vun hei op do. Dofir ass déi ronn Ramp virgesinn, fir op d'Schoulgebai ze kommen. Déi eng Säit eng Ramp fir behënnert Leit oder Kanner. An déi aner Säit eng Ramp mat Trap. An dann ass hei en Agank. An den Haaptagank ass am Fong do an der rue du Gaz.

Hei hutt Der déi ganz Infrastruktur vum Préscolaire, mat den dräi Klassesäll, engem Restauratiounssall, engem iwwerdeckte Preau, kann ee soen, wou ee sech awer och kann hisëtzen. Si hunn e Spillraum, wou se sech defouléiere kënnen.

Dee ganzen Trakt vun der Loge, vum Accueil, deen ass hei. Hei gesitt Der

*Le bâtiment fait trois étages. La surface exploitable est de 4700 m². pour un volume de 39 000 m³ sur un terrain de 75 a. Le devis se monte à 34 625 000 € TTC. Les travaux devraient commencer le 1er octobre et se terminer le 1er avril.*

*À terme, le campus accueillera 1675 élèves : 800 au lycée, 450 dans l'enseignement préparatoire et 425 dans le primaire.*

*L'accès se fera par la rue du Gaz. Les bus accèderont au site par la route longeant le Science Center et le quitteront par la rue du Gaz.*

*Le bâtiment sera efficient et de classe AAA. Il sera bien isolé et équipé d'un récupérateur sur air vicié. Un éclairage par LED et une toiture écologique avec un système photovoltaïque de 200 kWp sont également prévus. Tom Ulveling avoue ne pas savoir ce que « kWp » signifie.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond qu'il s'agit de kilowatts.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que l'installation photovoltaïque aura une surface de 1500 m².*

*(Interruption)*

*Tom Ulveling propose de regarder les plans pour bien comprendre comment le bâtiment est construit.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *se dit curieux de voir cela.*

**TOM ULVELING (CSV)** *indique les différents bâtiments sur les plans. Il montre par où passeront les bus et où les enfants descendront.*

*Pendant les travaux — la tour est en train d'être construite de l'autre côté —, il faudra veiller à ce que les enfants accèdent au site en toute sécurité. La route permettant d'accéder à l'école professionnelle sera fermée à la circulation et aménagée pour les enfants.*

*Le bâtiment constitue un cube avec une salle de sport au centre. Les salles se situent autour. L'école dispose de deux accès. À l'intérieur, il y aura des espaces verts et des arbres.*

*Deux rampes permettront d'entrer dans le bâtiment : une pour les personnes handicapées et une avec des escaliers.*

*Tom Ulveling montre ensuite l'entrée principale et une deuxième entrée.*
*(Interruption et discussions)*
*Tom Ulveling demande s'il peut continuer.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *rappelle qu'il s'agit d'une séance de conseil communal.*

**TOM ULVELING (CSV)** *passe au préscolaire avec les salles de classe, la salle de restauration et le préau couvert. Une salle de jeux permettra aux enfants de se défouler.*
*Tom Ulveling montre ensuite la partie réservée à l'accueil. Les vestiaires se situent sur un niveau et la salle de sports sur deux niveaux. L'établissement compte également un restaurant.*
*La zone de livraison des repas est relativement grande.*
*Le bâtiment contiendra trois cages d'escalier.*
*Le premier étage accueillera les cycles P1 et P2.*
*Le toit des vestiaires sera accessible et équipé de jeux. L'escalier et le toboggan mènent à l'étage supérieur, le toit de la salle de sport. Une partie du toit servira à organiser des activités, mais les enfants pourront aussi y accéder en dehors des cours.*
*Tom Ulveling mentionne ensuite six salles de classe, une salle pour le personnel, une salle d'art, deux salles de différenciation, une salle d'apprentissage, une bibliothèque, une salle de jeux de rôle, une salle de construction et une salle de repos.*
*Le toit de la salle de sport comprend une surface où les enfants pourront jouer en plein air. Autour se trouvent les différentes salles: neuf salles de classe, deux salles de différenciation, une salle de musique, une salle de construction, une salle de création, une salle d'équipe…*
*La partie écologique du toit comprendra une surface de rétention et un système photovoltaïque. La cave accueillera l'équipement technique. Tom Ulveling montre le toit du bâtiment et le toit vert sur le plan.*
*Il passe ensuite à la cour de récréation avec deux entrées. La salle de sport est en jaune. Il montre une* d'Vestiairë vun der Sportshal, déi hei ass. D'Vestiairen hunn een Niveau an d'Sportshal huet zwee Niveauen. Duerno wäert ech Iech erklären, firwat dat esou ass. Dann hu mer hei de Restaurant, wou d'Kanner iesse kënnen. Dee ganzen Trakt hei, d'selwecht wéi beim Préscolaire, mat baussen engem iwwerdeckte Preau, wou se am Summer dobaussen iesse kënnen. Wou awer och Aktivitéite stattfanne kënnen, déi dann eben iwwerdeckt sinn.

An dann ass hei dee ganze Beräich, wou ech Iech virdrun erkläert hunn, wou d'Iessen ugeliwwert gëtt vun där anerer Säit. Wat am Lycée produzéiert an dann hei ugeliwwert gëtt. Also do preparéiert gëtt, an dëse Raim, an dann eben hei zerwéiert gëtt.

Et gëtt dräi Trapenhaiser. Da gi mer e Stack driwwer. Dat ass also den éischte Stack. Dat ass fir de Cycle P1 a P2. Wat flott ass, wéi ech Iech gesot hunn, ronderëm hu mer d'Klassesäll an all déi funktionell Raim. Dat do ass den Daach vun de Vestiairen. Deen ass zougänglech. An op deem Daach si Spillflächen, respektiv ass geduecht, dass d'Schüler sech do ophale kënnen.

Do gesitt Der déi Trap mat enger Rutschbahn, déi féiert op de Stack driwwer, op den Daach vun der Sportshal. Dat wäerte mer an deem nächste Plang gesinn, wou och nach esou eng Fläch ass. Wou immens vill Fräiraum ass. Dann déi ganz Partie hei, wou d'Kanner sech ophale kënnen, wa se Aktivitéiten hunn, respektiv wa se keng schoulesch Saache musse maachen.

Déi Bausseflääch hunn ech Iech erkläert vun de Vestiairen. Dann hu mer sechs Klassesäll, en Teamraum fir d'Personal, wou d'Enseignanten an d'Erzéier sech treffe kënnen. Eng Salle d'art, zwou Salles de différenciation, eng Salle d'apprentissage ouvert, eng Bibliothéik, e Rollespillraum, e Konstruktiounsraum an e Rouraum.

Da gi mer ee Stack méi héich. Do gesi mer drënner, dat ass den Daach vum Vestiaire. Hei ass den Daach vun der Sportshal. Wou den Accès, entweder vun hei oder vu bannen, dohikënnt. Do ass och erëm eng Fläch, wou d'Kanner sech ophale kënnen, wou se spille kënnen, wou och Loft ass.

An hei hutt Der dann erëm eng Kéier kranzfërmeg ronderëm déi sämtlech Schoulraim. Dat sinn néng Klassenzëmmeren, zwou Salles de différenciation, e Museksraum, e Jugendhausraum, e Konstruktiounsraum, e Kreativraum an en Teamraum.

Um Daach vun dësem kranzfërmegen Deel, do ronderëm, dat ass, wou de Gréngdaach entsteet. Wat eng Retentiounsfläch ass. A wou sech och déi Photovoltaikanlag befanne wäert. Am Keller ass nëmmen d'Technik dran.

Hei hutt Der am Fong den Daach vum Gebai. Dat anert ass jo op. An do, dat ass alles de Gréngdaach, wou déi Photovoltaikanlag wäert hikommen.

Do hutt Der e puer Schnëtter, do gesitt Der de Pausenhaff. Do ass een Accès, déi eng Entrée. An déi aner Entrée wär dann hei. An do gesitt Der d'Sportshal. An hei gesitt Der ganz flott, wéi déi zwee Diech benotzt ginn, och mat der Trap, fir vun deem engen op deen aneren Niveau kënnen ze kommen. Mä et kënnt een natierlech och vun all Niveau direkt drop. Déi kënne praktesch am Zentrum vun deem Cube benotzt ginn als Fräifläch, fir Aktivitéiten ze maachen. Dat zur Presentatioun.

Ech wollt nach eppes zur Fassad soen. Dat ass eng Wand aus massivem Bëtong, mat 26 Zentimeter Dämmung aus Steewoll. Do ass eng Loftschicht dertëscht. Do ginn dann esou Fassadenelementer aus Metall dropgesat. Sou wéi Der se och gesitt bei der aktueller Provisoire-Schoul. Dee ganze Cachet soll am Fong un dat anert erënneren, e Gesamtbild ginn. Dat sinn also vertikal Lamellen aus Aluminium.

Da wollt ech nach soen, wat d'Materialien ugeet. An d'Turnhal kënnt Parquet. An d'Gäng kënnt deelweis Terrazzo. An d'Schoulraim kënnt deelweis Parquet oder eng Aart Linoleum. Op d'Spillflächen dobausse kënnt Fallschutzbelag. An an déi Fläch, dee Rondel, deen Der gesinn hutt, wou een en Accès zum Gebai huet, do kënnt Terraway hin. Dat ass e waasserduerchlässege Belag.

De Käschtepunkt hat ech Iech erkläert, dat si 34,6 Milliounen Euro. Wat net näischt ass. Mä et ass e flott Gebai. Dat hutt Der gesinn. Et ass originell, fannen ech, vun der Konzeptioun hier. An ech

wär frou – et kascht eis jo och näischt direkt –, wann Der eis géift den Aval ginn, fir dat doten ze stëmmen. Da kéinte mer an d'Prozedur goen an hoffen, dass dat, wat mer do opriichten, fir d'Zukunft wäert e Modell sinn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tom Ulveling, fir déi flott Presentatioun. Här Muller, w.e.gl.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och fir d'Presentatioun. Et ass elo vill gesot ginn. Ech ka vläicht op e puer Saachen agoen. Et handelt sech, wéi mer héieren hunn an och scho wëssen, ëm e Schoulgebai fir de Primär fir d'EIDE. A Form vun enger Ganzdagsschoul. Et ass wichteg, dat ze soen. Hei ass de Modell Ganzdagsschoul um Niveau Primär, wéi si soen. Si schwätzen net vu Grondschoul, mä si schwätze vu Primärschoul. Duerfir och P1, P2 an esou weider, si fueren net mat Cyclen, wéi dat an eisem Enseignement momentan de Fall ass.

Déi Schoul ergänzt an enger éischter Phas de Campus scolaire, deen hei soll entstoen. Mat engem Lycée provisoire, dee schonn a Betrib ass, fir 450 Schüler. A mat engem Lycée fir Enseignement secondaire, dee mam Bac européen ofschléisst, fir 800 Schüler. Deen 2020 soll fäerdeg ginn. Ech hunn allerdéngs gesinn, dass déi lescht Zäit do net vill geschitt. Do muss iergendee Problem sinn, well et geet net esou richteg virun, momentan.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Si si bannendran am Gaang.

**ERNY MULLER (LSAP):**

D'Primärschoul, iwwert déi mer haut befannen, ass virgesi fir 375 Schüler. An zousätzlech 60 Kanner an dem Precoce. Wat schonn en zimlech héije Chiffer gëtt, vu 435 am Ganzen.

Mir konnten, unhand vun den Explikatioune vum Här Ulveling a vun de Pläng, erkennen, wat fir Funktiounen a Klassesäll, awer och e Sportsfeld geplangt sinn. Ech nennen dat keng Sportshal, dat ass e Sportsfeld. Awer dat geet hei och duer.

Duerch déi Ganzdagsschoul ass d'Méiglechkeet grouss, dat Sportsfeld vill ze benotzen. Do ass jo all Dag schoul vu mueres bis zu enger gewëssener Zäit mëttes. An et sinn an deem Sënn keng fräi Nomëtteger do. Mä iwwert dee ganzen Zäitraum kann déi Hal an de Schoulbetrib matagebonne ginn. Soudass déi am Fong méi ausgenotzt ass wéi eng normal Hal oder en normalen Turnsall an enger klassescher Schoul, wéi mir dat kennen.

Dat Ganzt ass situéiert op dräi Niveauen. Dës Kéier awer – Här Ulveling, Dir konnt dat och feststellen –, am Sous-sol mat engem gréissere Volume fir technesch Raim awer och Archiven an esou weider. Ech hoffe just, dass mer do keng Iwwerraschunge kréien. Well mir haten op enger anerer Plaz op eemol am Sous-sol awer e bëssen Iwwerraschungen. Beim Lycée provisoire war net vill am Sous-sol. Hei ass wesentlech méi Volume am Sous-sol.

Energieklass AAA. Domadder si mer alleguer zefridden. Dat ass awer och de Standard, do ass näischt ze diskutéieren. D'Fassad ass aus eloxéierte vertikalen Aluminiumlamellen. Se gëtt faarweg ausgefouert. Dass se sech deene bestoende Gebaier upasst an de Charakter vum Campus scolaire am Fong erëmgëtt. Soudass een déi Zougehéieregkeet vun deene Gebaier zu engem gemeinsame Campus scolaire direkt optesch erkenne kann.

Firwat ass déi Schoul elo eréischt fälleg? Well fir d'éischt d'Chiershal muss ofgerappt ginn. An mer och an déi nei Hal zu Uewerkuer kënnen anzéien. Dat ass elo de Fall. Wou mer e bësse Retard hunn.

Ech hat d'Éier an och de Pleséier, e bëssen an déi Pläng eranzekucken, well et ware jo Virprojete gemaach ginn. An deem éischte Projet war keng esou eng grouss Schülerzuel virgesinn. An ech muss soen, dass ech d'Kompetenze vun der Architektin, der Madamm Bruck, schätzen. Ech wëll hir fir dëse Projet fe-

*nouvelle fois les deux toits accessibles aux enfants, l'escalier menant d'un toit à l'autre et les surfaces où auront lieu les activités.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *demande à M. Ulveling s'il a terminé.*
*(Discussions et intervention de M. Diderich)*

**TOM ULVELING (CSV)** *voudrait parler de la façade.*
*(Interruption)*
*Tom Ulveling propose de continuer dès que M. Bertinelli aura fini de parler.*
*La façade est constituée d'une paroi en béton massif avec une isolation en laine de roche de 26 cm. Des éléments en métal seront placés sur la façade comme sur le bâtiment provisoire actuel pour donner un cachet à l'ensemble.*
*Pour ce qui est des matériaux, un parquet sera installé dans la salle de sport. Les salles de classe disposeront soit d'un parquet, soit de linoléum. Le revêtement de l'aire de jeux sera antichoc et celui de l'accès au bâtiment sera perméable.*
*Le devis se monte à 34,6 millions d'euros. C'est beaucoup, mais le bâtiment est original et ne coutera rien à la commune. C'est pourquoi Tom Ulveling demande aux conseillers communaux de l'approuver.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate que beaucoup vient d'être dit. Il rappelle qu'il s'agit d'un bâtiment pour le primaire de l'EIDE sous la forme d'une école à plein temps. Comme il s'agit de l'EIDE, il n'y a pas de cycles et il est donc question de P1, P2…*
*Cet établissement complète le campus scolaire. Erny Muller rappelle l'existence d'un lycée provisoire de 450 élèves et la construction d'un lycée définitif pour 800 élèves se concluant par un bac européen. Ce lycée doit ouvrir en 2020, mais Erny Muller a l'impression que les choses n'avancent pas.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que les travaux ont lieu à l'intérieur.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *signale que l'école primaire dont il est question*

*aujourd'hui accueillera 375 élèves ainsi que 60 enfants dans le précoce — soit 435 enfants en tout.*
*Grâce aux explications de M. Ulveling, les conseillers communaux savent à quoi serviront les différentes salles. Erny Muller constate que ce que M. Ulveling a appelé une salle de sport est en fait un terrain de sport. Comme les enfants passeront leurs journées à l'école, le terrain sera utilisé plus fréquemment que dans une école classique.*
*L'établissement est constitué de trois niveaux. Le sous-sol accueillera l'équipement technique et les archives. Erny Muller signale que le sous-sol est plus grand que celui du lycée provisoire.*
*Le bâtiment appartient à la classe énergétique AAA.*
*La façade est recouverte de lamelles en aluminium comme pour les autres bâtiments du campus.*
*Erny Muller rappelle que le hall de la Chiers sera démoli pour faire place à cet établissement scolaire, mais une nouvelle salle polyvalente est en construction à Oberkorn.*
*Il connait l'évolution du dossier et signale qu'au début, l'école primaire devait accueillir moins d'élèves. Il salue les compétences de l'architecte, Mme Brück, et la félicite pour ce projet. Il admire l'architecture de la cour de récréation et du préau. Cette zone pourra être utilisée en été comme en hiver.*
*M. Ulveling a mentionné un toboggan, mais il n'a pas parlé du mur d'escalade.*

**TOM ULVELING (CSV)** *plaisante sur le fait qu'il voulait laisser quelque chose à M. Muller.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate que l'on a vraiment pensé à tout. Il remercie Mme Peterhänsel, qui a encadré le projet de l'EIDE et du lycée provisoire.*
*Les couts sont élevés, mais Erny Muller rappelle que l'école du Fousbann a aussi couté quelque quarante-millions d'euros.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *signale qu'elle était plus chère que cela.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *confirme les propos de M. Traversini.*

licitéieren. Well Dir hutt gesinn, dass zum Beispill do, wou de Schoulhaff ass, mat Preau an esou weider, wierklech eng flott Architektur ass. Dee ganze fräie Beräich ass och mat Parvis, soudass dat eng voll Utilisatioun ass, souwuel am Wanter wéi och am Summer. Dat ass wierklech ganz schéi gelongen.

Mir haten och eppes gelies vun enger Kletterwand, déi bannendran derduerch geet. Dat hat Der net gesot, Här Ulveling. Dir hat vu Rutschbahn geschwat.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech hunn Iech eppes gelooss.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mä et ass wierklech un alles geduecht ginn. An et ass näischt vergiess ginn.

Ech wëll och nach der Madamm Elke Peterhänsel Merci soen a felicitéieren, déi déi ganz Projete vun den EIDE-Gebaier mat begleet huet. An och speziell dësen. Wat jo een ass, dee mir erëm ganz gemaach hunn, sou wéi och schonn de Lycée provisoire.

De Käschtepunkt, Dir hutt et gesot, ass net niddreg. Mä ech erënnere mech un d'Fousbanner Schoul, déi eng ähnlech Schülerzuel huet, wou mer iwwer 40 Millioune waren. Also ass dat plus ou moins de Käschtepunkt fir am Ganze 435 Kanner.

Hei kéint ee soen, et ass eng Luxusausféierung. Et ass am Interêt vun de Kanner, an et si vill Funktionalitéiten dran. Mir bauen déi natierlech och an eisen neie Gebaier vun integréierter Schoul-/Maison relais. Do hu mer ähnlech Infrastrukturen. Duerfir muss een dat relativéieren.

Ech wëll nach e Wuert zu der École internationale soen. Et gëtt oft gefrot – et war elo erëm d'Diskussioun, och um Niveau vun der Chamber oder dem Ministère –, firwat brauche mer eng École internationale. A wat ass dat? Gëtt do d'Lëtzebuerger Sprooch komplett vernoléissegt? D'Leit maache sech Gedanken dobaussen.

Et muss een awer och gesinn – an net méi spéit wéi gëschter hu mer dat héieren –, dass vu ronn 451.000 Beschäftegter, der 75% sinn, déi net d'lëtzebuergesch Nationalitéit hunn. Also eis Wirtschaft dréit momentan nëmmen, wa mer d'Netlëtzebuerger matabezéien. An ech mengen, d'Iddi vun EIDE ass jo genau dat. Fir déi, déi net vun der Origine Lëtzebuerger sinn – an där gëtt et ëmmer manner, muss een awer och leider soen – anzebannen.

Awer dann däerfe mer net vergiessen, dass mer deenen och d'Lëtzebuerger Sprooch enseignéieren, an d'Mentalitéit. Dat heescht bäibréngen, wat Lëtzebuerg ass. An, souwäit ech verstanen hunn – ech hunn ëfters mam Här Zens doriwwer geschwat –, ass dat gutt verankert am Cours.

Et muss een och soen, si zéien d'Elteren – wéi mir dat och maachen – nach méi mat erun un hir Schoul. Dat soe se emol. Mä do hätte se eng super Méiglechkeet, fir och d'Elteren op deen Niveau ze bréngen, fir deene bäizebréngen, wat d'Lëtzebuerger Mentalitéit ass, d'Lëtzebuerger Sprooch ass. A wann dat gemaach gëtt, dann hu mer eng Chance, dass d'Lëtzebuerger Sprooch oder d'Lëtzebuerger net ausstierwen.

(Gelaachs)

Dat niewebäi als eng perséinlech Reflektioun. Mä ech si ganz optimistesch. Well et geet jo drëms, fir deene jonke Leit eppes bäizebréngen. Et geet net drëms, dass mer op där ganzer Linn nëmmen Echecken hunn. Dat däerf een och net vergiessen.

Op jidde Fall stëmme mir dësen Devis. Och déi Zomm vu 34 Milliounen. A mir sinn d'accord mam Prefinanzement vun deem Projet iwwert d'Stad Déifferdeng. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Muller. Madamm Brassel-Rausch Christiane, w.e.gl.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, no all deene ville positive Saachen, déi elo gesot gi sinn, kann ech och nëmme Positives soen.

Fir et relativ kuerz ze soen: De Schäfferot huet einfach alles richteg gemaach an deem Punkt. D'Chiershal gëtt ofgerappt, dat ass decidéiert ginn. De Recycling ass ewechgeholl ginn. Ouni déi Mesuren, ouni déi Decisioune wär dee Campus a senger Dimensioun an a senger Tragweite guer net méiglech gewiescht. Dat begréisse mir als gréng. Zu der Prefinanzéierung, do sti mer derhannert.

Ech wollt just nach zwou, dräi Saachen ervirhiewen. Déi Schoul entsprécht den aktuelle Standarden. Si ass zougänglech fir Personnes à mobilité réduite, wat jo evident ass.

An ech wéilt den ekologesche Volet ervirhiewen, wéi se gebaut ginn ass, dass se effizient ass. Et ass gesot ginn, AAA, Photovoltaik. Vun deem Standpunkt hier, sti mer ganz gutt do.

Wichteg ze erwänen ass d'Lag a wéi se ugebonnen ass. Dat ass alles am Sënn vun Nohaltegkeet. Souwuel d'Aart a Weis fir ze bauen, wéi och d'Ubannung. Et kënnt ee mam Zuch dohinner, et kënnt ee mam Bus dohinner, et kënnt een ze Fouss dohinner. An d'Kanner wäerten herno mam Vëlo dohinner kommen. Dat däerfe mer net vergiessen. Dat begréisse mer expressément. An dofir wäerte mir dee Projet ënnerstëtzen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Wéi ëmmer, wann ee méi spéit dru kënnt, huet et kee wäert, dass ech d'Detailer vum Projet widderhuelen. Architektonesch ass dat sécherlech interessant. Och déi Piazza, déi als Identifikatiounspunkt soll gëllen, souwuel fir d'Schoul wéi fir d'Maison relais. Mä am Fong schwätze mer hei vun enger Ganzdagsschoul, wou dat ganz anescht getrennt ass.

D'Konzept vun der Ganzdagsschoul ënnerstëtze mir, wann et richteg ëmgesat gëtt. U sech gesi mer jo elo hei, dass mer iwwert deen dote Wee zu Déifferdeng eng Ganzdagsschoul kréien. Wat sécherlech gutt ass fir d'Famillen, déi hei wunnen. Woubäi sech bei der internationaler Schoul ëmmer d'Fro stellt oder soll stellen: Ass séchergestallt, dass d'Kanner vun Déifferdeng Plaz an deene Schoule kréien?

Net, dass iergendwann, well d'Demande méi grouss gëtt – an dat wäert se ginn, wann ech dem Här Muller nolauschteren –, eng Course ëm d'Plazen entsteet, fir déi eng Kanner a fir déi aner Kanner. Ech mengen, do muss ee ganz genee oppassen.

Dir hutt als Schäfferot selwer gesot – och wann ech dat elo iwwerspëtzt soen –, dass mer hei quasi zwou Klasse vu Schoule bauen, zu Déifferdeng. Déi doten, déi méi deier ass. Déi mir eis net leeschten am Mattendall, sou wéi den Här Ulveling gesot huet. An déi, wou mir ebe bauen als Déifferdenger Gemeng. Och dat ass am A ze behalen, wat mer do vu Signaler vermëttelen. A firwat dat esou ass.

Mir bauen hei fir de Staat. Mir schéissen do immens vill Eegeleeschtung vir. E gudden Deel gëtt spéider remboursséiert. Mä dee Modell ass op jidde Fall fraglech. An d'Begeeschterung vum Schäfferot klëngt och net onbedéngt duerch. Mä anscheinend als Déifferdenger muss een esou vill Eegeleeschtung bréngen, fir iergendwéi kënnen eppes zu Déifferdeng unzesidelen, wat gutt fir Déifferdeng ass a gutt fir anerer hei am Land.

Wat awer op där doter Plaz Verkéier mat sech bréngt. Do wollt ech nofroen, ob Der Iech Gedanken driwwer gemaach hutt, zur Verkéierssituatioun. Och vläicht den Här Liesch.

Wann ech matkréien, dass do eng extra Strooss ass, wou d'Eltere kënnen erafueren, da fannen ech dat zwar scho besser wéi op anere Plazen, wou Elteren hir Kanner virun international Schoule féieren an einfach matzen an der Strooss stoe bleiwen, véier Winke-

*L'école dont il est question aujourd'hui intègre toutes les fonctionnalités dont les enfants ont besoin — comme c'est également le cas dans les écoles et maisons relais communales.*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*Erny Muller ajoute qu'il faut relativiser le prix, car l'école accueillera 435 enfants.*
*Beaucoup de gens se posent des questions sur les écoles internationales et sur le fait que le luxembourgeois y serait négligé. Mais au Luxembourg, 451 000 emplois sont occupés par des non-Luxembourgeois, qui supportent l'économie du pays.*
*(Interruption)*
*Erny Muller estime qu'il faut leur enseigner le luxembourgeois et leur montrer ce qu'est le Luxembourg. M. Zens a assuré à Erny Muller que cela faisait partie du cursus et que les parents des élèves étaient impliqués dans la vie scolaire.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que c'est en tout cas ce qu'ils disent.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *trouve que cela fournit l'occasion à l'école d'enseigner aux parents ce que représentent la mentalité et la langue luxembourgeoises. Il plaisante sur le fait que cela permet de lutter contre l'extinction des Luxembourgeois.*
*(Rires)*
*Erny Muller rappelle que l'objectif est d'enseigner quelque chose aux jeunes. Il ne peut pas être uniquement question d'échec.*
*Les socialistes approuveront le devis de 34 millions d'euros.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ne peut dire que des choses positives quant à ce projet.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch constate que le collège échevinal a fait exactement ce qu'il fallait.*
*Le hall de la Chiers sera démoli et le centre de recyclage a déménagé. Sans ces décisions, il n'aurait pas été possible d'aménager le campus.*
*(Interruption de M. Traversini)*
*Christiane Brassel-Rausch annonce que les écologistes soutiendront le préfinancement du projet. L'école*

*correspond aux standards actuels et est accessible aux personnes à mobilité réduite.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch signale l'aspect écologique de l'école, classé AAA.*
*L'emplacement de l'établissement s'inscrit aussi dans le développement durable. L'école est, en effet, desservie par le train et le bus, et l'on peut aussi s'y rendre à pied.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ajoute le vélo.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *salue expressément ce point. Les écologistes apportent leur soutien au projet.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *n'a pas l'intention de répéter les détails. Le projet est intéressant d'un point de vie architectural avec sa piazza comme point d'identification pour l'école et la maison relais. Gary Diderich rappelle que dans ce cas-ci, il s'agit d'une école à plein temps.*
*Il soutient ce type de concept lorsqu'il est bien mis en œuvre, car il s'agit d'une offre intéressante pour les familles. Il reste à vérifier si les petits Differdangeois pourront en profiter. Car si la demande est forte, il risque d'y avoir une course entre les Differdangeois et les autres.*
*Le collège échevinal a laissé entendre que l'on construit deux classes d'écoles à Differdange : les plus chères comme celle-ci et les moins chères construites par la commune.*
*(Interruption de M. Traversini)*
*Gary Diderich rappelle que cette école-ci est construite pour l'État et que la commune sera remboursée. Mais il remet en question ce modèle et n'a pas l'impression que le collège échevinal est enthousiaste non plus. Apparemment, lorsque Differdange veut obtenir des infrastructures utiles pour la ville et le reste du pays, elle doit faire bien des efforts.*
*Qu'en est-il de la situation sur les routes ? Que l'on construise une route pour que les parents puissent déposer leurs enfants est une bonne chose. Car quand ils s'arrêtent au milieu de la route feux clignotants allumés comme c'est le cas au Limren umaachen, an da steet emol dat Ganzt. Dat kann ee sech all Dag um Lampertsbierg ukucken.*

Wat heescht, dass net nëmme Leit vun de verschiddenen Uertschafte vun Déifferdeng, mä och aus anere Gemenge wäerten ëm déi doten Zäit op Déifferdeng fueren, do erafueren, do erausfueren. An dat zu weider Verkéier op där Plaz wäert bäidroen, zu enger Zäit, wou mer schonn Duerchgangsverkéier duerch d'Emile Mark hunn.

Do wollt ech nofroen: Ass dat ofschätzbar, wat dat mat sech bréngt? Ass dat déi richteg Plaz, fir d'Kanner ofzeginn? Oder gëtt et vläicht aner Plazen, wou elo am Moment manner Verkéier ass, wou d'Kanner vläicht e bësse méi wäit trëppele missten? Do ass jo och e Park.

An et ass och aus Etüde kloer, dass Kanner, wa se sech net beweegen, ier se an d'Schoul ginn – dat heescht, wa se gefouert ginn –, da si se eng hallef Stonn oder eng ganz Stonn net wierklech esou opnamefäeg, wéi se dat wären, wa se op d'mannst fënnef oder zéng Minutte virdru getrëppelt sinn.

(Interruptioun)

Ech weess elo net, ob an där doter Schoul fir d'éischt sportlech Exercicer gemaach ginn, wéi a verschiddene Schoulen an anere Länner, wou sech emol zéng Minutte beweegt gëtt. Mä ech mengen, dat ass op jidde Fall eng Saach, déi net ze vernoléissegen ass.

Ze begréissen ass, wat den Här Ulveling gesot huet, dass do eng Strooss quasi just fir d'Mobilité douce reservéiert gëtt. Wat um Site selwer ganz wichteg ass. Da stellt sech awer d'Fro, wéi een op de Site kënnt a wéi ee vum Site ewechkënnt. An ech mengen, do kann ee Saache maachen.

Dee Site ass jo relativ gutt ugeschloss duerch eng Vëlospist. Wou zwar am Dossier steet, wéi wann dat eréischt geplangt wär, mä dat ass jo scho Joren, wann net e Joerzéngt esou, dass mer do eng Vëlospist hunn, wou d'Seelbunn gelaf ass. An da musse mer nach kucken, wéi mer vun do aus op Nidderkuer kommen, op de Fousbann kommen an op Uewerkuer kommen. Do ass jo e Stéck do, mä zu Uewerkuer gëtt et erëm e bësse méi kritesch.

Dat waren déi Haaptsaachen, déi ech wollt uschwätzen, wéi ech den Dossier gekuckt hunn. Wéi ech awer elo héieren hunn, wat den Här Muller gesot huet, wollt ech froen, ob den Här Muller eis dee Cours, fir d'Lëtzebuerger Mentalitéit ze enseignéieren, eng Kéier kéint presentéieren. Dat géif mech immens interesséieren. Als een dee professionell a Saachen Identitéit an Diversitéit schafft, kéint ech bestëmmt Gebrauch dovunner maachen. Mä et kann awer och sinn, dass meng Approche zu där Thematik géif verhënneren, dass ech esou eppes wéilt och nëmme probéieren. Vläicht huet den Här Muller sech och nëmmen ongléckIech ausgeschwat.

In der Tat ass et wichteg fir eng Schoul, wou vill Leit zesummekommen, déi net vu Lëtzebuerg sinn, dass de Lien zur Lëtzebuerger Gesellschaft net verluer geet. Wann s de Leit hues, déi an Institutiounen oder an engem Secteur schaffen, wou haaptsächlech international Leit schaffen, dass déi net an enger Bull liewen, wéi dat a verschiddenen europäeschen Institutiounen de Fall ass. An d'Elteren do anzebezéien, wéi d'international Schoul et hei mécht. D'Museksschoul anzebezéien, d'lokal Veräiner anzebezéie si mengen ech gutt Approchen.

Mä kommt mir schwätzen awer, w.e.gl., net dovun, d'Mentalitéit ze enseignéieren! Well et gëtt net eng Lëtzebuerger Mentalitéit. An et ass och kee Lëtzebuerger a keng lëtzebuergesch Sprooch vum Ausstierwe bedrot. Ganz am Géigendeel. Mir hunn esou vill Awunner wéi nach ni. Mir hunn esou vill Lëtzebuerger wéi nach ni. A mir hunn esou vill Leit, déi Lëtzebuergesch als Sprooch benotzen, wéi nach ni. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

D'Lëtzebuerger stinn nach net op der rouder Lëscht. Dat ass richteg. Här Ruckert, w.e.gl.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Ulveling huet gesot, Dir wäert fei Jongen, well Der dee Projet do maacht. En hätt misse soen,

fei Jongen a fei Meedercher. Mä et geet jo net duer, fei Jongen ze sinn. Et muss een och ëmmer wëssen, a wiem sengem Interessen ee wat fir eng Politik mécht.

Dir hutt eis elo hei erzielt, mat wat fir enge Steng déi Schoul gebaut gëtt, mä net, wat fir Kanner do eraginn. Dat hätt Der eis och kéinte soen. Dass do net all Déifferdenger Kand däerf an déi Schoul goen. Eppes, wat also ausgeschloss ass.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

50%.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Verschidde Kanner hunn e Privileeg, fir kënnen an déi Schoul ze goen. Dat hutt Der eis net gesot.

Ech wëll direkt soen, ech wäert géint dee Kredit stëmmen, well dee Projet zu enger weiderer Fraktionéierung vun der Grondschoul bäidréit. Dat ass scho laang d'Absicht vun der Regierung, fir déi eenheetlech Grondschoul, wéi mer se zu Lëtzebuerg hunn, ze zerstéieren, se ze fraktionéieren. Soudass net méi all Kand déiselwecht Chancen huet.

Zweetens drot Der, mat där Finanzéierung, derzou bäi, dass den Defizit, deen d'Regierung der Chamber ëmmer ugëtt, mam Budget, kënschtlech méi niddreg gëtt. An d'Regierung mécht dat jo net bei enger Gemeng, déi mécht dat bei ville Gemengen. Dat heescht d'Deputéierten an der Chamber kréien e ganz falscht Bild vun deem Budget. Well dat dann deelweis iwwert d'Gemenge leeft, déi sech verschëlden, an net d'Regierung.

Drëttens hutt Der eis gesot, mer géifen zwar alles erëmbezuelt kréien, och d'Personal, wat fir dee Projet schafft. Mä d'Realitéit ass déi: Déi Zäit, wou d'Personal fir dee Projet schafft, fir d'Regierung, schafft se net u kommunale Projeten. Dat ass eng Realitéit. An do feelen déi Leit dann. An zu Déifferdeng mierkt een dat jo awer.

Dat sinn déi Grënn, firwat ech als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei dergéint stëmmen.

Ech hunn och hei héieren, et géif eng Luxusausféierung ginn, wat d'Déifferdenger Gemeng sech net onbedéngt bei anere Schoulen leeschte kann

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat ass net wouer.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech hunn dat net gesot, Här Buergermeeschter. Dat huet en aneren heibannen am Gemengerot gesot.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech weess dat, Här Ruckert.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Mä ech stelle mer awer, ganz éierlech, Froen. Dat deit och drop hin, dass et an zwou Richtunge geet: All Kanner si gläich. Mä et gëtt awer Kanner, déi si méi gläich wéi anerer.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Den Här Hartung, w.e.gl.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, mir hunn d'Pläng an d'Devise fir dat drëtt a lescht Gebai vum EIDE virleien. Nodeems dat éischt Gebai 2017 seng Dieren opgemaach huet, soll d'Haaptgebai 2020 an dësen drëtte Volet 2022 fäerdeggestallt sinn.

Hei op de Pläng gesäit ee fir dësen drëtte Volet, dee fir de Fondamental geplangt ass an a Kombinatioun als Ganzdagsschoul soll fonctionnéieren, flott Raimlechkeeten op véier Niveaue verdeelt. Wou d'Plaz zimlech optimal genotzt gëtt. An dat Ganzt un e flotte Schoulhaff ugebonnen ass.

Et ass eng Turnhal fir den EIDE virgesinn. Wat wichteg ass, well d'Sports-

*pertsberg, ils bloquent toute la circulation. Mais cela signifie aussi que des parents des communes voisines vont devoir circuler dans la rue Émile-Mark. Gary Diderich se demande s'il s'agit du bon endroit pour déposer des enfants. Il rappelle la présence du parc à côté.*
*Des études montrent clairement que les enfants qui ne bougent pas avant d'aller à l'école ont plus de mal à apprendre la première heure. Gary Diderich ne sait pas si des exercices physiques sont prévus le matin comme c'est le cas dans d'autres pays.*
*Gary Diderich salue le fait qu'une route soit réservée exclusivement à la mobilité douce. Il reste à définir comment y arriver et comment en repartir. L'école est bien desservie. Gary Diderich rappelle la présence d'une piste cyclable là où se trouvait le funiculaire. Elle existe depuis des décennies, même si le dossier semble insinuer que c'est tout nouveau. Mais il faut voir comment arriver de là à Niederkorn, à Oberkorn ou au Fousbann.*
*Gary Diderich demande ensuite à M. Muller de bien vouloir présenter le cours en mentalité luxembourgeoise au conseil communal. Comme il travaille dans le domaine de l'identité et de la diversité, il est très intéressé par ce sujet même s'il doute que son approche soit compatible avec un tel cours.*
*Il suppose que M. Muller s'est mal exprimé. Il est important que dans une école avec beaucoup d'étrangers, le lien avec le Luxembourg ne soit pas perdu. Il ne faut pas qu'ils vivent dans une bulle comme c'est le cas dans certaines institutions européennes.*
*En tout cas, Gary Diderich demande de ne pas parler de mentalité luxembourgeoise. Les Luxembourgeois et leur langue ne sont pas en train de disparaitre. Le Luxembourg n'a jamais compté autant d'habitants ou de gens parlant le luxembourgeois.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *rappelle que selon M. Ulveling, le collège échevinal se montre gentil en construisant cette école. Mais cela ne suffit pas. Il faut savoir quelle politique pratiquer et dans l'intérêt de qui.*

*Le collège échevinal a expliqué avec quelles pierres l'école sera construite, mais pas qui en seront les élèves. Ali Ruckert rappelle qu'elle ne sera pas accessible à tous les Differdangeois.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond qu'elle accueillera 50 % de Differdangeois.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *constate que M. Ulveling n'a pas parlé des privilèges. Il votera contre ce projet qui contribue au fractionnement de l'école fondamentale. Le gouvernement luxembourgeois a depuis longtemps l'intention de détruire l'enseignement fondamental unique.*
*(Interruption)*
*Ali Ruckert ajoute que les enfants n'auront plus tous les mêmes chances.*
*Il constate ensuite qu'à travers les financements que le gouvernement demande aux communes à travers le pays, il met en place un budget artificiel. Les députés voient donc une image erronée de la situation, car les communes s'endettent à la place du gouvernement.*
*Enfin, même si le gouvernement remboursera les frais, personnel compris, les employés communaux travaillant sur ce projet n'auront pas le temps de faire autre chose.*
*Ali Ruckert répète qu'il vote contre ce projet pour toutes ces raisons.*
*Il a aussi été question d'école de luxe.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *proteste.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *signale que cette expression ne vient pas lui.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *le sait.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *se pose des questions. Il a l'impression que l'on va dans deux directions. Tous les enfants sont égaux, mais certains sont plus égaux que d'autres.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle qu'il est question des plans et du devis pour le dernier bâtiment de l'EIDE. Le premier a ouvert en* raim an den aneren Déifferdenger Schoule quasi ganz vun hirem Schoulturne musse beluecht ginn.

Mir als CSV kënnen all de Leit, déi dësen Dossier erschafft hunn, just felicitéiere fir dëse flotte Projet.

Zum Präis. Et gouf scho gesot, ass eng gutt Staang Geld. Och wa mir dës vum Staat zréckkréien, sinn et awer nach ëmmer Steiergelder. Mä fir d'Gréisst vun der Schoul, a wann een déi eenzel Poste kuckt, wou een am Interessi vun de Kanner soll plangen, ass et a Relatioun, wat esou eng Schoul hei zu Lëtzebuerg kascht.

Erlaabt mer, eng kleng kritesch Fro opzewerfen. An zwar, ob bei esou engem grousse Montant fir dee ganze Chantier, de fixen Taux vu 16% fir d'Honorairen net misst ugepasst, also no ënne verhandelt ginn.

Ofschléissend wëll ech am Numm vun der CSV kloer soen, datt mir frou sinn, datt den EIDE hei zu Déifferdeng ass. Munche Kritiken zum Trotz muss ee festhalen, datt den EIDE eng gratis ëffentlech Schoul ass. Wou d'Leit de Choix hunn, hir Kanner unzemellen oder och net. An dësen europäesche System, wou d'Integratioun grousssgeschriwwe gëtt, ass eng Beräicherung fir eis Stad.

Des Weidere wëlle mir kloerstellen, datt mir op deenen Terraine ronderëm, déi an e puer Joer fräi ginn, wann de Service technique wéi och de Science Center an déi ugeduechten nei Raimlechkeeten zu Déifferdeng ëmzéien, nach e Lycée virgesinn – dann nom traditionelle Lëtzebuerger Schoulsystem. Egal, fir wéi ee vun deene Systemer ee sech dann entscheet, kann een, fir seng Schoul ze maachen, hei zu Déifferdeng bleiwen.

An d'Gemeng baut jo och an de Quartieren andauernd massiv Schoule vum Fondamental aus, well mer ëmmer méi Schüler hunn. Soudatt ee weidere Lycée hei op der Plaz Sënn mécht. Esou vill Schüler, déi hei zu Déifferdeng wunnen, déi sech net mussen all Moien esou wäit deplacéieren, mä quasi zu Fouss, mam Vëlo, mam Zuch oder mam Diffbus aus den Nopeschquartieren direkt hei wieren.

En plus kéint eng flott Zesummenaarbecht tëscht deenen zwee Lycéeë stattfannen. Mä dat ass Zukunftsmusek. Haut schwätze mer iwwert dat drëtt a lescht Gebai fir den EIDE, wat mir natierlech matstëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Gëtt et Wuertmeldungen? Här Fred Bertinelli, w.e.gl.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, eise Fraktiounssspriecher huet gesot, wat mer vun där Schoul do halen. Datt mer ganz begeeschtert sinn, datt déi Schoul dohikënnt. Och de Modus, wéi se dohinner kënnt. Déi Internationalitéit, do si mer ganz anerer Meenung. Mat där Populatioun, déi mer an eiser Stad hunn, fanne mer, datt dat gerecht opgedeelt ass, wéi d'Schoulen dann och verdeelt sinn. A mengen, datt dat ganz, ganz wichteg wier, datt dat an enger Gemeng wéi Déifferdeng wier.

Wat mer e bësse bedaueren dat ass, datt de Staat higeet an eis refinanzéiert, wat d'Schoul ugeet. Och wäerten op deem ganze Site esou tëschent 150 an 200 Leit schaffen. Mä kee Parking wäit a breet. Net fir déi Leit, déi um Site schaffen. De Staat mécht sech et einfach, delegéiert dat un d'Gemeng. An d'Gemeng kann da kucken, datt déi Leit ënnerdaach kommen.

Dee Parking, dee mer um Contournement wollte bauen, ass zréckgesat ginn op e spéideren Datum. Duerch eng Analys an duerch berechtegt Nofroen, wéi een op dee Parking soll kommen. Mä mir hu jo gesinn, beim Jenker, waren se op eemol ganz schnell forcéiert, als Stad, Garagen opzekafen a Parkingen dohinner ze maachen. Well se soss d'Léierpersonal net méi an d'Schoul kritt hätten.

Ech wëll ze bedenke ginn, datt dat e Problem ass, deen de Staat eis e bëssen dohinner gehäit. A mir sollen da kucken, datt mer de Problem geléist kréien an domadder eens ginn. Wat ech net ganz gutt fannen. Well hei wier och eng Méiglechkeet gewiescht, wann een dee ganze Campus kuckt, fir vläicht ënne-

rierdesch iergendeppes ze maachen. Wat de Staat och hätt kéinte finanzéieren. Wat dann op där anerer Säit och eiser Gemeng zegutt komm wier. Dat emol als Kritik e bëssen, wat dee ganze Site ugeet.

Dann hätt ech nach eng Fro, als fréiere Sportschäffen, un deen neie Sportschäffen. Et gouf e mëndlechen Accord mam Minister, fir déi sportlech Infrastrukturen um ganze Site no de Schoulzäiten eise Veräiner zur Verfügung ze stellen. Ech wollt de Sportschäffe froen, ob dat nach ëmmer esou ass. Ob do en Accord mat der Gemeng besteet, datt eis Sportsveräiner aus eiser Gemeng vun deenen Infrastrukture kéinte profitéieren, déi dann owes fräi stinn. Dat wier net méi wéi richteg, datt fir deen Engagement, deen d'Gemeng hei weist, och op där anerer Säit ee Retour géif kommen.

Dat ass meng Fro. Wann Der mer dorop kéint äntwerten, dat wär léif. Ech weess, datt eng Zäit e mëndlechen Accord bestoung. A mir haten dat schonn eng Kéier, datt bei enger Sportshal just e mëndlechen Accord war, wou mer herno hu musse bezuelen. Dofir wier et vläicht gutt, wann een do e schrëftlechen Accord vum Ministère hätt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Bertinelli. D'Mobilitéit ass ugeschwat ginn. Da géif ech fir d'éischt dem Här Liesch d'Wuert ginn. Den Här Ulveling huet bestëmmt och nach e puer Saachen ze soen.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

D'Mobilitéit ass ugeschwat ginn. Dir wësst, dass mer schonn am leschte Schäfferot eng Mobilitéitsetüd an Optrag ginn haten, fir déi ganz Situatioun ëm d'Entrée en ville ze analyséieren. Mir hu kierzlech nach eng Kéier en Update vun där Etüd gefrot, nodeems d'Kräizung ëmgebaut ginn ass. An déi confirméiert zum groussen Deel, wat schonn aus där éischter Etüd erauskomm ass. Dass déi Kräizung eng Limitt huet, wou mer eis drop zoubewegen. Mir hunn nach e wéineg Puffer, duerch den Amenagement vun der Kräizung, dee mer elo hunn. Mä ech widderhuelen dat gären ëmmer erëm an iwwerall: Dee Puffer wäerte mer an deenen nächste Jore verbrauchen. Natierlech ass an där Etüd consideréiert ginn, wat d'Implantatioun vun der Schoul ugeet, wat d'Implementatioun vun deenen Toweren ugeet, déi an der Entrée en ville wäerte gebaut ginn. Natierlech och d'Parkhaus, wat mer wëlle bauen, op där anerer Säit. Och de Science Center ass do mat dran.

Dat gesot, mengen ech, ass d'Problematik schonn derwäert, fir driwwer nozedenken. Déi Schoul hei op deem Terrain ass ideal ugebonnen. D'Madamm Rausch huet dat richteg beschriwwen. Mir leien hei wierklech a Proximitéit vun allen ëffentleche Mobilitéitsträger, déi ee sech ka virstellen, vun ze Fouss bis op den Zuch. Ech mengen, méi ideal kann een eng Schoul eigentlech net ubannen.

An de Message, deen een dann erausgëtt – an do ginn ech dem Här Bertinelli dann net recht, ech fannen, dass d'Regierung do dee richtege Wee geet – muss sinn: Wann een esou no bei allen ëffentleche Mobilitéitsträger ass, da muss een och kënnen op Parkraum verzichten. An d'Leit dozou beweegen, op déi ëffentlech Mobilitéit, déi et gëtt, zréckzegräifen.

Duerfir mengen ech schonn, dass d'Mobilitéitsfro hei richteg geléist gouf an dësem Gebai. An net nach Parking fir d'Léierpersonal ugebuede gëtt. Dass ee sech einfach muss a Fro stellen a seng Gewunnechten och e bëssen änneren.

Wou Der recht hutt, dat ass mat der Ubannung vun de Vëlosweeër. Wou mer schonn en éischte Schrëtt gemaach hunn. Mä wou mer natierlech am Gaang sinn, dat weiderzeféieren. De Vëloswee, deen Dir ugeschwat hutt, wou de Funiculaire, also d'Seelbunn erofgaangen ass, dee gëtt et jo scho ganz laang. Mir hunn awer och e Vëloswee Richtung Uewerkuer, dee scho leeft bis an d'Avenue Parc des Sports eriwwer. An dee soll jo weidergefouert ginn.

Dir wësst, dass den nationale Vëloswee vum Staat weidergefouert gëtt a Richtung Nidderkuer. Do feelen nach e puer

*2017, le deuxième ouvrira en 2020 et celui-ci en 2022.*
*L'école fondamentale fonctionnera comme école à plein temps avec des locaux répartis sur quatre niveaux. L'EIDE comprendra un centre sportif. C'est important, car les autres salles de sport sont déjà occupées.*
*Les chrétiens sociaux félicitent tous ceux ayant contribué à la réalisation du projet.*
*Les frais sont importants, même s'ils seront remboursés. Toutefois, ils sont en relation avec ce que coute une école au Luxembourg. Jerry Hartung se demande cependant si le taux de 16 % pour les honoraires ne devrait pas être adapté compte tenu de l'ampleur du chantier.*
*Les chrétiens sociaux sont contents que l'EIDE se trouve à Differdange. Il s'agit d'une école publique gratuite où les parents ont le choix d'y envoyer leurs enfants ou pas. Jerry Hartung trouve que ce système européen constitue une richesse pour la ville. Par ailleurs, un lycée traditionnel est prévu sur le terrain où se trouvent actuellement le Science Center et le service technique. Les parents pourront alors choisir dans quel système inscrire leurs enfants. Il ne faut pas oublier non plus que la commune construit en permanence de grandes écoles fondamentales.*
*Deux lycées permettraient aux étudiants de rester à Differdange et d'aller à l'école à pied, à vélo, en train ou en Diffbus. Sans oublier les synergies possibles entre les deux lycées. Mais Jerry Hartung parle d'avenir.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *est ravi que de voir cette école construite à Differdange. Compte tenu de la population internationale de Differdange, il trouve que la répartition des écoles est correcte.*
*Il regrette toutefois que la commune doive préfinancer les travaux. Quelque 200 personnes travailleront sur ce site, mais aucun parking n'est prévu. Fred Bertinelli rappelle que la construction du parking du contournement a été reportée. Il mentionne le Jenker, où l'État a été forcé d'acquérir des garages pour le personnel enseignant par la suite. Ici, l'État déverse ce problème sur*

*la commune qui devra voir comment le régler.*
*Fred Bertinelli regrette que l'État n'ait pas profité de l'occasion pour construire un parking souterrain, qui se serait révélé utile à toute la ville.*
*En tant qu'ancien échevin au sport, Fred Bertinelli a une question pour celui qui l'a remplacé : existe-t-il un accord entre la commune et l'État pour la mise à disposition des infrastructures sportives aux associations en dehors des heures de classe ? Fred Bertinelli se souvient d'un tel accord, mais il était oral. Compte tenu de l'engagement de la commune dans ce projet, ce serait un juste retour des choses. Dans un cas semblable, la commune a dû payer la location des salles alors qu'il existait une promesse orale.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le collège échevinal précédent a fait réaliser une étude sur la mobilité pour analyser la situation de l'entrée en ville. Cette étude a été mise à jour après la transformation du rondpoint en carrefour. Il en résulte que ce carrefour va atteindre la limite de voitures qu'il peut gérer. Il reste une marge de manœuvre, mais celle-ci va disparaitre au cours des prochaines années. L'étude tient compte de l'implantation de l'école, des tours, du parc de stationnement en face et du Science Center.*
*Comme l'a dit Mme Brassel-Rausch, l'école dont il est question aujourd'hui est parfaitement desservie. Elle se trouve à proximité des transports en commun et est accessible à pied. Contrairement à M. Bertinelli, Georges Liesch trouve que le gouvernement a pris la bonne décision en n'aménageant pas de places de stationnement, car quand on se trouve à proximité des transports en commun, il faut pouvoir renoncer à la voiture et recourir à la mobilité douce. La question de la mobilité a donc été réglée comme il faut. Il faut savoir se remettre en question et changer ses habitudes.*
*En revanche, M. Bertinelli a raison de mentionner les pistes cyclables. Georges Liesch rappelle que la piste cyclable sur le tracé de l'ancien funiculaire existe depuis long-*honnert Meter, an dann hoffen ech, dass dee Chantier a Kraaft trëtt. Mir sinn nach am Gaang ze kucken, ob mer net temporär eng Léisung fannen, fir dës Saison scho vläicht mam Vëlo securiséiert op Nidderkuer ze kommen, ouni mussen iwwert d'Avenue de la Liberté ze fueren. Fir d'Schüler, déi vun Nidderkuer kommen, wär dat e risegen Avantage. Well ech géif all Eltere verstoen, déi hir Kanner net iwwert d'Avenue de la Liberté vun Nidderkuer op Déifferdeng géife mam Vëlo fuere loossen, well dat awer immens geféierlech ass. Do schaffe mer drun.

Richtung Fousbann si mer och am Gaang ze kucken, fir d'rue de Soleuvre an d'rue Emile Mark nei ze gestalten. Net nëmme fir d'Mobilité douce, mä och well mer wëssen, dass de Contournement eis hei nëmmen eng Zäitfënster léisst, wou mer déi Stroosse verkéiersberouegt hunn.

An deen Update vun eiser Etüd, dee mer gemaach hunn, weist elo schonn, dass erëm méi Leit duerch d'rue Emile Mark, rue de Soleuvre fueren, well de Contournement zu de Spëtzenzäiten awer erëm e bëssen iwwerlaascht ass. Et ass genau dat, wat ech hei ëmmer gesot hunn, wat wäert antrieden. An déi Zäitfënster, déi mer do hunn, dovu musse mer profitéieren, fir d'Liewensqualitéit an och d'Mobilité douce an deene Stroossen op jidde Fall oprechtzëerhalen.

Da wëll ech awer nach eng Saach soen, déi elo net a mäi Kompetenzfeld fält. Mä well ech awer an deem Beruff schaffen, wëll ech eppes soen zur Ausso, déi vum Här Ruckert komm ass. Ech fänke mat Ärem leschte Saz un: „All Kanner si gläich, an anerer si méi gläich".

Ech mengen, wann Der d'Realitéit dobausse kuckt, da läit Der do ganz falsch. Wa mer hei zu Déifferdeng zéng Kanner beieneen huelen, da sinn net all d'Kanner gläich. Dann ass d'Chance grouss, dass vun zéng Kanner néng Kanner en total anere Background hunn. En total aneren Accès zur Educatioun wäerten hunn. An och total aner Chancen hunn, wa mer nëmmen een eenzegen Educatiounssystem hei am Land hunn.

Ech menge schonn, dass et richteg ass, dass mer d'Educatiounssystem hei am Land opsplécken, wéi Dir dat gesot hutt. Dass dat dee richtege Wee ass, fir genau deene Kanner, mat hire villfältegen Hannergrënn an hire villfältege Méiglechkeeten zur Educatioun, de gëeegente Lycée a Primärschoul ubidden. Fir dass se ebe genau déiselwecht Chancen hu wéi déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen.

An ech mengen, dass d'Regierung do genau op dee richtege Wee geet, fir d'Polyvalenz vun der Educatioun hei zu Lëtzebuerg opzebriechen an do méi unzebidde wéi dat, wat mer fréier gewinnt waren. Well fréier, wa mer zréckdenken – ech och u meng Kandheet –, dann haten all déi Kanner, déi aus anere Schichte komm sinn, aus anere Länner komm sinn, sécher net déiselwecht Chancen an der Schoul. Oder hu vill méi misse kämpfen, fir dohinner ze kommen, wéi déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg traditionell gewunnt hunn. Duerfir fannen ech, dass mer genau op dee richtege Wee gi mat dëser Schoul.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Ulveling, w.e.gl.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wëll och dem Här Ruckert äntwerten, e bëssen am selwechte Sënn wéi den Här Liesch. Wichteg ass jo, dass mir eis sengerzäit agesat hunn, dass iwwerhaapt d'Déifferdenger Kanner kënnen hei zu Déifferdeng an e Lycée goen. A wann et och nëmme 50% ass, dann ass dat awer schonn emol fir déi 50% eng Erliichterung. Et ass jo net esou, wéi wa mir als Gemeng déi Schoul geréieren. Dat ass de Ministère de l'Éducation nationale. An ech fannen et gutt, dass mer eis sengerzäit fir esou ee Lycée agesat hunn. An dass mer dee mat deene ganzen Infrastrukturen op deem Campus, deen elo hei entsteet, hei zu Déifferdeng kënnen opriichten.

Ech wëll nach eng Saach soen, net datt ech falsch verstane gi sinn, well ech gesot hunn, „verschidde Standarden". Et ass schwéier ze vergläiche mat enger Schoul wéi am Mattendall. Wou Der

eng Produktiounskichen hutt, déi esou vill Millioune kascht. Déi op méi engem klengen Terrain ass wéi déi Schoul, déi elo gemaach gëtt.

Mä et ass esou, dass dat heiten effektiv eng flott Architektur ass. An déi ass natierlech deier. Mä et kann een awer dorausser elo net schléissen, dass déi eng Kanner manner Chancen hätten oder manner gutt zerwéiert wäre wéi déi aner. Et ass einfach eng Saach vu Gestaltung, vun Architektur. An ech fannen et och flott, datt een emol flott Gebaier huet, déi een emol dobausse weise kann.

Zum Schluss wëll ech nach eppes soen, wat wichteg ass, wat ech virdru vergiess hat. An zwar, dass dat Gebai esou gebaut ginn ass, dass een an Zukunft, wann de CID geplënnert ass, dat Areal vum CID och nach kann notzen. Dat Gebai ass esou positionéiert, dass do nach Plaz genuch wär, fir eng aner Struktur do opzeriichten, fir eben de Campus nach ze vergréisseren.

An ech wéilt eise Leit vum CID, an och eisen Aarbechter, villmools Merci soen. Well ech mengen, si wäerten an där Phas, déi elo kënnt, ganz vill Aschränkungen hunn, notamment wat d'Zirkulatioun am CID, ronderëm dem CID, d'Parkméiglechkeete fir eis Camionen an esou ugeet. Do hu mer zwar virgesuergt, mä et wäert ganz enk ginn.

Dat wäert net flott ginn, an net déi allerbeschten Aarbechtsbedéngunge ginn, fir do ze schaffen. Mä ech mengen, si hunn dat all agesinn, dass mer dat dote fir d'Bevëlkerung maachen. An och, dass mer mat ganz vill Nodrock un deem neie CID schaffen, fir dass dee schnell opgoe kann.

An ech wëll natierlech och der Madamm Peterhänsel Merci soe fir déi Aarbecht, déi si an der Vergaangenheet an och elo an dësem Dossier hei geleescht huet, fir dass mer dësen Dossier nach esou schnell hei konnte virleeën. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ech hunn och eng Fro gestallt kritt iwwer eis Sportsveräiner. Selbstverständlech ass do mat der Direktioun vun der Europaschoul geschwat ginn. Am Moment kréie se vun eis d'Sportsinfrastrukturen zur Verfügung gestallt, wann et nëmme méiglech ass.

Et kann een effektiv och froen, fir mat hinnen eng schrëftlech Konventioun ofzeschléissen, mä am Schäfferotsbericht steet ganz kloer, datt se hei am Schäfferot gesot hunn, mir hätten herno, no enger gewësser Zäit, déi Sportsinfrastrukturen. Déi Hal am grousse Lycée interesséiert eis natierlech méi wéi déi heiten. Den Här Muller huet jo och erkläert, firwat dat esou ass.

Ech wëll awer och hei nach eng Kéier drop hiweisen, wat fir eng Chance mer hunn, datt dee viregte Schäfferot sech dofir agesat huet, fir e Campus heihinner ze kréien. Well et war ni geduecht, ee Campus heihinner ze kréien. Dat heescht, do hu mer mengen ech schonn déi richteg Decisioune geholl, mam Gemengerot zesummen, fir de Campus ze kréien.

A mat Nodrock hätte mer nach gär deen een oder deen anere Lycée hei op Déifferdeng. Mir hu 27.000 Awunner. Dat do geet jo net duer. Et ass jo net, datt dat alles ass. Mir hunn nach ëmmer dausende Kanner, déi all moies d'Gemeng musse verloossen.

An do hu mer nach, éischtens emol, wéi den Här Ulveling gesot huet, dat Stéck virdrun. Dat hu mer dem Staat proposéiert, ënnert der Konditioun, datt nach e Lycée dohinnerkënnt. Egal, ob dat eppes mam Europalycée ze dinn huet oder een anere Lycée ass. A mir hunn och nach déi eng oder déi aner Plaz, wou mer dem Ministère gesot hunn, mir wëllen dat nach.

An ech weess och, datt am Gaang ass gekuckt ze ginn, fir eventuell nach eppes heihinner ze kréien. Mir hunn nach ëmmer dausende vu Kanner, an do hutt Der recht, déi eis Gemeng verloossen. An dat ass net gutt. Mä duerch dee Campus hei brénge mer awer erëm ganz vill Leit heihinner.

Et kommen och aner Leit heihinner. An ech mengen, fir d'Mixitéit vun Déifferdeng ass dat wierklech extrem positiv. An och fir eis Kanner ass et extrem positiv, datt se d'Méiglechkeet hunn, hire Bac aneschters ze maachen. Dofir ass dat fir d'Stad Déifferdeng eng enorm

*temps. Il y a aussi la piste cyclable en direction de l'avenue du Parc-des-Sports. L'État est en train de la prolonger en direction de Niederkorn.*

*Dans ce contexte, le collège échevinal cherche une solution temporaire pour arriver à Niederkorn sans passer par l'avenue de la Liberté. Georges Liesch comprend que les parents habitant à Niederkorn ne veuillent pas laisser leurs enfants aller à l'école à vélo pour le moment, car le trajet est dangereux.*

*Le collège échevinal veut aussi réaménager la rue de Soleuvre et la rue Émile-Mark, car le contournement n'a fait qu'offrir une marge de manœuvre supplémentaire. Aux heures de pointe, certains automobilistes préfèrent ne pas emprunter le contournement. Par conséquent, la commune doit veiller à préserver la qualité de vie et la mobilité douce dans les quartiers.*

*M. Ruckert a dit que tous les enfants sont égaux, mais que certains l'étaient plus que d'autres. Georges Liesch n'est absolument pas d'accord. Sur dix enfants, il y en a probablement neuf provenant de contextes différents et ayant moins de chances de réussite dans un système d'éducation unique. Décomposer le système d'éducation permet de tenir compte de la multiplicité des enfants. Le gouvernement fait donc exactement ce qu'il faut en rendant l'éducation plus polyvalente.*

*Quand Georges Liesch repense à son enfance, il se rend compte que les enfants provenant de couches sociales différentes n'avaient pas les mêmes chances de réussite scolaire que ceux qui habitaient depuis longtemps au Luxembourg.*

**TOM ULVELING (CSV)** *voit les choses de la même manière que M. Liesch. Le plus important est que les Differdangeois puissent aller au lycée dans leur commune, même s'il ne s'agit que de 50 %. L'échevin rappelle que l'école est gérée par le ministère de l'Éducation nationale. Il trouve que le collège échevinal a eu raison de s'investir pour la création de ce campus scolaire à Differdange.*

*Tom Ulveling espère ne pas avoir été mal compris quand il a parlé de*

*standards. On ne peut pas comparer l'école de quartier du Mathendahl avec sa cuisine de production avec l'EIDE. Mais il est vrai que l'architecture de cette école-ci coute cher. Cela ne signifie pas que certains enfants sont moins bien servis que d'autres.*
*Tom Ulveling signale que le bâtiment est construit de façon à pouvoir être agrandi une fois que le CID aura quitté les lieux.*
*Il remercie les employés du CID qui vont être soumis à d'importantes restrictions pendant le chantier. Les conditions de travail ne sont pas agréables. Mais ces travaux ont lieu pour le bien de la population, sans oublier que le collège échevinal s'investit pour une ouverture rapide du nouveau CID.*
*Tom Ulveling remercie ensuite Mme Peterhänsel pour le travail qu'elle a réalisé jusqu'à présent dans ce dossier.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**
*ajoute que le collège échevinal a discuté avec la direction de l'école européenne concernant les infrastructures sportives. La commune met ses infrastructures à disposition des clubs autant que possible. Un accord dans ce sens existe aussi avec l'école internationale, mais le collège échevinal peut demander une convention écrite. La salle de sport du grand lycée est plus intéressante.*
*Roberto Traversini salue l'engagement du collège échevinal précédent pour l'implantation de ce campus à Differdange. La décision était la bonne. Désormais, la commune s'investit pour un lycée supplémentaire.*
*Differdange compte 27 000 habitants. Un seul lycée ne suffit donc pas. M. Ulveling a mentionné le terrain en face de la nouvelle école. Il reste à voir si ce deuxième lycée aura quelque chose à voir avec le lycée européen ou pas.*
*Le collège échevinal a déjà discuté de nouveaux établissements avec le ministère. Des discussions sont en cours. Mais il est vrai qu'il reste des milliers d'enfants qui doivent aller à l'école ailleurs. D'un autre côté, il y a aussi des enfants venant à l'école à Differdange et cette mixité est une bonne chose. Ce campus* Chance, dee Campus scolaire hei zu Déifferdeng ze hunn.

Ech sinn op alle Fall extrem frou, dat kënnen elo hei matzestëmmen. Mir géifen zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non les plans, les devis et le principe de financement de l'École internationale de Differdange.*

---

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non d'approuver la décision de principerelative au recours à un emprunt à courte durée pour le compte de l'État pour la construction de l'École internationale de Differdange.*

---

Da géife mer zum drëtte Punkt kommen, dat ass de PAP Mattendall. Et ass e groussen Dossier. Här Liesch, dat hei si kleng Adaptatiounen, déi reegelméisseg virkommen, wann een esou grouss PAPen huet. Kënnt Der eis déi kuerz erklären, w.e.gl.?

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech probéieren, et kuerz ze maachen. Vläicht awer just eng kleng Introduktioun, fir dass d'Leit dobausse verstinn – d'Leit am Gemengerot kennen déi Prozedure jo: Bei engem PAP, zemools bei engem PAP vun dëser Gréisstenuerdnung, stëmme mer am Gemengerot déi éischte Kéier iwwert d'Volumetrie, dat heescht d'Implementéierung vun de Gebaier, d'Gréisste vun de Gebaier, d'Accèse vun de Weeër, d'Entouragen, déi ronderëm sinn. Dat hu mer hei am Gemengerot gemaach. Dat gouf den 28. Januar 2016 vum Ministère approuvéiert.

Duerno geet et an d'Architektebüroe fir d'Feinplanung. Déi dann de PAP huelen a probéieren, an déi Volumë Wunnengen an aner Funktiounen anzezeechnen. Wärend der Feinplanung fanne se dann e ganze Koup Ännerungsvirschléi, déi et erlaben, eventuell méi flexibel ze bauen. Respektiv Problemer, déi een am Ufank net gesinn huet, déi een da muss redresséieren. An dat féiert dann dozou, dass mer, wéi schonn am leschte Gemengerot, eng Modifikatioun PAP hunn. Wou verschidde Punkte sollen ugepasst ginn, fir de PAP am Fong funktiounsfäeg ze maachen.

An dësem PAP sinn et der eng ganz Partie. Dat ass awer bedéngt, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, well dëse PAP enorm grouss ass. Ech erënneren drun, dass mer zu Nidderkuer op engem enorm groussen Terrain dëse PAP exekutéieren. Mat villen Acteuren zesummen. De Fonds de Logement ass och mat dobäi. Wat erklärt, dass déi vill Upassungen, déi alleguerte ganz kleng sinn, awer musse gemaach ginn.

Ech géif just e puer wëllen erausghuelen, wou ech mengen, dass déi vläicht méi interessant sinn. Ugefaange vläicht bei den Appartementshaiser am ieweschten Deel vum PAP. Do gëtt am Lous V1 eng Upassung gemaach, fir déi Ramp, déi an de Sous-Terrain-Parking féiert, besser ze gestalten. Dat bedéngt dann och eng Redistributioun vun de Metercarréen am Sous-sol an um éischte Stack.

De Lous V2 ass e bësse speziell, well do de Chauffage central ass fir dee ganze PAP. Wou déi ganz Technik vill Plaz am Keller anhëlt. Hei gëtt eng Modifikatioun proposéiert, fir ze derogéieren, dass um Daach och verschidden Installation-techniquë kënne gemaach ginn. Wat bei deenen anere Gebailechkeeten net erlaabt ass. Mä an dësem spezielle Gebai wär dat also erlaabt. Well mer soss, aus Plazgrënn, déi ganz Installation-techniquen net dohinner kréien, well do dee ganze Chauffage central fir dee ganzen Ilot dran ass.

Am Lous V3, wou de Fonds de Logement mat dran ass, sinn e puer Adaptatiounen ze maachen, haaptsächlech, fir de Kritäre vu Logements sociaux gerecht ze ginn. Do sinn Adaptatioune gemaach gi fir de Parking. Also ee Parking pro Logement. Wou mer jo soss, am Rescht vum PAP, bei 1,5 sinn. An et sinn och e puer architektonesch Korrekture gemaach ginn, fir d'Wunnenge besser opzedeelen.

Ech géif dann eng Partie vun de Lousen iwwersprangen. Dat sinn déi, wou de Gabarit e wéineg anescht gezeechent

gëtt, fir d'Appartementer bannendran besser ze gestalten, well heiansdo e Meter an der Längt oder an der Breet zum Beispill feelt. Wat awer net dozou féiert, dass insgesamt méi ka gebaut ginn. Dat féiert just dozou, dass déi Këscht, wou ee sech kann dra beweegen, e wéineg méi grouss ass. An een domadder méi Flexibilitéit kritt, fir déi Wunnenge méi adequat ze zeechnen. Dat sinn all déi Louse vu W1 bis Z1, déi féieren zu klenge Korrekturen.

Ech huelen och d'Louse vun den Eefamilljenhaiser. Dat sinn notamment d'Lousen A-T. Dat sinn der eng ganz Partie. Wou et iwwerall d'selwecht ass. Et war eng Plaz virgesinn, wou véier Haiser sollte kommen. An op Demande vum Fonds de Logement sollt dat a fënnef opgedeelt ginn, fir de Kritäre vum Logement social ze entspriechen. Dat huet awer als Konsequenz, dass den Daach, deen eigentlech e Spatzdaach war, ersat géif ginn duerch en zousätzleche Stack en retrait. Fir déi Metercarréen, déi duerch d'Opdeelung verluer ginn, erëm ze rattrapéieren. Dat mécht Sënn.

An natierlech mécht et dann och Sënn – an dat sinn am Fong alleguerten déi Lousen, déi hannendru kommen –, dass déi Gebaier, déi direkt niewendrun a vis-à-vis stinn, sech där Architektur upassen. Soss hätt een do e bëssen e komescht Bild. Dass déi eng Haiser e Flaachdaach hätten, mat enger Etage en retrait an déi aner e Spatzdaach.

Soudass hei, vun der Architektur hier, gesot ginn ass, da maache mer dat fir dee ganze Beräich. Dat heescht, all déi Louse vun A bis T folgen am Fong där heite Logik, ouni awer och do d'Surfacen ze vergréisseren. Mä si folgen dëser Architektur, fir dass et en eenheetlecht Bild gëtt.

Dann ass eng Neierung dran, déi ganz interessant ass. Déi betrëfft de Lous U1, wou eis Schoul drop gebaut gëtt, Schoul plus Maison relais. Dat ass de Campus, dee mer zu Nidderkuer plangen a wäerte bauen.

Do war et esou, dass am PAP en Accès virgesi war vum Schoulcampus eriwwer an d'rue Jean-Baptiste Scharlé. Dee war esou agezeechent – do ass jo nach en Haus –, dass dat Haus eigentlech hätt missen opkaf an ofgerappt ginn, fir deen Accès adequat hinzekréien.

An der Tëschenzäit huet de Promoteur et awer fäerdegbruecht, e bëssen Terrain ze kafen. Soudass dee Wee ganz liicht verluecht ginn ass. Deen neien Tracé, deen Der an Ärem Dossier hutt, mécht eng ganz kleng Kéier ronderëm dat bestoend Haus. Et freet eis, dass dat Haus ka stoe bleiwen, do näischt muss ofgerappt ginn, kee Wunnraum do wäert verschwannen. An de Wee trotzdeem ka gemaach ginn. Ech mengen, hei hu mer effektiv eng Augmentatioun vum Volumen, vun e puer Metercarré. Wat awer absolutt keng Roll spillt.

All déi dote Saachen, déi Der am Dossier fannt, si grafesch ëmmer mat vorher/nachher e bësse beschriwwen. An déi sinn och am zweeten Deel vun Ärem Dossier, an der Partie écrite, festgehale ginn. Dat heescht, Dir fannt déi och do nach eng Kéier zréck.

Obwuel mer de Projet schonn eng Kéier hei haten, wéilt ech awer trotzdeem nach eng Kéier resüméieren, ëm wat et geet. Vläicht déi Haaptpunkten: Et ass en aussergewéinleche Projet. Well Dir wësst, normalerweis muss de Promoteur bei engem Projet 20% vun der Surface un d'Gemeng cedéieren. Hei leie mer bei 32,5%, also wierklech däitlech, däitlech driwwer.

An et ass net esou, dass dat zousätzleche Stroosseraum wär. Mä mir schwätze vun zousätzleche Gréngflächen, déi an deem Quartier entstoe wäerten. Obwuel vill Leit dohinner wunne kommen, wäert do eng ganz flott Liewensqualitéit entstoen. Op alle Flaachdiecher ass e Gréngdaach virgeschriwwen. Dat ass och en Zeechen, wat mer wëlle setzen hei.

An net ze vergiessen, an deem ganze Quartier ass eng Schoul geplangt fir déi Leit, déi do wunne kommen, fir d'Proximitéit vun de Kanner. En plus 2.250 Quadratmeter eleng an deem éischten Deel si virgesi fir Commerce, Büroen a Servicer. Wou ech hoffen, dass d'Leit, déi dohinner wunne kommen, bei deem engen oder anere Commerce, dee sech do wäert usidelen, vläicht Saachen akafe ginn.

Ech hunn e bëssen den Tour gemaach. Wann elo nach Froen zu engem speziel-

*scolaire représente une chance énorme pour Differdange.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe au PAP Mathendahl. Il s'agit de petites adaptations.*

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *souhaite commencer par quelques explications pour le public. Le premier vote concernant un PAP porte sur l'implémentation des bâtiments, leurs volumes, les accès, les alentours… Le ministère a approuvé cette première partie le 28 janvier 2016.*
*Ensuite, les architectes dessinent les résidences. Généralement, ils découvrent alors des problèmes qu'il faut résoudre et font des propositions de modifications. Ces adaptations doivent être adoptées par le conseil communal comme c'est le cas aujourd'hui.*
*Dans ce PAP-ci, les modifications sont nombreuses, car le projet est énorme. Beaucoup d'acteurs participent à l'exécution des travaux. Les adaptations sont minimes, mais doivent être faites. Georges Liesch va en présenter les plus intéressantes.*
*Une des modifications concerne les résidences dans la partie supérieure du PAP. Dans le lot V1, la rampe d'accès au parking souterrain sera améliorée.*
*Le chauffage central occupe beaucoup de place dans le lot 7. Une dérogation est nécessaire pour aménager certaines installations techniques sur le toit.*
*Plusieurs adaptations sont nécessaires dans le lot 8 concernant les critères relatifs aux logements sociaux. Un parking par logement est prévu au lieu de 1,5 pour le reste du PAP.*
*Dans plusieurs lots, le gabarit est adapté pour améliorer l'intérieur des appartements où il manquait un mètre de largeur ou de longueur. Ces modifications rendent les appartements plus flexibles. Il s'agit des lots W1 à Z1.*
*En ce qui concerne les maisons unifamiliales, c'est-à-dire les lots A à T, quatre maisons y étaient prévues. Le Fonds du logement souhaite passer à cinq maisons pour respecter les critères des logements sociaux. Mais afin de conserver les*

*mètres carrés, il devient nécessaire de remplacer le toit en pente par un étage supplémentaire. En conséquence, la forme de tous les bâtiments alentour, c'est-à-dire les lots A à T, sera également adaptée. Il s'agit d'éviter un mélange de toits en pente et de toits plats. Le volume des surfaces ne change cependant pas.*

*Le lot U1 accueillera l'école et la maison relais. Un accès passant par la rue Jean-Baptiste-Charlé était prévu. Mais il aurait fallu acquérir une maison pour la démolir ensuite. Entretemps, le promoteur a acheté un terrain permettant de modifier légèrement le tracé de la route. Bref, il sera possible de construire la route en question sans toucher à la maison, ce qui est une bonne chose. Le volume augmente de quelques mètres carrés, mais cela n'a aucune importance.*

*Toutes ces informations figurent dans la partie graphique du dossier des conseillers communaux avec des visuels avant-après ainsi que dans la partie écrite.*

*Georges Liesch va résumer le dossier dans ces points les plus importants.*

*Normalement, les promoteurs doivent céder 20 % de la surface d'un projet à la commune. Dans ce cas-ci, il s'agira de 32,5 % — essentiellement des espaces verts. Le quartier offrira donc une bonne qualité de vie malgré le nombre important d'habitants. Tous les toits plats devront être écologiques. Une école de proximité est également prévue. Dans la première partie du projet, 2250 m² sont destinés aux commerces, bureaux et services. Georges Liesch espère que les habitants profiteront de ces magasins.*

*L'échevin pense avoir fait le tour du projet. Si les conseillers communaux ont des questions concernant les modifications du PAP, il y répondra. Le cas échéant, il leur fera parvenir une réponse plus tard.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *remercie M. Liesch pour ses explications explicites et claires. Il n'a pas grand-chose à ajouter.*

*Il constate qu'il s'agit d'une modification de moindre envergure. Par conséquent, elle est réalisable sans étapes ultérieures et sans que le Lous sinn, wou eng Ännerung ass, da kann ech déi gär beäntwerten. Wann net, schreiwen ech mer se op, an da kritt Der déi Äntwert nogeliwwert, wann ech net direkt drop äntwere kann.*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Muller, w.e.gl.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mir soen dem Här Liesch Merci. En huet dat ganz explizit a gutt erkläert. Deem wär net vill bäizefügen. Mir hunn en Aperçu iwwert de Mattendall kritt. Ech muss soen, mir leien hei an der Procédure de moindre envergure. Wat am Fong eng nei Prozedur ass, déi eng Vereinfachung vun de Prozeduren duerstellt. Soudass mer dat ouni weider Schrëtt maache kënnen. Ouni dass dee ganze PAP erëm nei gestëmmt gëtt.

Dir hutt et richteg gesot, et sinn Upassungen. Déi sinn, wéi Der och richteg erkläert hutt, alleguer am positive Sënn fir d'Wunngefill. Also wierklech herno fir de Quartier a fir d'Leit, déi spéider do wunne kommen.

Déi Mesurë fir de soziale Wunnengsbau mam Fonds de Logement sinn interessant. Mat där enger Plaz kann ee sech ofginn. Et si jo Méiglechkeeten do, mam Zuch a mat den ëffentleche Verkéiersmëttelen dohin ze kommen. Net wäit ewech ass eng Gare.

Och fir déi Maisons unifamiliales ëmzeänneren, perséinlech fannen ech dat ganz gutt, well mir behalen eis Surfacen, déi d'Konditioune vum soziale Wunnengsbau erfëllen. A mir ginn de Leit d'Méiglechkeet, dass déi Haiser – hoffen ech emol – dann och méi präiswäert, méi abordabel kënnen ugebuede ginn. Ech fannen, déi Mesuren do si ganz am Sënn vun de Leit a vum soziale Wunnengsbau.

Fir de Rescht, kënne mer deem zoustëmmen, an ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Muller. Här Schwachtgen, w.e.gl.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ganz kuerz wollt ech derzou Stellung huelen. Als gréng hu mir eis déi Modifikatiounen ugekuckt. A gleeft mer, ech sinn een, deen akribesch do nokuckt, ob keng Gréngfläch verluer geet bei deene Modifikatiounen. Wat hei net de Fall ass.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Dat hätte mer eis net getraut.

(Gelaachs)

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech fannen déi Modifikatiounen effektiv net substanziell, wat elo eppes ännert um Grondcharakter vun deenen 32% Loftraum an Naturraum. Déi awer trotzdeem nach iwwreg bleiwe fir d'Ëffentlechkeet.

Soudass ee soe kann, de Mattendall II an III ass, par rapport zum Mattendall I, eng däitlech Qualitéitssteigerung. Ech weess, an den 90er Jore si mer Sturm gelaf géint d'Konzept vum Mattendall I, well do alles ze vill enk war an haut nach d'Réckwierkungen dorobber ze spiere sinn. Dat hei ass eng Bebauung, okay. Et ass natierlech och vill urspréngleche Naturraum verluer gaangen, mä mir sinn halt an enger Stad, déi expandéiert. An deem Sënn sti mer zu deem Projet a mer stëmmen deen och mat.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Den Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Als déi Lénk begréisse mir dee Projet. Och, dass hei méi Wunnraum a méi bezuelbare Wunnraum geschaaft gëtt. Mä d'Fro stellt sech, wéi ech dat och

schonn d'leschte Kéier am Gemengerot gesot hat, wéi Adaptatioune gemaach ginn un engem PAP, nodeems de PAP schonn duerch war.

Et fält eben op, virun allem bei deem heiten. D'leschte Kéier war et eng Erreur matérielle, déi erkläert huet, firwat d'Surface habitable eropgaangen ass. A bei deem heiten hu mer éischtens keen esou een Tableau récapitulatif – oder et wär deen op Säit 27, wou een eng Lupp brauch. Mä et fält awer op, an deenen allermeeschte Fäll, dass et ëmmer e puer Metercarréë méi ginn. Dir wénkt Nee. Mä den Tableau seet dat awer ganz kloer aus.

Gi mer op Säit 33, dann hu mer de PAP approuvé. D'Surface emprise au sol si maximal 830 Metercarré. Aus 830 ginn 922,35 Metercarré. D'Surface scellement au sol si maximal 1.392 Metercarré. Da ginn 1.660 Metercarré. Also fir mech sinn dat Chifferen, déi méi héich sinn.

D'Surface lot (ares): type et nombre de logement maximal geet vu 26 op 29. Dat heescht, et gi méi Wunnengen aus méi Surface gemaach, respektiv méi Wunnengen aus där nämlechter Surface gemaach. Well an deene meeschte Fäll, wann den Type et nombre de logement maximal verännert gëtt, da gëtt en no uewe verännert.

Wann Dir Nee wénkt, da musst Der mer dat, w.e.gl., awer mat Chifferen erklären. Well an all de Fäll, Säit 27, geet et vu 17 op 19 erop. Säit 26 vun 10 op 11 erop. An d'Surface d'emprise geet vun 315 op 375 Metercarré erop. D'Surface scellement geet vu 608 op 627 Metercarré erop.

Prinzipiell, wat ech eben dozou wëll soen, ass: Wann e PAP nodréiglech eropgeet, wat jo net prinzipiell schlecht ass, et gëtt jo méi Wunnraum do kreéiert, an dat wëlle mer jo maachen, dann däerf dat awer menger Meenung no net einfach esou zum Benefice vun enger Investment S.A. sinn. Da muss d'Gemeng och do Engagementer kréien, wat d'Präisser ugeet. Well wann dat elo just deem, deen do investéiert, zegutt kënnt, da fannen ech dat awer kritesch, dass fir d'éischt e PAP ugeholl gëtt an dann net nëmmen architektonesch Changementer gemaach ginn, mä Changementer, déi systematesch dozou féieren, dass d'Surface eropgeet. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Den Här Hartung, w.e.gl.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, wann een déi viregt Pläng mat deene vun elo vergläicht, sou stellt een – ofgesi vun offensichtleche Feeler, déi sech ageschlach haten an hei verbessert gouffen – zwou Saache fest: Zum enge goufe spatz Wénkele vun de Wunnbléck versicht, rechtwénkeleg ze maachen. Wou effektiv dat, wat op där enger Säit bäikënnt, op där anerer Säit ewechfält. Dës Ännerunge maache Sënn, well et fir d'Bewunner méi einfach ass, e rechtwénkelegt Zëmmer ze miwweléieren. An och optesch vu bausse wäert dëst méi schéin ausgesinn, well d'Distanz tëscht de Gebaier d'selwecht bleift.

Zum aneren – an do sinn ech e bësse méi skeptesch –, gouf mam Argument vun engem vergréisserte Living fir d'Bewunner, der Funktionalitéit an der Architektur vum Gebai argumentéiert, fir a munche Gebaier de Virbau vun zwee Meter op all Säit duerch eng op dëser Plaz ganz erweidert bebaute Front ze vergréisseren. Awer zäitgläich gëtt d'Unzuel vun de maximale Wunnenge liicht eropgesat.

Insgesamt gesi mer awer all déi Ännerungen am positive Sënn fir d'Leit, déi dohinner wunne kommen. Wann een dee ganze Projet kuckt, dann handelt et sech heibäi ëm kleng Ännerungen, déi konform zu de Virgabe sinn. Dobäi muss een awer och soen, an dat fanne mer eng gutt Saach, datt hei am PAP ganz kloer d'Relatioun tëscht Wunnenge mat dräi Zëmmeren, zwee Zëmmer, engem Zëmmer oder engem Studio definéiert gouf. Mat enger Prioritéit fir méi grouss Appartementer. An ech denken, dat ass ganz wichteg, mat der Virgab, wéi grouss dës musse sinn.

Den Här Liesch sot et, de Promoteur gëtt 32% vun den Terrainen of, wou mer herno als schéi Gréngfläche ronderëm dës Wunnenge kënne gestalten. Wat zimlech positiv ass.

*PAP doive être approuvé une nouvelle fois.*
*Comme l'a dit M. Liesch, il s'agit d'adaptations positives pour les futurs habitants du quartier.*
*Erny Muller trouve intéressantes les mesures prises avec le Fonds du logement en matière de logements sociaux. En outre, le quartier est bien desservi par les transports en commun et notamment le train.*
*Modifier les maisons unifamiliales est une bonne chose. Les conditions pour la construction de logements sociaux sont respectées permettant ainsi aux gens d'acheter une maison à des prix abordables.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il a analysé en détail les plans pour s'assurer que la surface destinée aux espaces verts ne sera pas réduite. Or ce n'est pas le cas.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *plaisante sur le fait que le collège échevinal n'aurait pas osé.*
*(Rires)*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *ajoute que la modification n'est pas substantielle. Mathendahl 2 et 3 représentent une amélioration en qualité de vie par rapport à Mathendahl 1.*
*Dans les années 90, les écologistes étaient farouchement opposés au concept de Mathendahl 1. Il est évident que les plantations en disparu sur l'ensemble du site, mais Differdange est une ville en expansion. Les écologistes soutiennent le projet.*

**GARY DIDERICH (DÉI GRÉNG)** *salue ce projet permettant de créer des habitations sociales. Comme la dernière fois il signale cependant que les adaptations sont effectuées une fois le PAP approuvé par le conseil communal.*
*La dernière fois, l'augmentation de la surface habitable était due à une erreur matérielle. Cette fois-ci, les conseillers communaux ne disposent pas d'un tableau récapitulatif – à moins qu'il ne s'agisse de celui de la page 27, mais il faut une loupe pour le lire.*
*À la page 33, Gary Diderich constate que l'emprise au sol passe de 830 à 922,35 m². Dans le lot 8, les*

*logements passent de 26 à 29. On construit donc plus de logements sur une même surface ou sur davantage de surface.*
*Gary Diderich remarque que le collège échevinal dit que ce n'est pas vrai, mais à la page 27, on passe de 17 à 19 logements et la page 26 de 11 à 19. L'emprise au sol passe de 315 à 375 et la surface de scellement au sol de 608 à 627.*
*Gary Diderich n'est pas systématiquement contraire aux modifications de PAP. Après tout, la commune veut davantage de logements. Mais il trouve que les adaptations ne doivent pas se faire exclusivement à l'avantage des investisseurs. La commune doit obtenir des engagements quant aux prix. Autrement, Gary Diderich trouve les modifications après approbation du PAP problématiques.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *constate que certaines adaptations permettent de corriger plusieurs erreurs. D'autres rendent l'ameublement des pièces plus facile.*
*Jerry Hartung se montre plus sceptique quant à l'agrandissement de certains bâtiments avec comme argument d'améliorer leur fonctionnalité et d'agrandir l'espace de vie des habitants. En même temps, le nombre maximal d'habitations a également augmenté.*
*D'une manière générale, les chrétiens sociaux soutiennent les adaptations. Celles-ci sont petites compte tenu de la taille du projet. Par ailleurs, la relation entre appartements à trois, deux et une chambres ainsi que les studios est clairement définie. Les grands appartements sont privilégiés.*
*M. Liesch a expliqué que le promoteur cèdera 32 % des terrains pour aménager des espaces verts.*
*Le PAP est conforme au plan d'aménagement. Le ministère de l'Intérieur l'a approuvé. Le CSV votera pour.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *confirme la réponse donnée la dernière fois à M. Diderich. Celui-ci confond le PAP avec les plans d'exécution. Ici, il n'est question que de la surface potentielle. Cela ne signifie pas que le promoteur puisse construire davantage, mais*

Dëse PAP ass konform nom Bebauungsplang. Deementspriechend huet den Inneministère dëse PAP guttgeheescht. A mir schléissen ons deem natierlech un. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Liesch, w.e.gl.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Et ass quasi déiselwecht Äntwert, déi ech dem Här Diderich schonn d'leschte Kéier ginn hat. Dir maacht, mengen ech, nach ëmmer de Feeler, dass Der verwiesselt tëschent engem PAP an herno de Konstruktiounspläng. Hei schwätze mer vun enger Modification du PAP, wou also d'potentiell Surface, déi ka bebaut ginn, eropgeet. Dat heescht awer net, dass de Promoteur méi bauen däerf. En däerf just am Kader vun dëser Surface sech aneschters opdeelen an dat besser andeelen.

Dat heescht den Emprunt um Buedem, deen e kann huelen, ass natierlech méi grouss ginn. Mä am Ganze kann en awer net méi bauen. Dat ass jo dat, wat Der suggeréiert, dass hei elo e Promoteur géif eng Plus-value maachen, andeem mir hei elo méi Metercarré fräi ginn. En däerf awer net méi Metercarré bauen. Soudass dat also net déi richteg Schlussfolgerung ass.

Mir ginn hei am PAP dem Promoteur just méi Flexibilitéit bei den Exekutiounspläng vu sengen Appartementer. Fir déi méi funktionell kënnen ze zeechnen. Och d'Unzuel vun de Logementer, déi Der opgezielt hutt, déi eropgeet, dat heescht just, dass potentiell do méi e Logement ka sinn. Mä wann en do e Logement méi mécht, muss e vläicht iergendwou en anert ewechloossen, well en däerf eigentlech net méi Logementer maachen.

Am Tableau, an der Partie écrite, am Kapitel 2.7, hutt Der déi ganz Opdeelung vun de Prozenter, wéi sech dat mat den Appartementer vun zwou Kummeren, dräi Kummeren an esou weider verdeelt. Wou e sech drun hale muss. Dat heescht, wann en iergendwou eng Optioun ausschëpft a seet, do ass elo d'Méiglechkeet, een Appartement méi ze maachen, da muss en dat iergendwou aneschters rattrapéieren.

Soudass de Promoteur elo hei insgesamt net dee mega Benefice mécht, opgrond vun de Modifikatiounen, déi mir hei maachen. Et geet hei wierklech drëm, wéi den Här Muller dat och gesot huet, fir dem Promoteur d'Méiglechkeet ze ginn, déi Wunnraim méi funktionell a méi flott ze gestalte wéi mat deem Gabarit, dee mer ursprénglech haten.

Elo kann ee soen, dat hätt ee vläicht am Virfeld kënne maachen. Mä d'Prozedure sinn nun emol esou. Déi Promoteure ginn haut net hin a maache schonn d'Exekutiounspläng, wa se nach net de PAP gestëmmt hunn. Dat verstinn ech och. Soudass hei ëmmer fir d'éischt de PAP gestëmmt gëtt mat de Gabariten. An da gëtt d'Fläissaarbecht gemaach vun den Exekutiounspläng.

An da stellt een ebe fest: Wann ech eben hei nach ee Meter méi hätt, oder do, da kéint ech dat Buedzëmmer aneschters maachen. Ech kéint déi Wunneng anescht gestalten. D'Weeër wäre besser. Ech hätt manner Zirkulatiounsweeër an doduerch méi Komfort fir deen, deen do wunnt. An dann entstinn déi heite Modifikatiounen. Dat ass d'Erklärung.

Et geet hei wierklech net drëm, wéi Dir wollt suggeréieren, dass elo een hei eng mega Plus-value mécht mat deem, wat mir hei autoriséieren. Dat ass wierklech net de Fall.

De COS, de CMU, déi si fest. Do kann e sech net driwwer ewechsetzen. An d'Opdeelung vun den Appartementer vun zwou an dräi Kummeren an esou weider steet och fest. Och do huet e Limitten. Also de Kader, wou e sech dra beweegt, ass immens enk.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle d'un plan d'aménagement particulier au lieudit « Mathendahl » à Nieederkorn conformément aux dispositions de l'article 30bis de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.*

Merci. Da géife mer zum nächste Punkt kommen, wat mer schonn den 12. September hei am Gemengerot haten. E Compromis de vente, en Terrain op franséischer Säit, dee mer kafe wëllen. Dat hei ass en zweete Schratt. An et ass nach net dee leschten. Vläicht ass et dee leschten, wa mer e refuséiert kréien, sief et vun der Safer a Frankräich, sief et vum Inneministère.

Et ass am Fong geholl deeselwechte Compromis. Hei geet et drëm, eng Promesse ze hunn, fir eis ofzesécheren. Fir emol den Avis vum Inneministère ze kréien, ob si iwwerhaapt d'Deliberatioun oder de Kaf approuvéieren. Dofir komme mer nach eng Kéier domadder an de Gemengerot.

De Präis huet net geännert. Wat geännert huet ass, dass der Gemeng Péiteng hir Knéien zidderen. Déi zidderen éischter wéi eis Knéien, hunn ech d'Gefill, wann et heescht, vläicht nei Weeër ze goen. Mir sinn op alle Fall der Meenung, datt et wichteg ass, datt een deen Terrain keeft. Déi nächst Joerzéngte wäerten eis recht ginn, datt et kee Feeler ass, Terrainen ze hunn, och wann et a Frankräich ass. Dat ass menger Meenung no zimlech egal. Well et kann een awer flott Projete maache mat eisen Nopeschgemengen zesummen.

Ech wier frou, wa mer och deen heite Schrëtt géifen zesummen approuvéieren. Duerno waarde mer dann d'Decisioun vun der Safer a Frankräich of. Mir waarden och of, wat den Inneministère eis seet. An da géif den Acte de vente fir d'lescht heihinner kommen.

Et ass am Fong geholl en zweete Schrëtt, wou mir eis wëllen ofsécheren, ier mer iwwerhaapt do Suen engagéieren. Dat ass dat, wat am Moment an den Akte steet.

Ech géif mengen, mir hunn d'leschte Kéier jo alles diskutéiert, da kéinte mer einfach zum Vott kommen.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech wollt dozou nach kuerz eppes soen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ganz gären, Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, wéi elo just ugeklongen, den 12. September d'lescht Joer hate mer am Gemengerot e Compromis de vente gestëmmt betreffend 65,93 Hektar um Territoire vun der Gemeng Saulnes a Frankräich. Dat zum Präis vun ongeféier 1,3 Milliounen Euro. Déi Terraine sollt d'Gemeng Déifferdeng zesumme mat der Gemeng Péiteng kafen. Wat awer, wéi mer héieren hunn, näischt ginn ass.

Elo sollen dann 116 Hektar eleng vun der Gemeng Déifferdeng kaf ginn, an een Hektar vun der Gemeng Saulnes selwer. Terrainen, déi a Frankräich leien, net wäit ewech vum Roudenhaff, wann ech dat richteg gesinn hunn. Wou e bëssi vun allem mat dobäi ass. Carrière, Bësch, ech mengen zwou Ruinen, Akerland an esou weider.

Zesumme musse mer vermeiden, dass eng Deponie an enger Carrière kéint ugeluecht ginn, sou wéi dat 2017 emol ugeklonge war. Ech mengen, do si mer eis all hei eens.

Mä e puer Gedanke maache mer eis, well elo schnell ëm déi 2,6 Milliounen hei sollen engagéiert ginn. Den Dossier ass a mengen Aen nach net ganz komplett fir an de Gemengerot. A vill Froe bleiwen op: Avis juridique, respektiv wat seet den Inneministère oder déi franséisch Säit dozou? Wat ass konkret mat deenen Terraine virgesinn? Am Text gëtt vun engem Cahier des recommandations pour la gestion des parcelles achetées geschwat. Ech mengen, an der Cloud war deen awer net dobäi. Op

*qu'il peut aménager les habitations différemment.*
*M. Diderich laisse entendre que le promoteur augmentera ses bénéfices parce que les mètres carrés constructibles sont plus élevés. Mais en fait, la commune ne fait que lui offrir plus de flexibilité. Potentiellement, le promoteur peut construire un logement supplémentaire dans une résidence, mais il devra peut-être alors en supprimer un ailleurs.*
*Le tableau du chapitre 2.7 fixe la répartition des appartements par nombre de chambres. Les modifications d'aujourd'hui ne permettent pas au promoteur d'en tirer de gros bénéfices. Il pourra en revanche construire des habitations plus fonctionnelles et agréables.*
*Certes, ces modifications auraient pu être faites plus tôt. Mais les promoteurs ne réalisent pas les plans d'exécution avant l'approbation du PAP. Et lors de l'élaboration des plans d'exécution, ils remarquent certains problèmes qui sont alors corrigés. C'est ce qui explique les modifications d'aujourd'hui. Cela n'a rien à voir avec des bénéfices colossaux. Le COS, le CMU et le nombre de chambres sont fixés. Par conséquent, le cadre dans lequel le promoteur peut agir est fortement restreint.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à un point déjà traité le 12 septembre dernier : un compromis de vente pour un terrain en France. Cette deuxième étape n'est pas la dernière à moins d'un refus de la Safer ou du ministère de l'Intérieur.*
*Aujourd'hui, il s'agit de s'assurer que le ministère de l'Intérieur approuve la délibération du conseil communal.*
*Le prix n'a pas changé. En revanche, la commune de Pétange semble plus craintive que celle de Differdange lorsqu'il s'agit d'emprunter de nouvelles voies.*
*Le collège échevinal est convaincu de l'importance de cette acquisition. Les prochaines décennies prouveront que l'achat de terrains était nécessaire — même en France. De toute façon, de beaux projets*

*peuvent aussi être réalisés en France.*
*Roberto Traversini demande aux conseillers communaux d'approuver le projet. Ensuite, la commune devra attendre la décision de la Safer et du ministère de l'Intérieur. Comme tout a été dit la dernière fois, le bourgmestre propose de passer au vote.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *souhaite prendre position.*
*Il rappelle que le 12 septembre 2018, le conseil communal a approuvé un compromis de vente concernant 65,93 ha sur le territoire de Saulnes pour 1,3 million d'euros. Les terrains devaient être acquis avec la commune de Pétange, mais ce plan est tombé à l'eau. La Ville de Differdange achètera donc 116 ha et Saulnes 1 ha. Ces terrains se trouvent en France, près de la Ferme rouge. Il y a une carrière, de la forêt, quelques ruines… L'objectif est d'empêcher qu'une décharge n'y soit aménagée.*
*Les démocrates sont d'accord sur ce point, mais s'inquiètent du fait que le collège échevinal veuille engager 2,6 millions d'euros aussi facilement. Le dossier n'est pas complet. Il manque plusieurs avis. Le conseil communal ne sait pas non plus ce qui est prévu sur ces terrains. Le dossier dont disposent les conseillers communaux parle d'un cahier des recommandations pour la gestion, mais François Meisch ne l'a pas trouvé.*
*L'ASBL du territoire naturel transfrontalier doit assurer la gestion des terrains. Mais les partenaires français ne disposent pas des mêmes moyens financiers. Differdange ne peut pas effectuer tous les investissements toute seule. C'est pourquoi les démocrates ne sont pas enthousiastes. Ne pourrait-on pas recourir à des fonds européens ? Ou bien discuter avec la ville jumelée de Chavez, qui a lancé un projet similaire avec la ville espagnole de Verin.*
*Les démocrates s'abstiendront, car le dossier n'est pas mûr.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *en prend note.*

jidde Fall hunn ech ni esou eppes gesinn. Hunn ech et vläicht verpasst?

Déi 2017 gegrënnten Asbl Territoire naturel transfrontalier mat hire mëttlerweil véier Gemengen als Memberen – Déifferdeng, Saulnes, Héiseng an Herserange – soll d'Gerance vun deene Parzellen iwwerhuelen. Wuelwëssend, dass eis franséisch Nopeschgemenge komplett aner finanziell Moyenen hunn, däerf Déifferdeng awer net ëmmer nëmmen eleng esou Investissementer an där Hisiicht stemmen. Vun der Iddi hier, si mer awer grad esou iwwerzeegt.

Et kéint vläicht ugeduecht ginn, europäesch Fongen unzezapen ewéi den Interreg oder den FSE. Oder et kéint ee vläicht mat eiser portugisescher Partnerstad Chaves schwätzen a sech informéieren. Zesumme mat hirer spuenescher Nopeschgemeng Verin hu si scho viru Joren en ähnleche Projet an d'Liewe geruff, notamment de Projet Eurocity Chaves-Verin.

An eisen Ae war et nach ze fréi, fir deen Dossier an de Gemengerot ze huelen, obwuel mer net dergéint sinn. Mä aus deenen Ursaachen enthale mer eis hei bei deem Punkt.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Kee Problem. Da géife mer zum Vott kommen.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Däerf ech nach eppes soen?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt just eng kuerz Remark maachen zu deem, wat den Här Meisch gesot huet. Den Numm, wann ech richteg verstanen hunn, Eurocity Chaves-Verin? Dir kënnt mer dee vläicht herno ginn, dat kléngt op jidde Fall interessant, dass ee sech do inspiréiert.

Ech wollt awer nach eng Kéier soen, wat Der gesot hutt, wou den Terrain läit. Firwat mer en och kafen. Dir hutt dat och gesot: wéinst där Deponie. Dat ass natierlech ee Grond. Mä et muss een awer wëssen, déi Terraine sinn nëmmen accessibel vu Lëtzebuerger Säit. Et gëtt keen offizielle Wee vu franséischer Säit dohinner. Et ass wierklech esou eng Enclave op der Landkaart, wou een awer gesäit, dass déi Terrainen, obwuel se op franséischem Buedem sinn, nëmmen accessibel si vu Rodange oder vun Déifferdeng.

An natierlech hu mer eis och scho Gedanke gemaach, wat mir mat deenen Terrainen alles kënne maachen. D'Bëscher hu mer mam Fierschter beschwat. Déi hien, och wa se op franséischem Terrain sinn, awer och däerf exploitéieren an ënnerhalen. Dat heescht, do hu mer voll Kompetenzen, wat d'Bëscher ugeet.

D'Carrière ass fir mech e klengen „Giele Botter", wou mer och wëlle just dat doten halen. An iwwert d'Lännereien uewen, do hutt Der ganz recht, musse mer nach philosophéieren an eis Gedanke maachen. An ech soe scho Merci fir deen Tipp do. Dat ass sécher eng interessant Pist, där mer wäerten nogoen.

(Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Schwachtgen, w.e.gl.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Just ee Saz dozou. Et ass sech elo interesséiert gi fir d'Statute vun deem TNT. Gott sei Dank ass et esou, dass am Fong op deenen Terrainen eng Reconversion écologique transfrontalière soll stattfannen tëschent Frankräich a Lëtzebuerg.

A wann een elo net nëmmen d'Statute vun deem TNT kuckt – wat eng Asbl ass, déi awer vun de Gemenge gefouert gëtt –, mä och d'Charte, déi den TNT sech ginn huet – dat ass en zweet Dokument, wat duerch all Conseil gaangen ass, och duerch dësen –, soll sech alles an déi Richtung entwéckelen.

Dat heescht, mir hunn op där enger Säit de Pôle européen économique zu Rodange, Athus, Péiteng. An hei kéint een eventuell e Pôle européen écologique kreéieren, wat d'Landwirtschaft ubelaangt, wat d'Gestioun vun esou Territoiren ubelaangt. An den Tourismus natierlech, am Verbond mam Minettpark an esou virun. Ech wollt einfach emol dee Verglach zéien. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Tempels, w.e.gl.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, nodeems mir d'Lightversioun schonn hei am Gemengerot haten, hu mer haut eng nei Versioun um Ordre du jour. Ronn 115 Hektar an zwee Gebaier solle mir op der Zouner Kopp a Frankräich kafen. Fir de stolze Präis vun 2.480.000 Euro.

Sécher ass et wichteg, de Projet vun der Deponie, dee geplangt war, ze verhënneren. A mir hoffen, datt eis dat heimadder geléngt. Wat mir eis musse virun Aen halen, ass, dass mer hei de franséische Virschrëften ënnerleien. Déi net ëmmer déiselwecht si wéi déi zu Lëtzebuerg.

Wat mir vermëssen ass: Wat soll herno mat deene ronn 55 Hektar Akerfläche geschéien? Hei muss e Projet ausgeschafft ginn, dee Kapp a Fouss huet. A wien iwwerhëlt d'Gestioun vun de Bëscher? Mir kruten zwar elo grad eng Äntwert, ob dat eise Fierschter ka sinn.

De Präis ass e gudde Batz méi héich, wéi et a Frankräich üblech ass. Donieft feelt eis de Feu vert vun eisem Ministère de l'Intérieur a vun der franséischer Safer.

Wann dës Hürde geholl sinn, kéint hei eppes entstoen, wat et esou zu Lëtzebuerg weider nach net gëtt. Falls dat klappt, sollte mer eis och Gedanke maachen, fir weider Hëllefen unzefroen. Den Här Meisch huet et gesot, en Interreg-Projet oder iergendwellech aner Méiglechkeete fir dëse länneriwwergräifende Projet.

An der Hoffnung, dass net weider Imprevuen op eis duerkommen, stëmme mir mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Da géife mer elo zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide avec 16 voix oui et 2 abstentions d'approuver la promesse unilatérale de vente à l'administration communale de terrains et d'immeubles sur différents aux lieudits à Saulnes (F) d'une contenance totale de 115 ha 78 a et 57 ca.*

Merci. Hoffe mer, datt d'Gemeng Déifferdeng geschwë méi grouss gëtt.

En zweeten Terrain: e Stéck, wat mer virun e puer Méint hei am Gemengerot haten. Wat mer kaf hunn an zum selwechte Präis erëm ofginn. Et ass am Péitenger Wee. Fir datt d'Société Nationale des Habitations à Bon Marché déi Haiser respektiv Appartementer baue kann. Dat heescht, mir hunn et kaf a mir verkafen et erëm zum selwechte Präis. Et ass fir déi Cité am Péitenger Wee.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de vente d'une parcelle de 2,10 a située au lieudit « Route de Pétange » à Niederkorn.*

Deen nächste Punkt geet ëm d'SICONA. Mir hunn de SICONA-President hei. Här Liesch, kéint Der eis dat erklären. Do huet deen een oder deen anere Plang am Dossier gefeelt. Fir d'nächste Kéier kéint een déi vläicht vu SICONA kréien. Dat géif eis alleguerten d'Saach vereinfachen, heibannen. Här President, Här Liesch, w.e.gl.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *demande à M. Meisch de lui fournir des précisions quant au projet Eurocity Chaves-Verin, car il a l'air intéressant.*
*M. Meisch a raison de mentionner la décharge comme explication pour l'acquisition de ces terrains. Mais il faut aussi ajouter qu'ils ne sont accessibles que depuis Rodange et Differdange. Il n'existe pas d'accès officiel en France.*
*La forêt sera exploitée par le garde forestier même si elle se trouve sur le territoire français. La carrière est à considérer comme un petit Giele Botter. Pour ce qui est des autres terres, il faudra réfléchir à la question.*
*Georges Liesch remercie M. Meisch pour le conseil donné.*
*(Discussions)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *précise que le rapport figure dans le dossier.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *explique qu'une reconversion écologique transfrontalière est prévue. Cela figure non seulement dans les statuts du TNT, mais aussi dans sa charte, qui a été approuvée par le conseil communal. Frenz Schwachtgen propose de créer un pôle écologique européen comparable au pôle économique entre Rodange, Athus et Pétange. Des synergies touristiques sont possibles avec le Minettpark par exemple.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *rappelle qu'une première version du projet est déjà passée par le conseil communal. Il s'agit de 115 ha avec deux bâtiments situés en territoire français. Le prix se monte à 2 480 000 €.*
*Pour Guy Tempels, il est important d'empêcher la réalisation du projet de la décharge. Mais il ne faut pas oublier qu'il faudra se tenir aux prescriptions françaises, qui ne sont pas les mêmes que celles luxembourgeoises.*
*Guy Tempels se demande ce qu'il adviendra des 55 ha de terres labourables. Il faudra y réaliser un projet bien réfléchi.*
*M. Liesch vient d'expliquer que les forêts seront gérées par le garde forestier.*

*Le prix est plus élevé que ce qui est courant en France. Par ailleurs, il manque encore le feu vert du ministère de l'Intérieur et de la Safer. Lorsque ces obstacles seront levés, ce projet deviendra unique dans le pays. Comme l'a dit M. Meisch, des subventions européennes seraient alors envisageables.*
*Le CSV approuvera le compromis en espérant qu'il n'y aura pas d'autres imprévus.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *espère que la commune de Differdange s'agrandira bientôt.*
*Il passe à un terrain que la commune a acquis il y a quelques mois et qu'elle revend désormais au même prix dans la route de Pétange à la Société nationale d'habitation à bon marché.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini cède la parole à M. Liesch, le président de SICONA pour le point suivant. Il constate que quelques plans manquent dans le dossier.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *explique que SICONA gère le projet « LIFE Grassland » ayant pour but de préserver les prairies sèches. Celles-ci sont rares et offrent un espace de vie de grande qualité aux insectes et oiseaux.*
*C'est pourquoi une convention est en train d'être conclue avec de nombreuses communes portant sur des terrains appartenant à l'État ou à des communes.*
*Georges Liesch admet qu'il est difficile de voir de quelles parcelles il est question parce qu'il n'y a pas de plan. Il a demandé à Sicona d'ajouter une image de la parcelle au dossier à l'avenir.*
*Le travail de SICONA est important pour empêcher la disparition des prairies sèches. Le mois dernier, un rapport mentionnait l'extinction de nombreuses espèces. Ce projet constitue une goutte dans l'océan, mais il s'agit tout de même d'une action permettant de soutenir la biodiversité dans le pays. On ne peut malheureusement plus parler de préservation. Il s'agit uniquement de freiner légèrement la destruction.*

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech kennen de President, ech huelen dat mat. D'Remark ass ganz berechtegt. Et ass esou, dass de SICONA Projetssträger vum LIFE-Grassland-Projet ass. Wou et landeswäit drëm geet, fir d'Dréchewisen, déi jo ganz rar sinn an eng héich Liewensqualitéit hu fir ganz vill Insektenaarten a Vullenaarten, iwwerall hei am Land ze bewirtschaften, an ze erhalen. Och hei bei eis an der Gemeng.

Dofir gëtt mat ville Gemengen eng Konventioun gemaach, dass de SICONA op deenen Terrainen, déi zum Deel dem Staat an zum Deel der Gemeng gehéieren, déi doten Aarbechte maachen däerf.

D'Remark ass awer richteg. Ech hu gesi gehat, dass an anere Gemengen ni e Plang dobäi louch, wou sech déi jeeweileg Parzelle befonnt hunn. An dat ass awer schwiereg erauszefannen. Da muss ee mat der Parzellennummer siche goen, wou et ass. Well een net ëmmer weess, wou dat läit. Ech hunn dat matgeholl gehat. An Zukunft wäerten déi Saachen och ëmmer bäileien, mat engem klenge Bildchen, wou déi Parzell dann ass. Dass ee sech besser orientéiere kann. Dat ass absolutt richteg.

Soss gëtt et näischt Extraes. Et ass immens wichteg, dass de SICONA déi heiten Aarbechte mécht, soss géifen eis Dréchewise mat der Zäit verschwannen. An dat sinn awer ganz wichteg Habitaten.

Ech mengen, ech brauch net drun ze erënneren, dass mer virun engem Mount en zimlech desastréise Bericht kritt hunn iwwert d'Ausstierwe vun esou villen Aarten. Déi zum Deel scho verschwonne sinn. An nach eng Kéier dat Dräifacht dobäi vun Aarten, déi mer bal net méi gerett kréien. An dat mécht mer immens Suergen.

Dat heiten ass natierlech eng ganz kleng Drëps op esou ee Steen. Mä ech mengen, dass et awer wichteg ass, dass mer esou Aktioune wéi déi heiten absolutt ënnerstëtzen. Fir hei am Land iergendwou nach e bëssen den Offall e wéineg gebremst ze kréien. Biodiversitéit erhalen – do si mer ganz wäit dovunner ewech. Mir kënne just soen, dass mer den Offall, dee ganz steil no ënne geet, e bëssen offiederen. Méi ass am Moment net dran, mat deene Mesuren, déi mer zur Verfügung hunn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Den Här Tempels, w.e.gl.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech hunn eng Fro. Ech war mer dat kuerz um Geoportail ukucken. Do gesäit ee jo, wou d'Plaz ass. Firwat gëtt net déi ganz Parzell geholl? Et sinn 12 Ar. Et ginn nëmmen dräi Ar an de Kontrakt geholl. Firwat ginn net déi 12 Ar geholl? Oder ech hunn et falsch verstanen. Dat kann och sinn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Den Här President wäert dat bei SICONA nofroen. Mir froen dat no, Här Tempels. An da kritt Der dat natierlech gesot.

Här Goffinet, w.e.gl.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Just eng Fro: Wéi vill Dréchewisen hu mir iwwerhaapt nach hei an der Gemeng?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech mengen, och dat misste mer nokucken. Dat ass eng wichteg Fro. Ech wëll Iech just matdeelen, datt mer elo Problemer mat enger Dréchewiss haten. Mir kéinten dat roueg nokucken – eis Ëmweltkommissioun, eise President vun der Ëmweltkommissioun –, datt een net nëmmen d'Dréchewise kuckt, mä iwwerhaapt eis Biotopen.

Souwisou, wa mer iwwer PAPen a PAGe schwätzen, hu mer jo eng Bestandsopnam gemaach vun der ganzer Gemeng. Spéitstens e Samschdeg de Moie kritt Der nach eng Kéier gesot, wou wat ass. Dat heescht, déi ganz Ge-

meng ass ënnert d'Lupp geholl ginn, fir ze kucken, wou mer nach Dréchewisen hunn oder soss Biotopen. E Samschdeg de Moie wäerte mer dat virgestallt kréien.

Mir géifen dann elo zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention portant sur des projets de protection de la nature à réaliser dans le cadre du projet LIFE Grassland ensemble avec l'administration de la nature et des forêts ainsi que le SICONA Sud-Ouest.*

Deen nächste Punkt ass e Bail commercial vum Hotel-Restaurant zu Lasauvage. D'Pabeiere sinn all dran. Et si kleng Ännerungen am Bail gemaach ginn. Mir sinn op alle Fall frou, datt en net zougaangen ass, datt e ka weidermaachen. An déi, wou an der Tëschenzäit dohinner iesse gaange sinn, hu gemierkt, datt d'Qualitéit déi bliwwen ass, déi se war. Et si ganz kleng Adaptatioune gemaach ginn. Mir sinn op alle Fall frou, datt deen Hotel-Restaurant esou weidergefouert gëtt, wéi en elo ass.

Madamm Richartz, w.e.gl.

#### YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Beim Presbytère zu Lasauvage si mer frou, d'Madamm Sabrina Marie Geneviève Calvez an den Här Camille-Antoine Masson ze begréissen, déi duerch eng Sàrl als nei Bedreiwer gëllen. Si wäerten dozou bäidroen, dass de pittoreske Site Lasauvage regional, national a souguer international ville Leit bekannt wäert ginn. Si exploitéieren en Hotel mat zéng Zëmmeren an e Restaurant, deen duerch e grousse Gaart mat zwee Weiere féiert.

Well mir eng Fairtrade-Gemeng sinn, ass de Locataire obligéiert, wéinstens ee Produit mam Fairtrade-Logo op senger Kaart ze presentéieren. Dat steet am Kontrakt.

Aner Ofkommesse fannt Der och am Contrat de bail. Mir wënschen der Madamm Calves an dem Här Masson plein succès. Merci.

#### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Altmeisch, w.e.gl.

#### GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, an der Sitzung vum 6. Mäerz ass de Kontrakt vum Ordre du jour geholl ginn, mam Argument, et géifen nach Pabeiere feelen. Haut kréie mir keng feelend Pabeiere presentéiert, mä e verbesserte Kontrakt. Am Vergläich stellt ee fest, dass den Artikel 3 deelweis verbessert ginn ass. An zwar huet d'Gemeng elo bei der Vente vum Fonds de commerce endlech e Matsproocherecht. Am Artikel 2 geet neierdéngs rieds vun engem Inventaire. Et gëtt schrëftlech festgehalen, wiem wat gehéiert. Also ka keen Eegentum vun der Gemeng an de Fonds de commerce reintegréiert ginn a matverkaf ginn. Wat eng ganz gutt Saach ass.

Haut gëtt der LSAP kloer, wat vu Pabeiere gefeelt hunn. Den éischte Kontrakt war schwaach opgestallt an huet vill Interpretatiounen zougelooss. Mir hoffen, dass den éischte Kontrakt, dee vum Schäfferot ënnerschriwwe war, annuléiert ginn ass. D'LSAP begréisst dësen neie Kontrakt. E bitt méi Kloerheet fir all Mënsch. Ech soen Iech Merci.

#### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Altmeisch. Här Hartung, w.e.gl.

#### JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, hei hu mer een Hotel-Restaurant, dee sech an deene leschte Joren an onser Gemeng etabléiere konnt, gutt fonctionnéiert a vill zur Attraktivitéit vun onser Stad, a besonnesch Lasauvage, bäidréit. Dofir si mer frou ze gesinn, datt dës Gastronomie eng intern Léisung fonnt huet, fir weider ze fonctionnéieren an de bestoende Bail iwwerhëlt.

**GUY TEMPELS (CSV)** *a recherché l'emplacement du terrain sur le géoportail. Pourquoi la convention ne porte-t-elle que sur 3 des 12 a de la parcelle ?*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *demande au président de SICONA de s'informer auprès du syndicat et de donner ensuite une réponse à M. Tempels.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *voudrait savoir combien de prairies sèches il reste à Differdange.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que le collège échevinal devra se renseigner.*
*Il demande au président de la commission de l'environnement de se renseigner non seulement au sujet des prairies sèches, mais des biotopes en général.*
*De toute façon, M. Goffinet obtiendra une réponse à sa question au plus tard samedi matin lorsqu'il sera question des PAP et du PAG.*
*Un état des lieux des prairies sèches et des biotopes a été effectué dans ce contexte.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à un bail commercial avec l'hôtel-restaurant à Lasauvage. Il se réjouit du fait que l'établissement ne ferme pas. La qualité des mets est restée la même. Le contrat de bail a été légèrement adapté, mais l'hôtel-restaurant continuera à fonctionner.*

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)** *espère que les nouveaux gérants contribueront à faire connaitre le site pittoresque de Lasauvage dans le pays, la région et au-delà.*
*Ils exploitent un hôtel de dix chambres et un restaurant relié à deux étangs par un grand jardin.*
*Comme Differdange est une commune « fairtrade », le locataire est obligé de proposer au moins un produit sur sa carte issu du commerce équitable. Cette condition figure dans le contrat.*
*Yvonne Richartz-Nilles souhaite beaucoup de succès aux nouveaux exploitants.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *rappelle que ce point a été retiré de l'ordre du jour le 6 mars dernier, car il*

*manquait des documents. Aujourd'hui, le contrat a été modifié, mais il n'y a pas de documents supplémentaires.*
*L'article 3 stipule désormais que la commune dispose d'un droit de regard en cas de vente du fonds de commerce. L'article 2 a été complété d'un inventaire. Désormais, il n'est plus possible d'intégrer ce qui appartient à la commune au fonds de commerce et de tout vendre.*
*Les socialistes comprennent désormais ce qui manquait dans le premier contrat. Il était faible et laissait la place à trop d'interprétations. Guy Altmeisch espère que le premier contrat, que le collège échevinal avait signé, a été annulé.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *constate que l'hôtel-restaurant s'est bien établi et contribue à l'attractivité de Lasauvage et de la ville.*
*Le CSV souhaite beaucoup de succès aux nouveaux locataires.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à un bail portant sur 2022. Tout ne fonctionne pas encore comme prévu et le bureau de coordination restera donc à Differdange plus longtemps.*
*Roberto Traversini est content qu'ils restent à Differdange. Leur équipe s'est agrandie et Differdange leur met à disposition deux fois plus de mètres carrés. Le bourgmestre leur a signalé que Differdange dispose aussi d'autres beaux bâtiments.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *rappelle que les socialistes vont s'abstenir même si cela n'a rien à voir avec le contrat de bail ou l'initiative.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *ne trouve pas les codes explicites et ne sait pas où se trouvent les locaux dans le 1535°.*
*Par ailleurs, il a appris que le 6zero1 n'est plus dans le 1535°. Il aurait aimé en être informé. Il s'agissait d'un élément important de l'économie sociale et solidaire de la commune.*
*Gary Diderich se demande par ailleurs ce qu'il adviendra des locaux. Il rappelle que le service in-*

Am Numm vun der CSV Déifferdeng wënsche mir den neie Locatairen och alles Guddes a vill Erfolleg a stëmmen dëse Bail mat.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial pour l'exploitation de l'hôtel-restaurant Le Presbytère à Lasauvage.*

Dat nächst ass e Bail, dee mir schonn hei haten, d'Kulturhaaptstad 2022. Dir hutt bestëmmt matkritt, datt verschidde Saachen net esou lafen, wéi se sollten. Et freet eis natierlech, datt d'Koordinatioun vun 2022 nach zu Déifferdeng bleift. Ech muss elo awer e bëssen op d'Zänn bäissen. Et ass ee jo awer ëmmer e bësse méi Déifferdenger wéi de Rescht. Op alle Fall mir si frou, datt mer 2022 nach an eise Lokaler ënnerdaach kréien.

Si hunn duebel esou vill Metercarréen, wou se elo sinn. Déi Equipe ass am Gaang, sech ze erweideren. Mir stellen déi Gebaier ganz gären zur Verfügung. An ech hunn dat och schonn op anere Plaze gesot, mir hunn och nach aner ganz schéi Gebaier, déi een eventuell och nach ka mat eranhuelen. Dat ass deen dote Bail.

Här Muller, w.e.gl.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wollt just drun erënneren, dass mer eis enthalen. Et huet awer näischt mat deem Bail ze dinn. An och net mat där Initiativ.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt nofroen, wou dat genee ass am 1535°. Mat deene Codë ginn ech net esou eens. An och froen: De 6zero1 ass, sou wéi ech dat verstanen hunn, net méi am 1535°. Et wär interessant gewiescht, doriwwer informéiert ze ginn, firwat deen net zu Déifferdeng bliwwen ass.

Dat war, wéi ech fannen, e wichtegt Element fir d'Économie sociale et solidaire zu Déifferdeng. Fir do e wichtegen Acteur ze hunn. Dat ass elo net méi de Fall. An ech froe mech, wat elo mat deem Espace geschitt, dee jo awer relativ grouss ass. Ob si eben elo dohinner kommen oder ob en anere Projet besteet fir deen Espace. Wou jo och eise Service informatique quasi mat dra respektiv à côté ass.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat heiten ass den Espace um éischte Stack, wou den Architektebüro dra war. Deen ass eraus.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Jo.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

De 6zero1 ass schonn eng gutt Zäit eraus. Do sinn am Moment zwee, dräi Leit, Firmen, déi interesséiert sinn. De 6zero1 huet aner Lokaler, méi zouener, dat heescht separat Lokaler gesicht. Et ass schued, datt se gaange sinn. Mä mir hunn awer verstanen, datt dat net déi richteg Lokaler ware fir dat, wat se gebraucht hunn. Mä et ass awer schonn eng gutt Zäit, datt déi do eraus sinn.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Et ass gutt, dass Der mer dat elo sot. Ech mengen, dofir wär eben och esou e Comité de suivi interessant, fir dass een déi Saachen als Gemengerot e bëssen éischter gewuer gëtt.

Ech hat natierlech iergendwann eng Newsletter kritt, dass dee ganze Projet

dohinner plënnert. Ech hat awer gesinn, dass op där Plaz nach näischt amplaz komm ass, wéi ech mäi Computer bei de Service informatique bruecht hunn. Dat sinn eben esou Saachen, déi mir am Gemengerot net esou matkréien.

An dofir déi Initiativ, fir esou e Comité de suivi anzeriichten. Fir dass mer ënner anerem bei esou wichtege Changementer informéiert ginn. Et ass jo net bei all Locataire, wou mer all d'Detailer ëmmer misste wëssen. Mä ech mengen, wa bei esou engem Coworking-Space, deen awer vun Ufank un am Konzept dra war, eppes ännert, wär et schonn interessant, doriwwer ze schwätzen an informéiert ze ginn.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo. Merci. Da géife mer zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 4 abstentions d'approuver le contrat de bail d'un espace au 1535° Creative Hub - Esch 2022.*

---

Merci. Dat nächst ass e klengen Atelier zu Lasauvage. Dee war nach fräi. E Contrat de bail fir en Artist. De Präis ass wierklech net deier. Mä et ass awer och e ganz klenge Raum.

Ech mengen, mer kéinten direkt zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver un contrat de bail d'un atelier d'artistes à Lasauvage.*

---

Dat nächst sinn eis Titres de recettes. Dat ass e flotte Punkt. Do gesäit een déi sämtlech Suen, déi mer kritt hunn, sief dat vum Staat oder vun anere Subventiounen. Dat muss duerch de Gemengerot goen. Well dat am Fong geholl net mat Taxen ze dinn huet, déi duerch de Gemengerot gestëmmt gi sinn. Dofir ass dat dann eemol d'Joer ze maachen. Wéi all Joers.

Da géife mer zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les avis et titres de recette de l'exercice 2018.*

---

Deen nächste Punkt ass de restanten Etat vun eiser Comptabilitéit. De Montant ass nach ëmmer héich. Mä ech muss awer soen, datt e manner héich ass wéi d'lescht Joer. En ass erofgaangen. Et bleiwen awer nach 621.000 Euro, wou eise Receveur kucke muss, fir déi eranzekréien. Deen ass der Meenung, datt en déi dann och géif kréien.

A bei 48.000 Euro ass en der Meenung, mat den Dierwiechteren, datt et net méi wäert méiglech sinn, déi ze kréien. Wat och manner ass wéi d'lescht Joer. D'lescht Joer louche mer wäit iwwer 60.000 Euro. Et ass nach ëmmer e substanzielle Montant. Mä et ass awer Gott sei Dank net esou wéi dat Joer virdrun, wou et an d'Luucht gaange war.

Wann Der gär d'Detailer wësse wëllt, wat nach ze bezuelen ass, oder wat nach eranzekréien ass, stellt de Receveur Iech dat selbstverständlech zur Verfügung.

Dat ass selbstverständlech. Ech deelen et net méi hei aus. Ech soen dat all Joers, well dat Joer, wou ech se ausgedeelt hunn, war d'Dokument verschwonnen. Dofir deele mer et net méi aus. Mä natierlech kënnt Der kucke goen, wann Der wëllt.

Da géife mer zum Vott kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'pprouver les états des restants et les décharges accordées à la clôture de l'exercice 2018.*

---

Ech si frou, datt Der nach hei sidd, Madamm Pregno. Bei dësem Punkt géif ech Iech direkt d'Wuert ginn.

*formatique communal se situe juste à côté.*

---

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *signale que le point d'aujourd'hui concerne un espace au premier étage où se trouvait le bureau d'architectes.*
*Le 6zero1 ne se trouve plus au 1535° depuis un moment. Plusieurs sociétés s'intéressent aux locaux.*
*Roberto Traversini regrette que le 6zero1 soit parti, mais ils cherchaient un autre type de locaux.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *est content de l'apprendre. Mais un comité de suivi permettrait au conseil communal de recevoir ces informations plus tôt.*
*Gary Diderich avait été informé du déménagement par un bulletin d'information. Mais il a constaté récemment que les locaux étaient encore vides.*
*Le conseil communal n'est pas toujours informé. C'est pourquoi un comité de suivi serait important. Les conseillers communaux ne doivent pas connaitre tous les détails concernant tous les locataires, mais ici, il s'agissait d'un changement intéressant.*
*(Vote)*

---

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à un contrat de bail avec un artiste pour un atelier à Lasauvage.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe aux titres de recettes. Le document reprend toutes les recettes provenant de l'État ainsi que les subsides. Comme il ne s'agit pas de taxes, ces revenus doivent être approuvés par le conseil communal.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à l'état des restants. Par rapport à l'année dernière, le montant a baissé même s'il reste élevé.*
*Le receveur essaiera de récupérer 621 000 €. En revanche, il est d'avis que 48 000 € sont définitivement perdus. L'année dernière, il s'agissait de 60 000 €.*
*Les conseillers communaux souhaitant davantage d'informations peuvent s'adresser au receveur. Roberto Traversini ne distribue pas la liste, car chaque fois qu'il l'a fait, celle-ci a disparu.*

*(Vote)*
*Roberto Traversini cède la parole à Mme Pregno pour le point suivant.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *va présenter l'organisation du service d'éducation et d'accueil.*
*La commune dispose de 1495 chaires, c'est-à-dire de places pour les enfants : 305 dans le centre, 234 au Fousbann, 307 à Niederkorn, 30 à Lasauvage, 181 à Oberkorn, 303 au Woiwer et 37 dans le Kannerbongert.*
*Parallèlement, il y a aussi des crèches pour les enfants de deux mois à quatre ans. Cela représente 84 chaires dans le foyer de jour Kornascht et 14 dans la crèche en forêt.*
*La commune s'est dotée de critères. Lorsque la demande dépasse l'offre, les enfants habitant à Differdange sont privilégiés. La priorité est accordée aux enfants à besoins spécifiques, aux enfants nécessitant une prise en charge spéciale, aux enfants signalés par une assistante sociale et aux enfants dont les deux parents travaillent. En revanche, les critères sont laissés de côté dès qu'il y a suffisamment de places disponibles.*
*Les inscriptions sont effectuées sur la base des places disponibles, car la commune ne peut pas dépasser la limite prévue par le ministère.*
*Le tableau reprend parfois plus d'enfants qu'il n'y a de places. Mais cela est dû au fait que tous les enfants n'occupent pas forcément l'ensemble des plages horaires.*
*Les maisons relais sont ouvertes de 7 h à 19 h à l'exception de celle en forêt qui ouvre déjà à 6 h 30 et qui ferme à 18 h 45.*
*Pour le moment, Differdange n'a pratiquement pas de listes d'attente. Mille-trois-cent-soixante-sept enfants sont inscrits dans les maisons relais. La maison relais du Woiwer est la seule à avoir encore des disponibilités. Celle du Fousbann est très prisée. C'est la seule maison relais avec une liste d'attente. Le collège échevinal cherchera une solution pour l'année prochaine.*
*Les parents règlent l'offre avec le chèque service accueil. Certains parents refusent de payer, ce qui est regrettable, car la commune offre un bon service. En outre, c'est in-*

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech stellen Iech d'Organisatioun vun den SEAe vir. Dat sinn d'Services d'éducation et d'accueil. Wou mer dëst Joer eng 1.495 Still op hunn. Wa mer vu Still schwätzen, nenne mer dat Plaze fir Kanner aus der Gemeng. Déi deele sech op verschidden Haiser op, iwwert dee ganz Gemengenterritoire.

Mir hunn am Zentrum 305 Still, um Fousbann 234, zu Lasauvage 30, zu Nidderkuer 307. Zu Uewerkuer, wou elo déi nei Struktur, deen neien Deel opgaangen ass, hu mer 181. Wou awer, wann d'Villa bis renovéiert ass, nach eng Kéier 70 bäikomme wäerten. Um Woiwer hu mer 303, an uewen um Kannerbongert, also an der Bësch-Maison-relais, 37. Dat ass alles fir d'Schoulkanner. Dat heescht déi, déi vum Precoce bis dann hir Fin de carrière d'Grondschoul hei maachen.

Mir hunn awer och nach eng ganz Rei Still an de Crèchen, déi fir Kanner vun zwee Méint bis véier Joer zur Verfügung stinn. Dat sinn eng Kéier am Foyer du Jour Kornascht zu Nidderkuer 84 Still, an an der Bëschcrèche 14 Still.

Genee wéi déi lescht Joren hu mer eis Kritäre ginn, wéi eng Kanner mer ophuelen. Wann d'Demande net méi grouss ass wéi eis Offer, sollen et ëmmer Kanner sinn, déi hei zu Déifferdeng wunnen. Kanner mat Besoin-specifiquen hu Virrecht. Kanner, déi eng extra Prise en charge brauchen, well zum Beispill een Elterendeel ganz schwéier krank ass, déi komme vir. Kanner, déi vun der Assistante sociale signaliséiert ginn. Elengerzéiend Elteren, wou deen Elengerzéienden dann och schafft. A Familien, wou déi zwee Eltere schaffen.

Wann natierlech méi Plazen do sinn, wéi Demande ass, da berécksiichtege mer déi Kritären net. Mir mussen awer soen, dass d'Demande relativ grouss ass. Soudass mer gréisstendeels awer mussen déi Kritäre berécksiichtegen.

D'Inscriptioune ginn en fonction vun de Plaze gemaach. Well mer eis net erlabe kënnen, méi Kanner opzehuelen, wéi mer Plaze vum Agreement, dat heescht vum Gesetz, vum Ministère kréien. Heiansdo fannt Der an den Tableauen emol méi Kanner. Dat ass, well net all Kand all Plage horaire besetzt. Innerhalb vun deene Plage-horairë gëtt den Agreement, oder déi Zuel vu Kanner, berécksiichtegt.

Eis Haiser sinn op vu moies siwe bis owes siwen. De Bësch mécht e bësse méi fréi op, schonn um hallwer siwen, well et jo ausserhalb vun de Lokalitéite läit. A mécht deementspriechend eng Véierelstonn éischter zou. Dat heescht, en ass vu 6h30 bis 18h45 op.

Mir hu momentan quasi keng Waardelëscht. Wourop mer ganz stolz sinn. Well aner Gemenge kënnen dat net vu sech soen. Am Ganze sinn 1.367 Kanner an deene verschiddenen Haiser ageschriwwen. Do wier souguer nach Sputt no uewen. Dat ass awer momentan just de Fall um Woiwer. Wou dat Haus wierklech nach grouss ass a wou nach Capacitéit bleift.

Mir mussen och soen, dass de Fousbann zum Beispill en Haus ass, wat ganz gefrot ass. A wa mer vu Waardelëschte schwätzen, do dann och eng kleng hunn. Si ass awer nach ëmmer relativ winzeg. A mir wäerten eis och do nach fir d'nächst Joer eppes afale loossen, fir der Demande gerecht ze ginn.

D'Eltere bezuelen déi Offer, déi mer hinne ginn, duerch de Chèque-service Accueil. Wouduerch se relativ gutt Tariffer kréien. Déi meescht op jidde Fall. Et gëtt ëmmer erëm Elteren, déi net bezuelen. Wat eis relativ traureg mécht, well mer awer denken, dass mer e gudde Service offréieren. An et virun allem net fair ass vis-à-vis vun deenen Elteren, déi bezuelen.

Do hu mer dann d'lescht Joer ugefaangen, eis déi Non-paiementen, nenne mer se emol esou, e bësse méi op d'Long ze zéien. Dat heescht, nom drëtte Rappell gi se nach eng Kéier vun eis kontaktéiert. An deemno wéi, wa se sech dann net mellen, kréie se herno keng Plaz méi am Haus. Mir offréieren natierlech ëmmer e Plan de financement, well mer wëssen, dass fir verschidde Leit déi Suen iwwerliewenswichteg sinn. Mir denken awer och, dass e Service muss bezuelt ginn. Soudass mer do awer, zënter leschtem Joer, relativ strikt virginn.

Eis Haiser gi geréiert vun enger ganzer Rei Personal. Ënner anerem de Schoulservice, hei uewen am Büro, dee sech ëm déi ganz Structure-d'accueile këmmert. Mir si momentan zu néng Leit, wou nach eng Plaz fräi ass, wou och nach wäert opgestockt ginn.

Dat ass eng Equipe, déi ganz gutt funktionéiert. Wou d'Madamm Weinerth an ech vill dra geschafft hunn, vill Formatioune gemaach hu mat de Leit, fir dass dat wierklech eng Equipe gëtt, déi Hand an Hand administrativ schaffe kann. An Elteren, oder egal wien, deen e Renseignement wëll, uewen am Guichet gutt accueilléiert gëtt. Dass mer wierklech e gudde Service do offréiere kënnen.

An eise Maison-relaisen an an eise Crèchen hu mer momentan eelef Responsabel a Co-Responsabel. Dat sinn entweder Educateur-graduéen oder och emol en Diplomé. Déi geréieren um Terrain 160 Leit, Diploméen. Zënter leschtem Joer hu mer eng ganz Rei Auxiliaire-de-vien an Agent-educatifen agestallt. Agent-educatife si Leit, déi Formatioune vun 110 Stonnen hunn, fir an den Haiser ze schaffen.

En Auxiliaire de vie ass eppes, wou mer d'lescht Joer ugefaangen hunn, well dat ëmmer méi als Léier promouvéiert gëtt. Wou mer och ganz frou sinn, dass mer déi Leit fir eis gewanne kënnen. Well mer effektiv mierken, dass et e bëssen esou eng Course ass vun den Institutiounen, fir d'Educateure bei sech ze zéien. Well effektiv ëmmer méi Infrastrukturen Educateure brauchen. An der ëmmer manner um Marché sinn.

An d'Auxiliaire-de-vien maachen eng ganz flott Ausbildung a leeschte bei eis an den Haiser immens gutt Aarbecht. Sou wéi d'lescht Joer, wäert dann elo direkt, wann d'Exame vun der Educateur-Schoul eriwwer sinn, eis Annonce an der Zeitung ze fanne sinn. Well mir brauchen erëm e puer Educateuren an e puer Auxiliaire-de-vien an ënner anerem nach e Gradué, fir opzestocken.

Well mer awer, wéi seet een esou schéin, Equippen hunn, déi jonk a weiblech sinn, a wéi dat dann och do ass – an och dëst Joer nach am Schäfferot –, emol e Congé de maternité dertëschent fält. A mir musse jo awer fir d'Encadrement vun eise Kanner suergen.

Dat sämtlecht Personal forméiert sech lafend. Dat ass ganz wichteg an deem Beräich. Mir als Service organiséieren d'Majoritéit vun de Formatiounen. Mir maachen dat samschdes. Mir maachen dat hei zu Déifferdeng, soudass d'Leit sech net vill mussen deplacéieren. D'Inhalter vun der Formatioun sinn en fonction vun deem, wat grad an den Haiser gebraucht gëtt. Oder wat mat de Responsabelen ofgemaach ass. Oder wéi eng Demande vun eise Leit do ass.

Natierlech heescht dat net, dass déi verschidden Educateuren net kënnen hir perséinlech Stempele setzen, andeems se déi Formatioun, déi mir offréieren, net maachen, mä vläicht eppes anescht aussichen, wat hei zu Lëtzebuerg ugebuede gëtt. Mir probéieren, hinnen den Accès zu de Formatiounen esou einfach wéi méiglech ze gestalten, wou mer vill Wäert drop leeën.

Zousätzlech zu deem edukative Personal hu mer och Kichepersonal, wat och ganz wichteg ass. Well mir kache jo selwer fir eis Kanner. Mëttlerweil hu mer zéng Käch. A 16 Posten, wou Madammen an Hären hëllefe kache respektiv botzen.

Mir hu véier Kichen. Wou mir wierklech de grousse Virdeel gesinn, wann d'Kichen en direkte Kontakt zu de Kanner hunn, wéi dat notamment an där neier Struktur zu Uewerkuer ass. Do kréie mer ëmmer ganz flott Réckmeldungen. A mir hunn dat och scho selwer getest, wéi flott dat ass, wann een eben direkt gesäit, dass do e Kach kacht, a wat e kacht.

An de Kach gesäit och direkt, wat d'Kanner iessen, wéi vill se iessen. A wann eppes feelt, da kann dat direkt nozerwéiert ginn. Dat ass eng vill besser Qualitéit, wéi wann en Transport dertëschent ass. Transport léisst sech zwar net ëmmer vermeiden. Mä eis nei Strukture sinn esou equipéiert, dass do en direkte Kontakt entsteet.

Mir zerwéiere Bio- a regional Liewensmëttel, oder probéieren emol esou vill wéi méiglech. Well et ass jo net bei allem méiglech. Dëst Joer maache mer bei engem Projet vun der SICONA mat, wou et virun allem ëm dat Thema geet. Waasser ass nach ëmmer Krunnewaasser. Wou mer och dëst Joer all Kand e

*juste par rapport aux parents qui paient. C'est pourquoi, depuis l'année dernière, les mauvais payeurs sont contactés après le troisième rappel. S'ils ne réagissent toujours pas, ils n'ont plus accès à la maison relais. La commune propose des plans de financement, mais Laura Pregno reste de l'avis qu'un service doit être payé.*

*Le service scolaire se compose de neuf personnes. Un dixième poste reste à pourvoir. L'équipe fonctionne bien. Les employés suivent de nombreuses formations et travaillent main dans la main. Les citoyens sont toujours bien accueillis. Les maisons relais et les crèches comptent 11 responsables et coresponsables. Ils gèrent 160 personnes sur terrain. La commune a recruté de nombreux auxiliaires de vie au cours des dernières années.*

*Laura Pregno constate que les institutions se battent pour attirer les éducateurs. Il y en a de moins en moins. Les auxiliaires de vie sont formés et réalisent du bon travail dans les maisons relais de Differdange.*

*Comme l'année dernière, la commune va recruter plusieurs éducateurs et plusieurs auxiliaires de vie. Les équipes sont jeunes et féminines. Il peut donc y avoir des congés de maternité. Or la commune doit veiller à l'encadrement des enfants.*

*Le personnel est formé en continu. Les formations sont organisées par la commune et ont lieu à Differdange. Le contenu dépend des besoins et de demandes. Cependant, les éducateurs ont la possibilité de suivre d'autres formations s'ils le souhaitent.*

*Differdange compte aussi du personnel de cuisine : 10 chefs et 16 aides répartis en 4 cuisines. Laura Pregno souligne l'importance d'un contact direct entre les enfants et la cuisine. C'est notamment le cas à Oberkorn. Pour les enfants, il est intéressant de voir le chef préparer des plats. De son côté, le chef voit ce que les enfants mangent. Le transport de marchandises ne peut pas toujours être évité, mais la commune privilégie un contact direct dans les structures.*

*Les produits servis sont régionaux et biologiques. Cette année, Differ-*

*dange participe à un projet de SICONA à ce sujet.*
*Les structures d'accueil servent de l'eau du robinet. La commune a offert un bidon à tous les enfants pour qu'ils puissent apporter de l'eau lorsqu'ils participent à des activités à l'extérieur. Les excursions fonctionnent donc sans plastique.*
*Le « Weltatelier » reste le concept pédagogique des maisons relais. Les crèches fonctionnent selon le concept d'Emmi Pikler. Seule la maison relais de Niederkorn se trouve encore en phase de transition vers le « Weltatelier ». Ensuite, toutes les structures de la commune appliqueront le même concept. Les différentes salles recouvrent différents thèmes ou fonctionnalités. Parallèlement, les éducateurs proposent aussi des activités extérieures auxquelles les enfants peuvent participer.*
*La collaboration avec les parents et les enseignants est essentielle. À travers les fêtes et les journées de rencontre, les parents sont invités à prendre part au quotidien des structures d'accueil. Mais ce n'est pas facile parce que les journées des parents sont généralement longues et ils essaient de se dépêcher lorsqu'ils déposent ou viennent chercher les enfants.*
*La collaboration avec les écoles a également été renforcée. On remarque notamment que lorsque les enfants se trouvent dans une situation difficile, les enseignants et les éducateurs travaillent main dans la main.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *a lu le document de 77 pages. Si tous les aspects repris dans le document sont appliqués, l'enfant devrait effectivement se retrouver au centre de l'encadrement.*
*Erny Muller remercie tous ceux qui travaillent dans ce secteur. Il suppose que Mme Weinerth a rédigé le document. On remarque qu'elle est engagée. L'équipe administrative réalise de l'excellent travail.*
*Cent-soixante personnes travaillent sur le terrain. Il n'est pas facile d'encadrer des enfants et de remplacer partiellement les parents.*
*Le personnel de cuisine joue aussi un rôle essentiel dans le bienêtre des enfants.*

Bidon geschenkt hunn, fir dass et, wann et mat der Schoul oder mat der Maison relais un Aktivitéiten deelhëlt, déi net am Gebai stattfannen, säi Bidon mat Krunnewaasser opfëllen an esou mat op den Tour huele kann. Soudass mer op den Ausflich ouni Plastik funktionéieren.

D'pädagogescht Konzept ass, wéi déi Jore virdrun, nach ëmmer de Weltatelier. Eis Crèche funktionéiert nom Emmi-Pikler-Konzept. Dir fannt am Dossier ganz vill Notatiounen dozou. Wou et och déi verschidden Themeberäicher gëtt, wéi den Här Ulveling scho virdru bei der neier EIDE virgestallt hat. Déi gëtt et och bei eis.

Et ass elo just nach d'Haus Nidderkuer, wat an enger Transitiounsphas ass vun engem Gruppemodell op dee Weltateliersprojet. Wann déi Phas bis eriwwer ass, si mer am ganzen Territoire vun der Gemeng am Weltatelierkonzept aktiv. Wou u sech verschidde Säll sinn, a verschidde Raim verschidden Themeberäicher ofdecken. Respektiv an der Crèche sinn dat da Funktiounsecker. Do sinn d'Kanner jo och méi kleng.

Zousätzlech dozou ginn awer nach ëmmer Aktivitéite vun den Educateure proposéiert, sief dat Aktivitéiten am Haus selwer, wou d'Kanner sech kënnen aschreiwen, awer net mussen. Oder Aktivitéiten, déi ausserhalb vum Haus stattfannen. Zum Beispill, wa se eppes an d'Rotondë kucke ginn oder un iergendengem Spektakel deelhuelen.

Weiderhi leeë mer vill Wäert op d'Zesummenaarbecht, souwuel mat den Elteren, wéi mat den Enseignanten. Wat d'Elteren ugeet, probéiere mer ëmmer duerch Fester oder duerch Rencontren en Iwwergang ze kreéieren. Dass se d'Kand net just bréngen a siche kommen, mä dass een als Elteren e bësse méi agebonne gëtt. Wat awer oft schwiereg ass, well den Elteren hiren Dag oft ganz laang ass a se hiert Kand ebe schnell bréngen a siche kommen an erëm weider heem.

Mä duerch Gespréicher oder och duerch gemeinsam Fester, wou d'Elteren natierlech ëmmer invitéiert sinn – a mir immens frou sinn, wa se dann och an d'Haiser kommen –, probéiere mer, dat e bësse méi flott ze gestalten. Mat de Schoule gëtt och ganz vill zesummegeschafft. An ëmmer méi. Virun allem an de Beräicher, wou d'Kanner vläicht emol e bësse méi schwiereg Situatiounen hunn, mierke mer, dass do wierklech Hand an Hand geschafft gëtt, well d'Kand am Zentrum ass an esou beschtméiglech kann encadréiert ginn.

Domadder hunn ech den Tour gemaach, wat dëst Joer ugeet. Wann nach Froe sinn, beäntwerten ech déi gären. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, ganz gären.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, dass ech däerf ufänken. Merci och, Madamm Pregno. Mir hunn dat 77 Säite laangt Dokument duerchgelies. Et ass ganz interessant, wann een all déi Aspekter kuckt, déi berécksiichtegt ginn, oder solle berécksiichtegt ginn. A wann dat esou gemaach gëtt, da kéint dee Prinzip, wou d'Kand soll am Mëttelpunkt stoen, eventuell opgoen.

Ech wëll ufänken, all deene Leit Merci ze soen, déi an deem ganze Beräich schaffen. Dat sinn der vill. Ech weess net, wien d'Dokument erstallt huet, d'Madamm Weinerth wahrscheinlech. Et gesäit een, dass si voll an där Aufgab opgeet. An deem ganzen administrative Staff, déi net wéineg ze dinn hunn an déi hier Aarbecht wierklech tipptopp maachen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Richteg.

**ERNY MULLER (LSAP):**

An all déi Leit um Terrain – Dir hutt eis et gesot, wéi vill et der sinn –, 160 am Ganzen. Dat sinn der vill. Déi bestëmmt keng einfach Aufgab hunn. Well eng Kannerbetreiung, wou een am Fong muss d'Elteren deelweis ersetzen a wierklech Kannererzéiung maachen, ass keng einfach Saach.

Ech wëll awer och d'Personal vun der Kiche matabezéien. Well déi och eng wesentlech Roll spille fir d'Wuelbefanne vun eise Kanner.

Dann hätt ech e puer Froen. Dir hutt vun 1.367 Kanner geschwat. Wat der immens vill sinn. Da schwätze mer nach net vun der Bëschcrèche an der Bësch-Maison-relais. Dat kënnt jo nach dobäi. 99 Kanner eleng am Foyer Kornascht. Dat sinn der och vill. Dat muss ee sech emol virstellen. Dat si kleng Kanner. 99! An och do wierklech vill Gedold, vill Aarbecht vun deene Leit, déi déi Kanner betreien.

Eng vu menge Froen: Huet sech d'Migratioun vum Personal, huet sech déi Situatioun verbessert? Ech hunn héieren, d'Formatioun gëtt pousséiert. Wat och ganz gutt ass. An ech huelen och un, den Dialog a Motivatiounsschub gëtt a Richtung vun deem geschafft. Da misst dat jo am Fong e bësse besser gi mat der Migratioun. Och wann oft aner Ursaachen ugi ginn.

Mir haten eng Kéier geschwat iwwert d'Problematik vun der Stonnenzuel. Dir kënnt vläicht drop agoen, ob do eppes geännert huet.

Wat mer net esou gutt gefält, Dir hutt gesot, et sinn null Inscriptiounen. Dat steet och esou do. Mä ech hunn awer dee Begrëff priorité non-remplie gelies. A wann ech déi zesummenzielen, da kommen ech op 114. Wa mer do d'Kritäre géifen anescht definéieren, dann hätte mer 114 Demanden, deene mer net nokomme géifen. Ech weess net, ob ech do richteg leien.

Wat mer och net gefält, ass, dass mer Kanner ausschléissen, well d'Elteren net bezuelen. Et sinn der vläicht net vill, mä vläicht kann een do e Wee fannen. Et soll kee Kand leiden duerch déi Feeler, déi d'Eltere maachen. Oder well déi vläicht d'finanziell Moyenen net hunn an noléisseg sinn. Wann d'Kanner an déi Schleider geroden, da ginn déi herno grad esou. An duerfir sollte mer vläicht kucken, mat alle Moyenen, dass mer déi Kanner dra behalen. An déi vläicht op en aneren Niveau bréngen, dass et och anescht geet. Déi hunn et wahrscheinlech schonn net einfach, déijéineg, déi an esou Fäll sinn.

Wat ganz positiv ass, trotz deene Bemierkungen, ass, dass mer 135 méi Inscriptiounen par rapport zu 2018/2019. Ech hunn emol d'Differenz gemaach. Do komme mer op 135. Wat net näischt ass. Dat sinn der scho vill.

Iwwert d'Konzept hutt Der geschwat. D'Personal hate mer schonn. Restauratioun och. Ech hunn nach eng Fro zu der Hausaufgabebetreiung. Mir sinn nach ëmmer an deem ale Prinzip, dat heescht Hausaufgaben ass eng Affär vun der Schoul. Wou d'Kanner sollen Zäit an e rouege Raum fannen, wou een dat mécht. Ech mengen, dat geet bei verschiddene Kanner net duer.

Am Koalitiounsprogramm ass d’Hausaufgabenhëllef, d'Betreiung e grousst Thema. All d'Parteien hunn en Interêt. Ech mengen, et misst een awer eng Kéier e Bilan zéien: Wéi funktionéiert dat? Wou ass nach Handlungsbedarf? Wéi kënnt een dat verbesseren? Well trotz deene ganze Systemer, wéi mer elo fueren, ass praktesch kee méi doheem, deen de Kanner iergendeppes hëlleft.

Elo kann ee soen, d’Kanner solle selbststänneg ginn, sollen dat selwer maachen. Dat ass séier gesot. Dat bréngt deen ee fäerdeg, deen aneren awer net. Mir hunn e puer Spezialisten hei am Gemengerot, déi vläicht do méi bewandert dra si wéi ech selwer.

Nach eng Fro zu der Vernetzung. D’LASEP gëtt erwäänt, dat ass schonn emol ganz gutt. Dat heescht, d'Relatioun schéngt ze klappen. Mä op d'Veräiner gi mer net genuch an. Mir hunn all Méiglechkeeten an ech hu gesinn, dass mer de Kanner wierklech vill bidden. Si gi schwammen, d'Schwämm ass op, mir hunn e Schwammmeeschter agestallt, fir se ze begleeden. Mir maache vill Initiativ vun Éducation physique, och mat eegene Leit, wärend der Maison-relais-Zäit.

Mä mir mussen och e flott Konzept mat de Veräiner hunn, kulturell wéi sportlech, fir dass dat och klappt. Well nieft där Zougehéieregkeet zu engem Grupp an der Maison relais, komme se och mat aneren a Kontakt. Déi Integratioun an d'Gesellschaft, déi an de Veräiner gemaach gëtt, ass och wichteg. Ech hu gelies, mir hu Projeten iwwer Atelieren, fir déi eenzel Sportaarte virzestellen, an esou weider, och um musikalesche

*Erny Muller rappelle qu’il est question de 1367 enfants auxquels il faut ajouter les 99 de la crèche et de la maison relais forestières. Il faut beaucoup de patience et d’engagement pour les encadrer.*
*Erny Muller demande où en est la migration du personnel. Le collège échevinal fait la promotion de la formation continue, mais aussi du dialogue. Cela devrait limiter le problème de la migration, même si celui-ci est également lié au nombre d’heures et à d’autres questions.*
*Mme Pregno a dit que toutes les demandes ont été accueillies favorablement. Mais Erny Muller a lu la mention « priorité non remplie » dans le cas de 114 enfants. Cela signifie donc que leur demande n’a pas été acceptée.*
*Erny Muller n’apprécie pas non plus le fait que des enfants soient exclus parce que les parents ne paient pas. Les enfants n’y peuvent rien. Il faut tout mettre en œuvre pour garder ces enfants dans les structures d’accueil.*
*Le nombre d’inscriptions a augmenté de 135 unités par rapport à 2018-2019. C’est conséquent.*
*Mme Pregno a fourni les explications quant au concept, au personnel et à la restauration. Il reste la question de l’aide aux devoirs, qui est une question scolaire. Les enfants doivent trouver un endroit tranquille pour travailler. Mais cela ne suffit pas. Cette question est abordée dans le programme de coalition. Erny Muller pense qu’il est temps de dresser un bilan pour voir où il reste du pain sur la planche. Car à la maison, pratiquement plus personne n’aide les enfants.*
*On dit souvent que les enfants doivent être autonomes. Mais certains n’y arrivent et d’autres pas.*
*Erny Muller trouve qu’il faudrait renforcer les synergies avec les associations même si la commune propose de nombreuses activités. Les enfants peuvent aller nager ou faire du sport. Mais il faudrait réaliser un concept avec les associations sportives et culturelles. Cela permettrait aux enfants d’entrer en contact avec d’autres groupes de la société. Des ateliers présentant des activités sportives et musicales vont être organisés. Mais des améliora-*

*tions sont possibles pour ce qui est du transport ou des relations.*
*Pour conclure, Erny Muller se réjouit du fait que cette grosse machine fonctionne bien dans l'intérêt des enfants. Beaucoup de parents souhaiteraient sans doute s'occuper de leurs enfants, mais ne le peuvent pas. C'est pourquoi la commune doit proposer des maisons relais.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que la dernière fois, le conseil communal a approuvé le règlement d'ordre interne des structures d'accueil. C'est pourquoi il ne rentrera pas dans les détails.*
*Il se réjouit du fait que le partenariat entre les maisons relais et les parents soit défini plus clairement. Les parents doivent être tenus informés, car en fin de compte, ils sont responsables de leurs enfants.*
*Il a déjà été question de l'aide aux devoirs et de l'apprentissage scolaire.*
*Les chiffres constituent l'élément principal de l'organisation des crèches et maisons relais. En tout, Mme Pregno a parlé de 1500 chaires. Les chrétiens sociaux sont fiers de cette offre pour les enfants et leurs parents. Il n'y a pratiquement pas de listes d'attente et de nouvelles structures sont en construction.*
*Jerry Hartung annonce que le CSV approuvera l'organisation et remercie le personnel soutenant les enfants.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *remercie le service d'éducation et d'accueil ainsi que les responsables sur le terrain pour leur travail tout au long de l'année.*
*Ils disposent d'une base solide pour proposer de la qualité dans la mise en place du concept. Le personnel éducatif est soutenu à travers la formation continue. La commune est à l'écoute des besoins de la population. Des projets pédagogiques sont mis en place pour permettre aux enfants de se développer de façon ludique et en liberté. Le concept du « Weltatelier » renforce leur confiance. L'objectif est que la personnalité des enfants se développe de manière optimale grâce à une collaboration entre les maisons relais, le*

Plang. Mä et muss een awer kucken: Kënne mer do net nach eng Verbesserung maache fir d'Kanner, vläicht um Transport oder bei de Relatiounen tëschent de Veräiner an de Maison-relaisen?

Dat wär alles, wat ech dozou ze soen hätt. Als Konklusioun kann een nëmme soen: Felicitatioun, dass dee groussen Apparat esou gutt funktionéiert am Interêt vun eise Kanner. Well, mir wëssen, an Dir hutt et och geschriwwen, d'Gesellschaft octroyéiert dat doten. Verschidde Leit, Mammen oder Pappen, géife sech vläicht gär léiwer ëm hir Kanner bekëmmeren dee ganzen Dag. Mä dat ass leider, aus anere Grënn, net méiglech. Duerfir si mer frou, dass mer de Kanner awer esou eppes bidde wéi eist d'Fonctionnement vun de Maison-relaisen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Hartung, w.e.gl.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, am leschte Gemengerot hu mer de Règlement d'ordre interne vun all eise Betreiungsstrukture guttgeheescht. Dofir wäert ech elo net op den Inhalt, den uerdentlech geplangten Oflaf an déi zäitgeméiss pädagogesch Usätz agoen.

Mer si frou, datt an dësem Dokument d'Elterepartnerschaft, also d'Gespréicher tëscht der Maison relais an den Elteren, déi mir fir extrem wichteg halen, vill méi kloer an detailléiert definéiert ass. Mir mussen oppassen, datt d'Eltere gutt informéiert sinn. Well si sinn et schlussendlech, déi d'Responsabilitéit iwwer hir Kanner hunn a musse behalen. An dësem Kontext gouf och geschwat vun den Hausaufgaben an dem schoulesche Léieren.

D'Haaptelement vun dësem Dossier, der Organisatioun vun onse Crèchen a Maison-relaisen, sinn d'Zuelen, déi hei hannendru stinn.

Insgesamt, d'Madamm Pregno sot et, sinn et ronn 1.500 Plazen, déi mer als Gemeng fir d'Kanner hunn. Dat sinn der vill. Mer kënnen houfreg op dës Offer fir d'Kanner respektiv fir d'Eltere sinn. Deementspriechend hu mer kaum Liste-d'attenten hei zu Déifferdeng. Eppes, wat d'Eltere kucken, wa se sech entscheeden, wou se wunne ginn. An, an dat hu mer am Budget gesinn, et si scho weider Strukturen an der Maach.

D'CSV stëmmt dës Organisatioun mat a wëll deem ganze Personal, dat dës Texter am Wuel vun de Kanner ëmsetzt, Merci soen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Madamm Saeul, w.e.gl.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Zum Service éducation an accueil an iwwert d'Organisatioun vum nächste Schouljoer 2019/2020, wéilt ech als éischt emol dem Staff mat senger Coordinatrice an de responsabele Chargéen um Terrain, déi sech ëm eis Crèchen a Maison-relaise këmmeren, Merci soe fir hir Aarbecht, déi si wärend dem ganze Joer maachen.

Si si prett an hunn eng gutt Basis, wou se kënnen drop opbauen, fir weiderhin eng gutt Qualitéit an dësem Konzept unzebidden, esou wéi neit a bestoend edukatiivt Personal ze ënnerstëtzen duerch Formation continue. Si stäerken, hire Besoinen nolauschteren an esou de Besoine vun eiser Populatioun Rechnung droen. Nei geplangten Entwécklungen an d'A faassen, pädagogesch Projeten entwéckelen an d'Kanner soit spilleresch an a Fräiheet sech entwéckele loossen, zur Stäerkung vun hirem Selbstbewosstsinn.

Nom Konzept Weltatelier, mat deem eis Maison-relaisen elo scho schaffen. Nidderkuer kënnt dann no. De But ass, dass d'Kanner sech wuelfillen duerch eng enk Kollaboratioun vum edukative Personal an de Maison-relaisen, Foyer du Jour Kornascht a Bëschcrèche, den Elteren an den Enseignanten aus der Schoul. Fir eng optimal Entwécklung vun der Personalitéit vum Kand an dem Respekt, dass all Kand eenzegaarteg ass a bleift.

Zur Organisatioun an der Table des matières, a fir net ze widderhuelen, wéilt ech eiser Schäffen, der Madamm Pregno, Merci soen. Mir schléissen eis un hir Virstellung zum Punkt un. Ech soe Merci. Mir stëmmen dëse Punkt.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Madamm Saeul. Den Här Aguiar, w.e.gl.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Monsieur Buergermeeschter. Dir Dammen an Häre vum Schäfferot, chers collègues, l'organisation pour l'année 2019-2020 du service d'éducation et d'accueil – les maisons relais et les crèches – prend en compte l'évolution de la structure familiale qui est en grande partie responsable du besoin croissant en structures de jour pour enfants.

Ce qui apporte une nouveauté, c'est que les services informent plus tôt les parents ou tuteurs au sujet des inscriptions. Il y a aussi une meilleure gestion de l'accueil des parents et des enfants, un renforcement des équipes avec des éducatrices et des éducateurs ainsi que le personnel d'aide. J'ajoute une information claire et explicite, afin de permettre à tous les responsables de mieux s'organiser. Les infrastructures d'accueil regroupent les maisons relais ainsi que les crèches.

Les maisons relais regroupent les offres suivantes : foyers du jour, restaurants scolaires, études surveillées et activités socioéducatives. Qui sont à notre avis la dernière étape d'une longue suite de mesures, qui ont été adoptées dans le but de faciliter la conciliation entre la vie professionnelle et la vie familiale tout en garantissant aux enfants un encadrement éducatif adéquat dans des infrastructures adaptées à leurs besoins. Il s'agit bien évidemment aussi de promouvoir l'épanouissement, l'éducation et l'apprentissage non formel des enfants. Differdange dispose de 1.400 places. Seuls 24 enfants sont sur des listes d'attentes dans la troisième ville du pays. Ceci démontre la volonté politique de se doter des moyens nécessaires pour s'épanouir à Differdange.

Sans oublier les crèches : le foyer du jour Kornascht ainsi que la crèche en forêt, la Bëschcrèche, accueillent une centaine d'enfants entre deux mois et quatre ans.

Ce sont au total 1.495 enfants scolarisés et non scolarisés, qui profitent des différents services communaux. Une évolution remarquable qui fera sans doute partie de notre histoire avec cet engagement politique.

Il est important de rappeler l'histoire de Differdange, où la première cantine a ouvert ses portes en 1916 afin de lutter contre la malnutrition des enfants à la suite de la Première Guerre mondiale.

Depuis, l'évolution a pris forme. En 2000, la Ville de Differdange comptait huit structures d'accueil avec une restauration. En 2019, la Ville de Differdange compte deux crèches à Niederkorn ainsi que six maisons relais qui s'étalent sur les différents quartiers, à savoir Differdange-centre, Fousbann, avec son annexe à Lasauvage, Niederkorn, Oberkorn et Woiwer.

Avec l'extension de la maison relais à Oberkorn, la crèche en forêt et la maison relais en forêt, la ville de Differdange a augmenté sa capacité d'accueil de 294 enfants à 1.495 enfants en 13 ans.

Je voudrais saluer le personnel des quatre cuisines. Une vingtaine de personnes qui garantissent des repas sains et équilibrés. Paulo Aguiar mentionne l'agrandissement de la nouvelle école ménagère de Differdange, la cuisine de la maison relais à Oberkorn, la cuisine professionnelle au Fousbann, le foyer du jour Kornascht, où l'accent est mis sur l'achat de produits frais, de saison et locaux pour les fruits, les légumes et la viande. Dans la mesure du possible, les cuisiniers essaient aussi d'offrir une sélection de produits bios par jour.

Nous saluons tout le personnel qui fait partie du département scolaire et de l'enfance. Un service qui travaille avec au total neuf personnes, qui se trouvent au troisième étage, ainsi que plus de 150 personnes qualifiées et auxiliaires qui font un travail remarquable afin de mener bien ce travail éducatif.

*foyer de jour, la crèche en forêt, les enseignants et les parents.*
*Christiane Saeul remercie Mme Pregno pour sa présentation. Il n'y a rien à dire quant à l'organisation en soi.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *explique que l'évolution de la structure familiale est à l'origine des besoins croissants en structures d'accueil.*
*Parmi les nouveautés figurent le fait que les parents soient informés plus tôt en ce qui concerne les inscriptions, le renforcement des équipes éducatives et une meilleure organisation de tous les responsables.*
*Les maisons relais regroupent plusieurs offres : les foyers de jour, les restaurants scolaires, les activités socioéducatives… Celles-ci constituent une dernière étape dans une suite de mesures visant à concilier vie familiale et vie professionnelle. Les maisons relais disposent de 1500 places. Vingt-quatre enfants sont sur une liste d'attente. Les structures d'accueil garantissent aux enfants un encadrement éducatif adéquat leur permettant de s'épanouir.*
*Paulo Aguiar ajoute que le foyer de jour Kornascht et la crèche en forêt peuvent accueillir une centaine d'enfants entre deux mois et quatre ans.*
*En tout, 1495 enfants profitent des différentes offres. Paulo Aguiar rappelle que la première cantine a ouvert à Differdange en 1916 pour lutter contre la malnutrition après la Première Guerre mondiale. En 2000, la ville comptait huit structures et une restauration. Aujourd'hui, il s'agit de deux crèches et de six maisons relais dans les différents quartiers. En 13 ans, Differdange a augmenté sa capacité d'accueil de 214 à 1495 enfants.*
*Paulo Aguiar mentionne ensuite le personnel des quatre cuisines — soit une vingtaine de personnes garantissant des repas équilibrés. L'accent est mis sur l'achat de produits frais, de saison et locaux. Les chefs essaient aussi d'offrir une sélection de produits frais chaque jour.*
*Paulo Aguiar salue ensuite l'engagement des neuf personnes travaillant dans le département sco-*

*laire et de l'enfance et des 150 personnes sur le terrain. Donner la priorité au personnel qualifié est une bonne décision. Paulo Aguiar souligne l'importance de la formation continue. Il mentionne l'organisation de formations par les responsables des structures d'accueil. Pour ce qui est du concept du « Weltatelier », il permet aux enfants d'être plus autonomes.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *annonce qu'il approuvera l'organisation des maisons relais et des crèches. Il souligne l'importance des efforts consentis au cours des dernières années au profit des familles et des enfants.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *remercie M. Ruckert.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *demande que cet effort soit poursuivi.*
*Cependant, il ne faut pas non plus embellir les choses. Dire qu'il n'y a pas de listes d'attente n'est pas très honnête. Car il suffit de modifier légèrement les critères pour arriver à plus de cent enfants sans place. Il reste donc du pain sur la planche.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *demande à M. Ruckert d'expliquer comment il arrive à ce chiffre de cent enfants.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *estime qu'il s'agit de plus de cent.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *lui demande à nouveau comment il l'a calculé.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *explique que les critères permettent à la commune d'exclure plus de cent enfants. Or ces enfants voudraient aller en maison relais. La commune ne parvient donc pas à satisfaire la demande.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *constate que c'est une façon de voir les choses.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *insiste sur le fait qu'il reste du pain sur la planche.*
*Comme les socialistes, il regrette que des enfants puissent être exclus parce que les parents sont de mauvais payeurs. Ce ne serait pas digne de la commune. Ces enfants en se-*

La qualification du personnel est une des priorités que nous saluons. Sensibiliser à l'importance de la participation à la formation continue est une bonne chose. Les priorités qualitatives doivent répondre aux besoins de la population de Differdange. Dans ce cadre, nous saluons et accueillons avec satisfaction l'organisation régulière de formations mise en place par les responsables des structures d'accueil.

Le concept pédagogique du « Weltatelier » reste une priorité. C'est une bonne chose. Le concept pédagogique amène les enfants à être plus autonomes. Merci de m'avoir écouté.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Monsieur Aguiar. Den Här Ruckert, w.e.gl.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei wäert ech d'Organisatioun vun de Maison-relaisen a vun de Crèchë stëmmen. Ech stelle fest, dass an de leschte Joren d'Gemeng e ganz groussen Effort gemaach huet an deem Beräich. Wat ganz wichteg ass fir d'Famillen a fir d'Kanner zu Déifferdeng. An et ass wichteg, dass deen Effort och weidergeet.

Mir sollen eis awer net besser maachen, wéi mer sinn. An ech fannen et net ganz éierlech, wa gesot gëtt, mir hu keng Waardelëscht oder mir hunn nëmmen eng Waardelëscht mat 24 Kanner. Wann een d'Kritären nëmme ganz liicht ännert, hunn ech ausgerechent, dass dann awer eng Waardelëscht do ass vun op d'mannst 100 Kanner – wann net e bësse méi. Déi dann awer keng Plaz kréien. Also do muss awer dann nach en Effort gemaach ginn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Kënnt Der mer just soen, wéi Der dorobber kommt, Här Ruckert? Op déi 100?

**ALI RUCKERT (KPL):**

Majo, wann einfach gesot gëtt, déi Kanner, déi hu keng Prioritéit, da gëtt et Ëmstänn, dass mer déi net direkt kënnen huelen. Dat sinn iwwer 100 Kanner. An dat sinn awer och Kanner, déi wëllen dohinner kommen. Just si hunn dee Moment dann net d'Méiglechkeet. Do ass also e Besoin, deen d'Gemeng net kann decken. Dat ass ganz kloer.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat kann een esou gesinn. Jo.

**ALI RUCKERT (KPL):**

An ech mengen, als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei, dass do nach muss en Effort gemaach ginn, dass mer och esou Kanner kënnen an eise Strukturen ophuelen.

Ech wëll mech awer och de Wierder vum Spriecher vun der LSAP uschléissen. Ech géif et ganz schlecht fannen, wa Kanner géifen ausgeschloss ginn, wann d'Elteren net géife bezuelen. Dat wär eiser Gemeng net würdeg, wann dat géif gemaach ginn. Well de Schued dovun, hunn d'Kanner. Keen aneren. A wann do Problemer geschaaft ginn, déi fanne mer dann e bësse méi spéit an eisem Schoulwiesen erëm.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Richteg.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Do musse mer awer no anere Léisunge sichen an net einfach stur soen: Et ass net bezuelt, da kann dat Kand do net méi kommen.

Wéi gesot, ech fannen, dass grouss Efforte gemaach gi sinn. Et héiert een trotzdeem nach ëmmer eng Rei Kritiken. Et ass jo och esou, dass awer nach eng gewësse Fluktuatioun beim Personal ass. Et gëtt vill Ursaachen derfir. Eng Ursaach kann déi sinn, dass et Personal gëtt, wat net onbedéngt d'accord ass mat deem Konzept vun deem Welta-

telier. Déi Kritiken hunn ech héieren, muss ech soen. Duerfir ginn ech se hei erëm. Ech hunn och eng Rei Kritiken héieren, dass Eltere sech iergeren, dass hir Kanner heem kommen an net giess hunn. An dass dann erëm dee ganzen Trallala do ufänkt.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et kann een awer kee forcéieren.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Et weess een, dass natierlech a Maisonrelaisen oder och Crèchen eng Rei Saache futti gemaach ginn. Also Saachen net laang halen. Dat ass jo ganz normal. Just misst et dann awer och relativ séier reparéiert ginn. Wat net ëmmer de Fall ass.

Ech hunn och matgedeelt kritt, dass zum Beispill de Parlophon zu Déifferdeng net funktionéiert an och net méi reparéiert ginn ass. An dass d'Eltere sech musse mat alle Gestë bemierkbar maachen, wa se hiert Kand ofhuele sollen. Wat jo och net ganz normal ass. Et geet net duer, einfach eng Handysnummer un d'Dier ze hänken, fir dass ee soll erauskommen. Well et muss ee jo awer keen zwéngen, onbedéngt säin Handy matzehuelen, wann e säi Kand an d'Crèche siche geet.

Dat si Saachen, déi wäre relativ einfach ze behiewen. An do misst sech d'Gemeng dann och drëm këmmeren.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, déi aner Joren hunn ech mech vill op de pädagogesche Volet konzentréiert an op d'Formatioun vum Personal. Dës Kéier wollt ech mech méi drop konzentréieren, wéi d'Plaze sinn, wat d'Kritäre sinn a wéi d'Opnamecapacitéit zu Déifferdeng ass.

Allgemeng schléissen ech mech de Mercien un, déi gemaach gi sinn un d'ganzt Personal, wat dorunner bedeelegt ass. An un déi responsabel Schäffin, fir déi Aarbecht, déi gemaach gëtt. Wann ee se vergläicht mat anere Gemengen, ass et wierklech e groussen Effort, deen hei gemaach gëtt. Mir hunn eise Famillje vill Plazen ze bidden. A mir geréieren dat als Gemeng alles selwer a gräife wéineg op extern Acteuren zréck.

Wat d'Fluktuatioun vum Personal ugeet, déi ugeschwat ginn ass, wollt ech nofroen. Do hate mer an der Vergaangenheet ëmmer erëm driwwer geschwat, wat ee maache kéint, fir d'Personal méi ze halen. Dass se net fortginn, well se iergendwou vläicht méi Stonne kréien. Ech mengen, et sinn net nëmmen d'Stonnen, mä dat war awer ee vun den Aspekter, dee mer hei diskutéiert hunn. Dofir wollt ech nofroen, ob do Saachen ausprobéiert gi sinn, nei ëmgesat gi sinn, sou wéi se zum Deel ugeduecht gi waren hei am Gemengerot?

Eng aner Fro ass, wéi d'Inscriptiounsprozedur ofleeft. Gëtt et do eng Période d'inscription? Leeft dat iwwer Pabeierufro of, respektiv ginn d'Leit hei an de Service oder gi se an dat jeeweilegt Haus? Well ech do och zum Deel ënnerschiddlech Saachen héieren hunn.

An da wollt ech nofroen, déi Conditions non-remplies, sinn dat Leit, déi am Moment net an d'Maison-relaise kommen? Heescht dat, dass dat Leit sinn, déi souzesoen och op enger Liste d'attente wären, awer ebe keng Prioritéit hätten op där Liste d'attente, well se eben d'Konditiounen net erfëllen? In der Tat misst een déi Leit a Betruecht zéien, dass déi wéilten eng Plaz fir hir Kanner hunn, mä mer déi am Moment net an alle Fäll hunn.

Ech wollt och nofroen, wann nach Plaze sinn, an déi Konditioune sinn net erfëllt, dann, denken ech, kréie se eng Plaz, oder? A wat ass dann de Kritär, wien do virgeholl gëtt? Ass dat einfach chronologesch, dee Moment? Oder wéi ass do den Oflaf?

Eng aner Fro ass, zum Beispill am Fousbann, do ass déi héchsten Zuel 41, wou d'Konditiounen net erfëllt sinn. Sinn der do iwwerhaapt opgeholl ginn, déi d'Konditiounen net erfëllt hunn?

*raient désavantagés et les problèmes se ressentiraient plus tard à l'école. Il faut donc trouver d'autres solutions.*
*Ali Ruckert ajoute que malgré les efforts produits, la fluctuation du personnel subsiste. Une partie du personnel n'est pas d'accord avec le concept du « Weltatelier ». Ali Ruckert a aussi entendu dire que certains parents se plaignent que les enfants rentrent à la maison sans avoir mangé.*

**TOM ULVELING (CSV)** *réplique que l'on ne peut pas forcer les enfants à manger.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *constate ensuite que dans les maisons relais et les crèches, il est normal que le matériel se casse. Il faut veiller à le remplacer rapidement. Le parlophone à Differdange n'est toujours pas réparé. Coller un numéro de portable sur la porte ne suffit pas, car on ne peut pas forcer les parents à avoir un téléphone sur eux. La commune ferait bien de s'occuper de ces problèmes.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *rappelle que les années précédentes, il s'est focalisé sur le volet pédagogique et la formation du personnel.*
*Aujourd'hui, il se concentrera plutôt sur le nombre de places disponibles et sur les critères d'admission.*
*Tout d'abord, il remercie l'ensemble du personnel ainsi que l'échevine. Les efforts accomplis à Differdange sont conséquents et les structures sont gérées par la commune.*
*Il a déjà été question des fluctuations de personnel par le passé. Il faudrait par exemple proposer davantage d'heures aux éducateurs, même si ce n'est qu'un aspect du problème. Le collège échevinal a-t-il pris des mesures à ce sujet ?*
*Comment la procédure d'inscription se passe-t-elle ? Par écrit, à la commune ou dans les maisons relais ? Gary Diderich a entendu différentes choses.*
*Qu'en est-il des enfants ne remplissant pas toutes les conditions ? Devraient-ils figurer sur une liste d'attente ? Il faut prendre ces personnes en considération. Ces enfants sont-*

*ils acceptés s'il reste des places ? Si oui, quels sont les critères ? Au Fousbann, 41 enfants ne remplissent pas les conditions requises. Certains ont-ils été acceptés ? Qu'arrive-t-il des familles déménageant à Differdange en cours d'année et remplissant les conditions ? Comment la commune les aide-t-elles si elles se retrouvent dans la situation de ne pas savoir quoi faire de leurs enfants ? Il arrive aussi qu'il n'y ait pas assez de place à midi. S'agit-il d'un manque de personnel ? Est-ce dû à des questions d'agréments du ministère ? Que compte faire le collège échevinal ? Comment essaie-t-on concrètement d'impliquer les parents ? Il peut aussi s'agir de mettre les parents en contact entre eux. C'est déjà le cas avec les fêtes. Mais peut-être pourrait-on organiser un « café accueil » le jour de la rentrée ou la première semaine. Chacun apporterait des viennoiseries ou des gâteaux… Les éducateurs et les enseignants pourraient profiter de l'occasion pour évaluer les besoins des parents. Un enfant pratiquant un sport, mais dont les parents travaillent l'après-midi, pourrait par exemple être conduit au club par les parents d'un autre enfant pratiquant le même sport.*
*Dans son programme électoral, déi Lénk a fait des propositions concernant le concept de « ville des enfants ». La commune pourrait organiser des parrainages dans le cadre desquels les séniors actifs dans les associations pourraient emmener des enfants faire du sport ou d'autres activités. Certains clubs sportifs organisent eux-mêmes le transport, mais d'autres pas. Et de toute façon, il est plus agréable de se rendre au sport accompagné d'un grand-père.*
*Gary Diderich passe à la garderie Markenhaus. Le conseil communal a approuvé un contrat pour la privatiser. Gary Diderich y était contraire. Cette crèche n'est toujours pas ouverte. Où en est-on ? Le loyer est-il versé ? La commune ne pourrait-elle pas prévoir une structure pour les enfants souhaitant s'inscrire en maison relais en cours d'année ? Car s'il n'y a pas de place ni en maison relais ni auprès d'assistants parentaux agréés, les pa-*

A wéi geet dat, wann am Laf vum Joer Familljen op Déifferdeng plënneren, déi d'Konditiounen erfëllen, mä keng Plaz méi kréien? Wéi kënne mir dann als Déifferdenger Gemeng deene Famillen hëllefen, wou déi zwee Eltere schaffen an se heihinner plënneren? Mer hu jo awer eng prekär Logementssituatioun zu Lëtzebuerg, an ee vläicht dann zu Déifferdeng nach esou just iergendeppes fënnt, an dann awer vläicht mat der Situatioun konfrontéiert ass, wou ee seng Kanner guer net ënnerkritt.

Oder wat ech eben och héieren hunn, datt een se zwee oder dräi Mëtteger net ënnerkritt, wou d'Mëttesstonn net genuch Plaz ass. Läit dat um Personal, wat feelt, zu deene Stonnen? Läit dat um Agreement fir déi jeeweileg Säll vum Ministère? Oder wat kann där Saach am Wee stoen? A wéi kéinte mer do an Zukunft anescht reagéieren?

D'Elterenaarbecht ass ugeschwat ginn. Do wollt ech froen, wéi sech déi konkret ëmsetzt. An d'Ureegung maachen, dass een Deel vun der Elterenaarbecht och ka sinn, d'Elteren ënnerteneen a Kontakt ze bréngen. Dat geschitt zum Deel op Fester. Mä et kéint een och e Moment schafen, vläicht deen éischte Schouldag oder déi éischt Schoulwoch, wou se d'Kanner net just ofginn, mä wou ee seet, do ass e Café accueil. Jidderee bréngt eppes mat, e Kuch oder Mëtschen, a mir iessen eppes zesummen.

Wou een als Schoulpersonal oder als Educateure géif ureegen ze kucken, wat d'Besoine vun den Eltere sinn. Well heiansdo kann et och eng Entraide ginn tëschent Elteren, wann een einfach weess, deen Nomëtteg kann ech net vun der Aarbecht zréckkommen, mä mäi Bouf géif awer gären an de Sport goen. An da fënnt ee vläicht eraus, dass Kanner vun aneren Elteren an deen nämmlechte Sport ginn, mä déi deen Nomëtteg awer fräi sinn a kéinten d'Kanner mathuelen. Dat ass eng Ureegung.

Eng aner Ureegung hate mir och an eisem Wahlprogramm, am Beräich Kannerstad, entwéckelt. Wou een intergenerationell kéint schaffen, mat eeler Leit, déi vläicht schonn an der Pensioun sinn, déi och vläicht an engem Sportsclub oder enger Musek aktiv waren, vläicht och nach an engem Veräin aktiv sinn. Dass een do esou eng Aart Patenschaft kéint ariichten tëschent deene Leit. Déi vläicht gewëllt wären, d'Kanner an de Sport oder eng Maison relais ze begleeden.

Eng Rei Sportsveräiner organiséieren den Transport selwer. Ech hunn do awer keen Iwwerbléck, bei wéi engen dat de Fall ass. Mä et gëtt der eben och vläicht, wou dat net de Fall ass. A vläicht ass et och méi flott, wann ee mat engem Bopa – och wann et net deen eegenen ass – op den Terrain trëppelt, wéi wann een an enger Camionnette matgeholl gëtt. Oder heiansdo ass guer keen Transport assuréiert, an da kann dat e flotte Modell sinn, fir et iwwerhaapt méiglech ze maachen, dass e Kand an e Veräin goe kann.

Déi lescht Fro, déi ech stelle wollt, dréit ëm d'Garderie Markenhaus. Mir haten eng Kéier hei e Kontrakt gestëmmt – wat ech net ënnerstëtzt hunn –, fir deen un eng privat Crèche ze ginn. Wéi ech dat bis elo gesinn, ass déi privat Crèche nach net op. Kënnt Der eis vläicht informéieren iwwert de Stand der Dinge? Geet déi eng Kéier op? Gëtt do am Moment de Loyer bezuelt?

Oder misst een als Gemeng sech erëm eppes anescht iwwerleeën? Vläicht eben eng Struktur, déi an esou Fäll intervenéiere kann, wou matzen am Joer Kanner bäikommen an een déi net aplange konnt. Dass een d'Elteren awer net op der Streck léisst. Well et muss ee wëssen, dass souguer d'Dageselteren zum Deel entweder ausgebucht sinn hei an der Gemeng. Oder zum Deel keng Kanner unhuelen ënner enger gewësse Stonnenzuel.

A wann een da wierklech näischt ze bidden huet, als Gemeng, wat dann an der Praxis geschitt, dat ass, dass et och Dageseltere gëtt, déi ouni Agreement, quasi schwaarz, Kanner unhuelen. An ech mengen, dat ass eng Situatioun, déi mer hei zu Déifferdeng net wëllen, denken ech. A wou mer eis ebe misste Gedanke maachen, wéi mer eng gewësse Kontroll doriwwer kréien. A virun allem Elteren ënnerstëtzen, déi a Situatioune sinn, wou se net aus eegene Kräften erauskommen.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Diderich. Madamm Pregno Laura, et ass un Iech.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ech wëll e puer Äntwerten op déi gestallte Froe ginn. Wat d'Personal ugeet: Mir hu manner Wiessel. Mat wat hänkt dat zesummen? Mir hu ganz vill jonk Leit. Verschiddener sinn effektiv mat deem Konzept net averstanen. Ech mengen, dat ass och jidderengem säi gutt Recht, ënnert deem engen oder anere Konzept wëllen ze schaffen. A vläicht probéiere Leit dat aus a sinn herno net begeeschtert dovunner a sichen eben eppes anescht.

Mir hunn och Leit, déi sichen no e puer Joren en neien Challenge. Déi ginn an Heemer schaffen oder bei Senioren oder einfach an en aneren edukative Beräich. Dat ass jo och flott, wann ee sech a sengem Liewe ka professionell weiderbilden an net säi ganzt Liewe laang onbedéngt op där nämmlechter Plaz wëll bleiwen.

D'Problematik vun de Stonnen, hu mer effektiv ganz vill am Ufank gehat. Well mer net onbedéngt ëmmer 40 Stonne brauchen. Well mer eben esou Spëtzten hunn, wou méi Kanner do si respektiv manner Kanner do sinn, brauche mer net onbedéngt ëmmer déi Kadere vu 40 Stonnen.

Well mer dat natierlech verstinn, virun allem, well mer vill jonkt Personal hunn, wou der wierklech och wëlle 40 Stonne schaffen, fir sech eng Wunneng ze leeschten oder hire klenge Luxus ze leeschten, hu mer et elo esou gemaach: Mir hunn eng Rei Posten, déi op 40 Stonne sinn, wou et och Sënn mécht. Well een da kann Aktivitéite preparéieren, et kann ee Säll ariichten, et kann ee méi Virbereedungs- respektiv Nobereedungsaarbecht leeschten. Dat heescht, all Kéiers, wann esou e Poste vu 40 Stonne fräi ginn ass, hu mer deen emol intern ausgeschriwwen. Wou d'Leit sech aus de verschiddenen Haiser drop melle konnten.

Bei deem leschte Posten, dee mer esou ausgeschriwwen haten, hate mer nach just eng Persoun, déi sech gemellt huet. Soudass ech unhuelen, dass mer elo awer jidderengem gerecht gi sinn. Mir hunn natierlech heiansdo Leit, wou mer soen, et ass elo e 40-Stonnen-Posten zu Nidderkuer fräi, déi dann net wëlle vum Woiwer op Nidderkuer wiessele fir 40 Stonnen. Do kann ech leider dann och näischt méi drun änneren. Dat ass dann e perséinleche Choix, dass een da léiwer a senger Equipe mat 30 Stonne wëll bleiwen, wéi an eng aner Equipe mat 40 Stonnen ze wiesselen.

Mir schreiwen ëmmer emol intern aus, fir einfach de Leit d'Méiglechkeeten intern ze ginn. Zum Beispill hate mer e Graduésposten ausgeschriwwen. Mir woussten, dass Leit eng Graduésformatioun niewebäi gemaach hunn an dass se géifen esou e Poste sichen. Well mer eis soen, mir hu gutt Leit, da solle mer déi och astellen oder halen, amplaz dass mer elo nei Leit bäihuelen.

Dat heescht, u sech hu mer vill manner Wiessel. De Wiessel bleift awer einfach, mengen ech, duerch d'Liewen net aus. Wéi ech scho virdru sot, Schwangerschaften, Congé-parentalen, Mi-tempsen oder esou, do ass einfach dann e gewëssene Wiessel.

Mir probéieren awer, esou mann wéi méiglech de Wiesselen nozeginn. Mir probéieren, Stabilitéit an d'Equippen ze kréien. Mir probéieren, dass Responsabel mat hiren Equippe schaffen, fir dass einfach gutt Stëmmung ass. Virun allem am Kornascht war e bëssen de Brennpunkt. Do hu mer awer eng gewësse Rou erakritt, wéi ech fannen. Wann een emol era kucke geet, mierkt een, dass iergendwéi eng Rou ausgestraalt gëtt. Wat esou oder esou ëmmer wichteg ass, mä bei klenge Kanner nach eng Rei méi wichteg ass.

D'Non-paiements: Also et ass net esou, dass mir direkt soen, déi do hunn eng Rechnung net bezuelt, elo däerf kee Kand méi kommen. Ech mengen, mer si sozial agestallt, do kann ech d'Hand hiewen, dass ech do och dobäi sinn. Mä iergendwann ass et halt och net méi drobar, wa Rechnungen a Rechnungen a Rechnungen opstinn, an aner Kanner och vläicht Plaze bräichten. Dann ass et halt net méi drobar, do näischt ze maachen.

Et ass net, dass mer bei der éischter Kéier soen, dat Kand däerf elo net méi kommen. Well mer natierlech wëssen,

*rents sont obligés de laisser leurs enfants avec assistants non agréés. La commune doit essayer de reprendre le contrôle et surtout de soutenir ces parents.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique que la fluctuation de personnel a baissé. Les éducateurs sont jeunes en général. Certains ne sont pas d'accord avec le concept. C'est leur droit. D'autres essaient et constatent ensuite que le concept ne leur plait pas. Il y a aussi des éducateurs recherchant de nouveaux défis après plusieurs années. Ils vont travailler dans des homes ou avec des personnes âgées. Pour Laura Pregno, tenter de se développer professionnellement est une bonne chose.*

*Le problème des heures était fréquent au début. La commune ne peut pas accorder systématiquement des tâches de quarante heures parce que le nombre d'enfants dans les maisons relais varie en fonction du moment. Le collège échevinal reconnaissant qu'il s'agit d'un problème, il a malgré tout créé plusieurs postes de quarante heures, là où c'est pertinent. Cela permet de préparer des activités, aménager les salles et réaliser un certain nombre de tâches. Chaque fois qu'un poste de quarante heures se libère, un appel de candidatures interne est lancé. Les éducateurs travaillant à Differdange peuvent poser leur candidature. La dernière fois, un seul éducateur a répondu à l'annonce. Laura Pregno suppose donc que tous les éducateurs disposent du nombre d'heures qu'ils désirent. Bien entendu, il peut arriver qu'un éducateur ne veuille pas aller travailler dans une autre maison relais où plus d'heures sont disponibles. Mais il s'agit alors d'un choix personnel.*

*Récemment, la commune a par exemple lancé un appel à candidatures pour des postes de gradués, parce qu'elle savait que des éducateurs avaient suivi cette formation.*

*Pour ces raisons, les fluctuations de personnel ont donc baissé même s'il faut tenir compte des grossesses, des congés parentaux, des mi-temps, etc. Le collège échevinal souhaite promouvoir une certaine stabilité et faire en sorte que l'am-*

*biance entre les responsables et les équipes soit bonne. Le Kornascht constituait un des problèmes, mais depuis, la situation s'est calmée ce qui est particulièrement important quand on travaille avec de petits enfants.*
*Les maisons relais ne refusent pas les enfants dès qu'il manque un paiement. Mais il faut fixer des limites. Laura Pregno sait bien que les enfants dont les parents ne paient pas les factures sont ceux qui bénéficieraient le plus de la maison relais. La commune envoie trois rappels. Laura Pregno elle-même téléphone parfois aux parents. Jusqu'à présent, un seul enfant a été exclu des maisons relais. Les parents ne voulaient rien entendre.*
*Pour ce qui est des devoirs à domicile, les enfants peuvent les faire en maison relais, mais ils n'y sont pas obligés. Ils doivent apprendre les conséquences de leurs décisions. Ce n'est pas à l'éducateur de veiller à ce qu'ils fassent leurs devoirs à domicile. Les enfants devraient pouvoir comprendre qu'il vaut mieux faire les devoirs en journée plutôt que le soir et plutôt que de se présenter le lendemain sans devoirs à l'école.*
*Les synergies avec les associations sont de plus en plus nombreuses. La disponibilité des membres à venir chercher les enfants et à les ramener dépend d'une association à l'autre. Le personnel ne peut pas conduire les enfants d'Oberkorn à Niederkorn pour qu'ils puissent jouer au football.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *plaisante avec M. Altmeisch sur le fait qu'on ne puisse pas aller jouer au football à Niederkorn.*
*(Rires)*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *ajoute que la collaboration avec l'école de musique se passe également bien.*
*En ce qui concerne le parlophone, Laura Pregno admet que ces petites choses doivent être réparées.*
*Avant, les inscriptions avaient lieu à l'hôtel de ville, où les parents devaient faire la queue. Depuis l'année dernière, elles se déroulent dans les maisons relais. Chaque semaine, une autre maison relais s'en oc-*

wann d'Elteren net bezuelen, sinn et meeschtens Kanner aus Situatiounen, wou hinnen d'Maison relais gutt géif doen. An dat soen ech selten, well ech nach ëmmer der Meenung sinn, dass d'Kanner u sech am beschten doheem grouss ginn, oder doheem erzu ginn an doheem Zäit verbréngen, mat hiren Elteren.

Mir ginn dräi Rappellen eraus, mir ruffen un – méi wéi eemol. Ech ruffen oft och un. Wat jo och dann u sech eppes heescht. Bis elo hu mer engem Kand misse soen, et dierf net méi kommen. Wou wierklech d'Elteren op näischt méi agaange sinn, a wou näischt méi méiglech war. Iergendwann si mir och mam Latäin um Enn a wëssen net méi weider.

Hausaufgabebetreiung: Betreiung ass ëmmer e grousst Wuert. Mir setze Leit zur Verfügung an och esou Silencen, wou d'Kanner hir Hausaufgabe maache kënnen. Et ass awer elo net esou, dass do all Kand onbedéngt ëmmer mat den Hoer erbäigeschleeft gëtt, dass et seng Hausaufgabe maache muss.

Jidderee gëtt méi wéi eng Kéier fréndlech drop higewisen, ob en Hausaufgaben huet. An e kritt d'Méiglechkeet, se ze maachen. Et ass awer och esou, dass d'Kand einfach soll léieren, wat dann d'Konsequenz ass, wann et se net wëll maachen. Dat heescht, iergendwann ass et och net méi onbedéngt dem Educateur seng Roll, do Drock auszeüben, fir dass d'Kand seng Hausaufgabe mécht.

Mä ech denken, dass d'Kanner awer och iergendwann vum selwe léiere sollten, dass se vläicht besser hätten, hir Hausaufgaben do ze maachen, wéi vläicht owes um siwen Auer, wann d'Eltere se siche kommen, a se dann nach eng Kéier mussen ufänken. Respektiv wa se deen aneren Dag an d'Schoul kommen, oder fir d'x-te Kéier an d'Schoul kommen a keng Hausaufgaben hunn. Well si jo dann och Konsequenzen ze befäerten hunn.

Eng Vernetzung mat de Veräiner fënnt ëmmer méi statt. Et ass esou, dass et vun de Veräiner ofhänkt, wéi disponibel do d'Leit sinn, fir d'Kanner sichen ze komme respektiv ze bréngen. Et gëtt eng ganz Rei Veräiner, wou dat immens gutt klappt. Well mir d'Personal net kënnen entbieren, fir d'Kanner an déi verschidde Veräiner ze bréngen. Wou ee vun Uewerkuer, ech weess net, op Nidderkuer Fussball spille geet a mir dat geografesch net hikréien.

Mir hunn och Zesummenaarbecht mat der Musek, virun allem mat der Museksschoul. Wou ëmmer erëm Interventanten an d'Haiser komme respektiv eis Kanner an d'Museksschoul eriwwer ginn.

Wat de Parlophon ugeet, dat ginn ech weider. Ech si ganz d'accord, dass esou Saachen schnell musse geléist ginn. Dat si Klengegkeeten, dat misst an der Zäit, déi een eben brauch, fir dat ze reparéieren, kënne geléist ginn.

D'Inscriptioune lafen effektiv no Perioden of. Soss war dat emol hei am Gemengenhaus, wou d'Elteren da queue leu leu stoungen, bis an d'Trap erof, fir sech anzeschreiwen. Zënter leschtem Joer hu mer dat geännert. Mir maachen d'Inscriptioun an den Haiser. Wärend enger Woch, pro Haus, kann een d'Kanner aschreiwe goen. Mir hunn dat opgedeelt. Dat heescht, déi eng Woch dat Haus, déi aner Woch en anert Haus.

Wou d'Responsabel, accompagnéiert vum administrative Personal, zu bestëmmten Zäiten Inscriptiounen ophuelen. D'Inscriptiounszäite sinn deels moies, deels mëttes bis siwen Auer an och samschdes moies, fir dass mer all Schaffhoraire entgéintkommen. Wou d'Elteren am Virfeld e Bréif kréien, wéini déi Inscriptioun ass, zu wéi engen Zäiten a wou.

Fir Pabeier ze spueren, hu mer d'Dossieren net méi geschéckt. Soss krut all Kand, oder d'Elteren, een Dossier d'inscription, wat schonn eng gewësse Rei Blieder ausgemaach huet. Deen hu mer elo dëst Joer net méi geschéckt. Se kruten awer e Bréif, datt een den Dossier entweder um Site vun der Gemeng erofluede konnt oder an der Maison relais ofhuelen oder hei an d'Gemengenhaus siche kommen.

Dat heescht, jiddereen hat dräi Méiglechkeeten, fir un deen Dossier ze kommen. Do stoung ganz kloer dran, wat ee misst ausfëllen, wéi eng Ziedelen een huet mussen deem Dossier bäifügen. Zum Beispill e Stonneplang vun

der Aarbecht oder gewëssen aner Pabeiere bäileeën.

Zu den Inscriptiounszäite konnt een an d'Haus kommen. Wann eppes gefeelt huet, krut een direkt gesot, deen an deen Ziedel feelt. Ech kann Ären Dossier net unhuelen. Huelt e mat heem, da kommt der muer zréck. Respektiv, déi wou samschdes komm sinn, hu mer och nach méindes ugeholl. Falls samschdes eppes gefeelt huet, hu mer se méindes ugeholl.

A mir krute relativ gudden Echo, souwuel vun den Elteren, wéi vun de Leit, déi d'Inscriptioune gemaach hunn. Well et eben esou méi verdeelt ass. Et si jo meeschtens ëmmer erëm déi nämmlecht Elteren, déi Inscriptioune maachen. Respektiv déi nämmlecht Kanner, déi kommen. Déi hunn dann natierlech och e flotte Kontakt mat de Responsabelen. An d'Responsabel woussten och direkt, bei wéi engen Elteren ee vläicht misst d'Formulairë méi genau duerchkucken oder wou ee misst hëllefen. Well net jidderee gëtt gutt eens mat Formulairen. Dat heescht, do konnt een ëmmer nach drop agoen, falls iergendee Manktem war.

Wat nei Awunner ugeet, ass et esou, dass déi aner Jore mol Plazen opgehale goufen. Mä dann hu mer aner Leit, déi schonn hei gewunnt hunn, net ugeholl. Dat ass dann eng moralesch Fro: Wat ass méi richteg? Kritt deen eng Plaz, dee schonn hei wunnt an d'Konditiounen erfëllt? Oder huele mer deen elo vir, deen elo bäiplënnert aus iergendenger anerer Gemeng? Oder hale mer déi Plaz elo siwe Méint op, well vläicht kéint jo am Mee nach ee kommen, deen eng Plaz bräicht. Do kann ech net vertrieden, dass ech eng Plaz siwe Méint oploossen a genau weess, dass Familllen, déi schonn hei sinn, e Besoin hunn.

Natierlech, wann nei Leit bäikommen, a mir hu Plazen, keen Thema. Wa mer keng Plaz hunn, ass et meeschtens esou, dass mir probéieren an den Dialog ze goen an iergendwéi mat de Famillen zesummen eng Léisung ze fannen. Oft ass et eng Léisung mat aneren Elteren, wou mer wëssen, déi dote wunnen no beieneen. Eben déi Entraide, déi Der ugeschwat hutt.

Oder mer soen, dënschdes an donneschdes hu mer Plaz. Mä fir déi heiß begehrte Mëttesstonn méindes, mëttwochs a freides hu mer keng Plaz. An dat ass nun emol einfach Tatsaach um Terrain: Déi dräi Mëttesstonne vun deene laange Schouldeeg sinn déi, déi am meeschte gebraucht ginn. A wou mer vum Agreement hier effektiv limitéiert sinn.

Well eis Käch kéinte labber nach zwanzeg Plate méi kachen an, wa mer wéilten, géife mer och nach iergendwou Personal fannen, fir nach zwanzeg Kanner méi ze betreien. Mä mir dierfen einfach vum Gesetz hier net. An et deet mer Leed, mä bei allem sozialen Denken, loossen ech mech awer net huelen, dass herno eppes geschitt, dass Responsabel oder Educateuren de Kapp hänke loossen, well ze vill Kanner am Sall waren. Dat geet definitiv net. Do si mer einfach vum Gesetz hier limitéiert. An un déi Zuelen hale mer eis.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Richteg.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

D'Markenhaus als Zentralfunktioun. Den Här Buergermeeschter wëll vläicht nach herno drop agoen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll awer just soen: Mir kënnen net en zentrale Punkt offréieren, fir Kanner opzehuelen. Well déi musse jo herno an d'Schoulen dispatched ginn. Dat kréie mer organisatoresch net hin, fir am Zentrum eppes ze maachen, wou mer dann d'Kanner mussen op Lasauvage, op Nidderkuer, op Uewerkuer an esou weider bréngen.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

*cupe. Les inscriptions sont prévues le matin, l'après-midi jusqu'à 19 h et le samedi matin pour couvrir tous les créneaux.*
*Les autres années, des dossiers d'inscription étaient remis aux enfants. Mais pour économiser le papier, cette année, les dossiers ont été mis à disposition sur le site internet de la commune, à la maison relais et à l'hôtel de ville. Le dossier est explicite quant aux conditions et aux documents demandés. Lors de l'inscription à la maison relais, les demandes incomplètes ont été refusées jusqu'à la remise des documents manquants.*
*Les échos ont été positifs. Il s'agit souvent des mêmes parents et enfants. Ils connaissent donc les responsables des maisons relais. Et ceux-ci savent souvent aussi quels dossiers doivent être vérifiés plus en détail.*
*En ce qui concerne les nouveaux habitants, des places leur étaient réservées les années passées. Mais cela avait pour conséquence le refus d'habitants de la commune. La question se posait donc de savoir s'il fallait donner la priorité à ceux habitant dans la commune et remplissant les conditions ou à ceux emménageant éventuellement à Differdange en cours d'année. Laura Pregno trouve qu'elle ne peut pas réserver une chaire pendant sept mois en sachant que des familles à Differdange en ont besoin.*
*Pour ce qui est des nouvelles familles, la commune s'efforce de leur trouver une solution. Soit elles se font aider par leur famille. Soit les enfants peuvent fréquenter la maison relais certains jours à certaines heures. Mais il est clair que les lundis, mercredis et vendredis à midi il n'y a pas de place. La commune est limitée par les agréments. Car les chefs pourraient préparer vingt repas en plus et la commune n'aurait pas de mal à trouver des éducateurs, mais la loi ne l'y autorise pas.*
*Laura Pregno a beau vouloir se montrer sociale. Elle ne peut pas accueillir plus d'enfants que ceux autorisés et mettre ainsi en difficulté les éducateurs et les responsables des maisons relais.*
*Quant au Markenhaus, la commune ne peut pas recueillir les en-*

*fants sur liste d'attente de manière centralisée, car il faudrait ensuite les conduire à l'école. Ce n'est pas possible d'un point de vue organisationnel.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le contrat de bail du Markenhaus portait sur trois ans. La commune n'y peut rien si le foyer qui devait ouvrir n'a toujours pas reçu d'agrément du ministère. Lorsque le bail aura expiré, la commune reprendra le bâtiment si rien n'y a ouvert entretemps.*
*Comme l'a dit M^me^ Pregno, il n'arrive pratiquement pas qu'un enfant soit refusé pour des questions d'argent. La plupart des parents n'ont pas grand-chose à payer de toute façon. La commune les soutient pour ce qui est des démarches administratives. C'est pourquoi lorsque sur 1500 enfants, une personne ne paie pas, on ne peut pas dire que la commune punit les enfants. Quand on a l'impression qu'on se fout de vous, il faut pouvoir dire que cela suffit.*
*Les parents sont responsables de leurs enfants. Certains pensent qu'ils ont droit à une place en maison relais d'office. Mais ce n'est pas le cas. Il faut tenir compte de toute une infrastructure. Par ailleurs, M. Ruckert a raison de dire que la commune a fait d'énormes efforts au cours des dernières années.*
*M^me^ Pregno a précisé que certains jours de la semaine, la place fait défaut à midi. Le collège échevinal cherche des solutions, éventuellement en collaboration avec des associations. Ici aussi, la difficulté concerne l'obtention d'un agrément. Il faudrait peut-être en prévoir une version simplifiée. Cette idée mérite réflexion.*
*Roberto Traversini connait des clubs de football et des associations préparant des repas à midi pour les enfants membres. Il estime qu'il faudrait profiter davantage des infrastructures qui existent déjà au lieu de ne recourir qu'aux écoles et aux maisons relais. Il répète cependant que tout dépend de l'agrément du ministère.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *confirme que Guy fait du bon travail.*

Merci och, Laura. Du hues, mengen ech, alles gesot. D'Markenhaus, do ass et esou, datt de Contrat de bail op dräi Joer gemaach ginn ass. Wann natierlech näischt do geschitt an deem Foyer, oder wat et gëtt, an en huet den Agreement vum Ministère net kritt, da musse mer kucken. Et ass kloer, wann de Loyer ofleeft an et ass näischt geschitt, datt mer dat erëm zréckhuelen. An da kucken, datt mer selwer vläicht eppes maachen oder wéi mer et maachen.

D'Madamm Pregno huet gesot, et kënnt wierklech bal ni vir, datt mer wéinst Geld ee Kand net unhuelen. Do muss wierklech scho vill geschéien. An Dir wësst, datt déi meescht Leit net ganz vill bezuelen. Mir hëllefen hinnen och, fir administrativ Aarbechten ze maachen, mat de Chèques services, fir alles an d'Rei ze kréien.

Mä wann ee vu ronn 1.500 Kanner eng Persoun huet, da mengen ech, datt een am grousse Ganzen net soe kann, mir géifen d'Kanner bestrofen, well d'Elteren net bezuelen. Dat ass wierklech am Extremfall. Elo war ee Fall an e puer Joer, wou et souwäit komm ass. Wann ee sech awer op eemol veraarscht fillt, da muss een awer och eng Kéier soen, et geet duer.

An da mengen ech nach ëmmer – an ech soen dat all Kéiers –, datt d'Elteren awer déi sinn, déi d'Responsabilitéit hunn, wa se Kanner maachen. Sief dat Elengerzéiend oder net. Déi Haaptresponsabilitéit läit nach ëmmer bei den Elteren. Ech huelen Iech emol mat, wann ech Versammlungen hunn oder Leit, déi bei mech an de Büro kommen. Et ass elo selbstverständlech ginn, datt Kanner gemaach ginn, an da komme se heihinner an dann hätte se gären eng Plaz. Nee. Et ass eng ganz Infrastruktur ronderëm. Esou einfach ass et jo och net. An ech mengen awer, dass mer, wéi den Här Ruckert gesot huet, an de leschte Joren awer extrem Efforte gemaach hunn. A mir maachen der jo weider.

Iwwregens si mer intern am Gaang ze iwwerleeën, wéi mer déi Deeg aneschters opgefaange kréien? Et si jo zwee, dräi Deeg – d'Madamm Pregno huet et grad gesot –, wou et zimlech enk gëtt, fir mëttes ze iessen. Mir hu ganz vill Veräiner, mir hunn Associatiounen, wou et vläicht méiglech wär, eis emol zesummenzesetzen an nei Modeller auszeschaffen.

Mer hunn Associatiounen, déi vläicht kee Problem hätten, an och d'Plaz hätten, fir verschidde Kanner opzefänken. Mä do muss een natierlech da kucken, wéi een en Agreement dorobber kritt. Vläicht e vereinfachten Agreement. Dat ass eppes ganz Neies, wat ech am Gaange sinn hei opzewerfen. Fir Leit oder Associatiounen, déi deene Leit hëllefe wëllen. Ech mengen, datt dat eng Iwwerleeung wäert wär.

Et misst ee just kucken, wéi een dat ofgeséchert kritt mam Agreement. Mä dat wär eng Pist, där mer kéinten nogoen. Wou s de sees, do existéiert schonn eppes, kommt, mir profitéieren dovunner. Ech weess, verschidde Fussballsveräiner kache mëttes fir déi Kanner, déi op den Training kommen. Firwat net weider denken a soen, kommt, mir bidde verschidden Deeg esou Saachen un. Dat ass op alle Fall eng nei Iwwerleeung.

Ech mengen, datt een dat soll weider denken, fir aus deem, wat een huet, méi ze maachen. Datt et net nëmmen d'Schoul oder d'Maison relais ass, mä datt mer och nach aner Acteuren um Terrain hunn, déi e kéint mat an d'Boot huelen. Mä et muss een natierlech mam Ministère kucken, ob een dann och en Agreement drop kritt.

Anerwäerts mengen ech, ass alles gesot. Här Diderich, w.e.gl. An da géife mer zum Vott kommen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech ka bestätegen, dass de Guy dat ganz gutt mécht an och meng Bouwen an der Gidd hält, wat Der do uschwätzt mam Fussball.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Et ass net nëmmen de Fussball. Et ginn och d'Scouten, et gëtt och aner Saachen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Jo, et gëtt och anerer. Wat ech awer wollt nofroen, Madamm Pregno, Dir hutt gesot, um Fousbann géif dru geschafft ginn, fir dee Manque iergendwéi opzefänken. Do wollt ech just nach nofroen, wat do vu Pläng virleien. Gëtt do eng Maison relais gebaut? Ass dat dat, wat den Här Traversini elo seet? Oder muss do op de Woiwer ausgewäicht ginn? Kann een zum Deel Klassen oder eenzel Gruppen op de Woiwer eriwwer huelen?

Einfach eng Nofro, well mir si jo elo scho relativ wäit mam Fousbann, also do ass déi héchste Liste d'attente. An do gëtt jo elo net grad näischt gebaut, um Woiwer. Direkt nieft der Schoul gëtt am Moment gebaut. Do komme jo dann och Kanner bäi.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Do sinn elo nach Plazen op. Am Hierscht ginn um Plateau Funiculaire 84 Plazen op, fir Kanner vun null bis véier Joer. Dat solle mer net vergiessen. Déi komme bäi. D'APEMH geet do vu 14 op 84 erop. Ech maachen och hei en Opruff, datt am Moment nach ganz vill Plazen op sinn.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dat ass d'Crèche.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat ass d'Crèche, jo. Vun null bis véier Joer. Wou theoretesch eng grouss Nofro do ass. Mir sinn awer gespaant, well am Moment ass den Ulaf net esou grouss. Dat ass awer och vläicht, well verschidde Leit et nach net matkritt hunn. Eis Servicer wäerte sech mat hinnen a Verbindung setzen.

Da géife mer elo zum Vott vun der Organisatioun kommen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

A meng Fro, wat um Fousbann elo geschitt.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Um Fousbann si mer am Gaang ze kucken, wéi mer en erweideren. Ech hat vun engem neie Modell gezielt, dee mer am Gaang sinn auszeschaffen. Dat weess d'Madamm Pregno nach net. Dat ass zimlech nei. Wou mer eis getraff hunn, fir eis doriwwer de Kapp ze zerbriechen, wat ee ka maachen.

Um Fousbann/Woiwer wäert e Liichtathletikstadion gebaut ginn. An et ass och geduecht, fir eventuell eng Sportsschoul dohin ze maachen. Dat heescht, et ass kloer, fir do Erweiderungen ze maachen, fir d'Kanner opzefänken.

An da mengen ech, datt een an Zukunft soll kucken, fir d'Kanner ebe vläicht aneschters ze betreien. Mir sinn och am Gaang ze kucke fir eng nei Bëschcrèche. Mir wëllen déi hei jo net erweideren. Mir hunn ee Site, wou mer op Handschlag mat ArcelorMittal ofgemaach hunn. Wann et dee Präis wier, kéinte mer eis dat virstellen, datt mer op déi eng oder aner Plaz och nach esou Saache wäerten opsetzen.

A mir hunn d'Europaschoul mat ronn 450 Plazen. A wann een do rechent, wat mer gär hätten, datt 50% vun eise Kanner dohinner ginn, da sinn dat erëm eng 220 Plazen, wou wäerten opgoe fir d'ganz Gemeng. Dat entlaascht natierlech och aner Sitten, wann déi Primärschoulkanner dohinner ginn. Mä mir mussen um Ball bleiwen. Dir hutt vollkomme recht. An dat maache mer och.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation pour l'année scolaire 2019-2020.*

Villmools Merci, am Numm vun de sämtleche Servicer.

Dann d'Museksschoul. Den Här Mangen, deen neie Ressortschäffen, huet d'Saach am Grëff.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ajoute qu'il n'y a pas que le football, mais aussi les scouts, etc.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *revient sur les propos de Mme Pregno concernant le manque de place au Fousbann. Existe-t-il des plans ? La commune est-elle en train de construire une maison relais ? Les enfants devront-ils se rendre au Woiwer ? Gary Diderich rappelle que le Fousbann compte la liste d'attente la plus longue. Or des travaux de construction sont en cours au Woiwer, mais pas au Fousbann.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *signale qu'en automne, 84 chaires gérées par l'APEMH vont être créées sur le plateau du Funiculaire pour les enfants de zéro à quatre ans. Il en profite pour lancer un appel.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *réplique qu'il s'agit d'une crèche.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que oui. Il se dit curieux parce que pour le moment, la demande est plutôt faible. Mais il se peut que les gens ne soient pas encore au courant. Les services communaux vont en informer les gens.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *souhaite une réponse à sa question sur le Fousbann.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *cherche des solutions. Mme Pregno n'est pas encore au courant, mais le collège échevinal essaie de mettre en place de nouveaux modèles. Roberto Traversini rappelle qu'un stade d'athlétisme va être construit au Fousbann et qu'il est question d'implanter une école du sport à proximité.*
*À l'avenir, il faudra aussi essayer d'encadrer les enfants différemment.*
*La commune veut également ouvrir une nouvelle crèche en forêt. Le collège échevinal dispose d'un accord oral avec ArcelorMittal pour un terrain.*
*Roberto Traversini mentionne ensuite les 450 places à l'école européenne. Celle-ci accueillera 50 % de Differdangeois, soit quelque*

*220 enfants. Cela permettra de soulager d'autres sites.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe aux règlements temporaires de circulation.*
*(Interruption)*
*Roberto Traversini constate qu'il a oublié l'école de musique.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *explique que 752 élèves sont encadrés par 35 enseignants. La plupart des élèves habitent à Differdange. L'école propose 1225 cours, dont 760 sont collectifs et 460 sont individuels.*
*Elle est un peu victime de son propre succès puisque le nombre d'élèves est passé de 450 en 2017 à 750 en 2019. Un partenariat avec le 1535° et l'école internationale lui permettrait de disposer de plus de salles provisoires.*
*Robert Mangen ne souhaite pas entrer dans les détails des enseignants quittant l'école, de ceux qui seront recrutés et de ceux modifiant leurs tâches. Les conseillers communaux disposent d'un dossier.*
*Par rapport à l'année dernière, le nombre d'heures de cours augmente de 15 unités.*
*Le nombre d'élèves doit rester constant à cause du manque de place. Malgré tout, trois nouveaux cours seront proposés. Le premier est un cours de musique ancienne, baroque et renaissance. Le cours d'orgue se tiendra dans l'église de Niederkorn avec l'accord du curé.*
*La musique contemporaine se base en large partie sur la musique ancienne. C'est pourquoi ce cours, qui sera tenu par le célèbre professeur français Vincent Bernard, est important.*
*Pour calmer le bourgmestre, Robert Mangen précise que les frais seront modérés. On le lui a promis.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *s'en réjouit.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *passe à la deuxième nouveauté. La demande pour des cours de musique moderne est forte. C'est pourquoi l'école proposera un cours de musical comprenant théâtre, mise en scène et chant moderne. Peu d'écoles au Luxembourg offrent un tel cours. Il sera tenu par M. Maxi-*

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Ech hoffen. Ech hoffen.

Virop e puer Zuelen. An onser Déifferdenger Museksschoul si 752 Schüler ageschriwwen, déi vu 35 Enseignante betreit ginn. De Gros vun de Schüler si Residenten aus eiser Gemeng. 1/7 kënnt aus anere Gemengen. Mir bidden 1.225 Coursen un. Dovu 760 kollektiv a 460 individuell Coursen.

Eis Museksschoul huet an deene leschten dräi Joer e groussen Zoulaf u Schüler kritt a gëtt leider Affer vun hirem Erfolleg. Mir gi vu 450 Schüler 2017 op 750 2019 erop. Dat bréngt natierlech Problemer mat Raimlechkeete mat sech. Et gëtt e Partenariat mat dem 1535° an der École internationale ugestrieft, fir provisoresch méi Säll ze hunn.

Ech ginn elo net an den Detail, wat fir eng Enseignante fortginn, eng Réductioun de tâche froen oder eng Adaptatioun vun hire Coursen. Déi Informatioune fannt Der an den Ënnerlagen. Insgesamt fale 46 Stonnen ewech an 61 Stonne komme bäi. Wat am Endeffekt e Plus vu 15 Museksstonnen am Verglach vun 2019 bedeit.

Wéinst dem Plazmangel versiche mer, d'Zuel vun eise Schüler konstant ze halen. Mä et soll awer net zu engem Stëllstand kommen. Dofir féiere mir dräi nei Coursen an. Deen éischte Cours ass e Cours „Musique ancienne" (Barock, Renaissance) mat Clavecin an Uergel. De Clavecin ass schonn dëst Joer kaf ginn. Deen hu mer schonn. Am Accord mam Paschtouer Denis Wellisch kënne mer d'Uergelcoursen an der Kierch zu Nidderkuer ofhalen. An dat gratis. Dofir soen ech him op dëser Plaz e grousse Merci.

Déi Leit, déi an der Musek täteg sinn, wëssen, datt all Musek vun onsem Zäitalter zum gréissten Deel op aler Musek baséiert. Dofir hu mer dëse Cours agefouert. An et sinn och Interessenten do, fir deen ze beleeën. Et si virleefeg just dräi Stonne virgesinn. Déi Course gi vun engem international bekannte franséische Professer, dem Här Vincent Bernhardt ofgehalen.

Fir den Här Buergermeeschter ze berouegen, de Präis vun de Course gëtt ugepasst, datt et awer finanziell eenegermoossen opgeet.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Gutt.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Deen zweete Cours ass „Musical Theatre". D'Ufro vu moderner Musek an eiser Schoul ass héich. Dofir bidde mir d'nächst Joer en neie Cours un, mat enger Sektioun vu „Musical Theatre". Wou Theater, Mise en scène, franséisch, däitsch an englesch Dictioun a moderne Gesank ugebuede gëtt. Et ass e Cours vu sechs Stonnen d'Woch.

Mir maachen do e bëssen Neiland hei a Lëtzebuerg. Mir sinn eng vun de wéinegen, wou dat ugebuede gëtt, am Moment jiddefalls. An et ass den Här Maximilien Jadin, frësch diploméiert vun enger amerikanescher Uni, deen dëse Cours ofhält.

Een drëtte wichtege Cours, dat ass „Musek fir Jiddereen". Dat si Musekscourse fir Mënsche mat Aschränkungen a besonnesche Bedierfnisser, egal wat fir een Alter oder Handicap. Dëse Projet gëtt deemnächst nach am Detail virgestallt. Hei sinn aacht Stonne virgesinn. Deen hält d'Madamm Monique Kellen of, déi eng speziell Ausbildung an dësem Beräich gemaach huet.

Wéi gewinnt lafen d'Percussiounsklassen, d'Bléiserklassen an onse Schoulen a Maison-relaise weider. Dëst gëllt och fir d'Bluesschoul, déi och weidergefouert gëtt, wou dëst Joer 80 Participanten ageschriwwe sinn.

Selbstverständlech huet dës ganz Organisatioun e Präis. De gesamte Käschtepunkt vun eiser Museksschoul beleeft sech op 1,76 Milliounen Euro. Dovunner gi 770.000 Euro duerch Recettë gedroen. 3.700 duerch d'Bluesschoul. 105.000 duerch d'Inscriptiounen an der Museksschoul. An de Subsid vum Staat vu 650.000 Euro. Dat heescht, et bleiwen nach 990.000 Euro zu Laaschte vun eiser Gemeng.

Laut deenen neie Reglementer wäerten an Zukunft och Museksstonnen an de Schoulen ugebuede ginn. D'Organisatioun an de Finanzement stinn nach net

fest. Dat wäert och spéiderhi virgestallt ginn.

Zum Ofschloss wollt ech e puer perséinlech Bemierkunge maachen. Mir hunn e Renouveau vun eiser Museksschoul ënnerhalb vun zwee Joer erlieft. Mir si mëttlerweil déi gréisste Schoul an eiser Géigend. D'Dynamik vum Direkter Rudi De Bouw, mat sengem Staff, enger Sekretärin a 35 Professeren, souwéi déi breet Museksoffer hunn dozou bäigedroen. Déi eng Millioun Euro, déi d'Gemeng an dës Bildung stécht, ass en Invest an d'Zukunft vun eisen Awunner an Awunnerinnen. 2/3 vun den Inscriptioune leien ënner 25 Joer.

Zum Schluss, och wann ech dat net méi erliewen, wären déi zukünfteg kommunal Gemengeréit beroden, der Museksschoul adequat Raimlechkeeten unzebidden. Wéi den Numm et seet, et ass eng Schoul. An, wéi virdru gesot, e wichtegen Invest an d'Zukunft vun eise Jugendlechen, mä och vun eise Senioren. An net ze vergiessen, e wichtegen Inklusiounsfacteur. Musek ass universell. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Buergermeeschter Roberto Traversini (déi gréng):

Merci. Här Muller, w.e.gl.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dozou bleift net méi vill ze soen, Här Mangen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Exzellent. Merci, Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Wonnerbar. Ech wëll just soen, d'LSAP, mä ech mengen och déi aner, ass ëmmer erëm iwwerrascht, wat d'Kreativitéit vum Direkter, dem Rudi De Bouw ubelaangt. Wat dee vun Iddien huet a wéi en se ëmsetzt, zesummen natierlech mat sengen Enseignanten. Deene gehéiert eis eescht Luef. Domadder hu mer d'Museksschoul wierklech op eng nei Schinn kritt, wéi Der sot, Här Mangen. A wat de Rescht ubelaangt, mat neie Raimlechkeeten, do schwätzt Der mer aus dem Häerz.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ass schonn a Planung.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Fir mech ass déi Museksschoul op deene gudde Schinnen, wou se higehéiert. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Madamm Rausch-Brassel Christiane, w.e.gl. An dann den Här Meisch.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, Opfer vun hirem eegene Succès ass déi Museksschoul.

Et gëtt ganz vill iwwert de Sport geschwat. Mä och d'Konscht, d'Musek, den Theater ass immens wichteg fir Kanner. Mat all deem, wat den Här Mangen hei virgestallt huet, och wann et elo raimlech Limitte gëtt, dierf et kee Stëllstand an der Museksschoul ginn. Si muss weidergoen. Dofir denken ech, dass si onbedéngt op den absolutte Soutien vun der Gemeng ziele kann, fir dass dat esou weidergeet. Net nëmme fir d'Museksschoul, net nëmme fir d'Enseignanten, mä och fir d'Kanner. A vläicht och fir d'Senioren, déi mat dovunner profitéieren. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Meisch, w.e.gl.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, kuerz wëll ech dervu profitéiere fir der Direktioun, ënnert der Leedung vum Rudi De Bouw, Merci ze soen, fir d'Engagement. D'Museksschoul huet sech am neie Kulturzentrum extrem gutt entwéckelt. Den Zoumilien Jadin, diplômé d'une université américaine.

*Le troisième cours s'appelle « Musek fir jiddereen ». Il s'agit de permettre à des gens avec des besoins spécifiques de faire de la musique. M^me^ Monique Kellen est diplômée dans ce domaine.*
*Les autres cours ainsi que l'école de blues seront poursuivis.*
*En tout, l'organisation de l'école de musique coute 1,76 million d'euros, dont 770 000 € sont couverts par les recettes provenant des inscriptions et du subside de l'État. La commune participe à hauteur de 990 000 €.*
*Des cours de musique seront aussi proposés dans les écoles, mais l'organisation et le financement ne sont pas encore fixés.*
*L'école de musique de Differdange a connu un renouveau ces deux dernières années et est aujourd'hui l'école la plus grande de la région. Robert Mangen salue le dynamisme du directeur Rudi de Bouw et de son équipe. L'investissement de la commune dans l'école de musique est un investissement dans l'avenir, car 2/3 des élèves ont moins de 25 ans.*
*Robert Mangen demande aux futurs conseillers communaux de prévoir des locaux adéquats pour l'école de musique.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate qu'il n'y a plus grand-chose à dire.*
*Les socialistes sont constamment surpris de la créativité du directeur Rudi de Bouw et de ses enseignants.*
*Erny Muller ne peut que soutenir M. Mangen en ce qui concerne les locaux de l'école.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond qu'ils sont en cours de planification.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate que l'école de musique est sur la bonne voie.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répète que l'école de musique est victime de son propre succès. On parle beaucoup de sport, mais l'art, la musique et le théâtre sont aussi importants pour les enfants.*
*Comme l'a dit M. Mangen, l'école de musique doit continuer d'aller*

*de l'avant. Elle peut compter sur le soutien de la commune. C'est important pour l'école, les enseignants, les enfants et peut-être même les séniors.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *remercie la direction de l'école de musique pour son engagement. L'école s'est bien développée dans le nouveau centre culturel. Elle connait un grand succès. Les locaux atteignent en revanche leur limite.*
*Le niveau des différentes classes a aussi augmenté. Des cours vont être ajoutés : musique ancienne, baroque et renaissance avec orgue et clavecin, musical, etc.*
*Les détails quant au projet « Musek fir jiddereen » vont suivre.*
*Par rapport à 2018-2019, 15,5 heures de cours sont ajoutées.*
*François Meisch profite de l'occasion pour remercier les enseignants et leur souhaiter bonne chance. Il remercie aussi l'école du blues. Il se réjouit du fait que des gens ayant commencé à jouer de la musique à l'école de blues reviennent enseigner à Differdange.*
*Les démocrates approuveront l'organisation provisoire 2019-2020 de l'école de musique.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe aux règlements temporaires de circulation.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *ne va pas entrer dans les détails. Il signale qu'il s'agit de règlements d'urgence concernant des façades et des chantiers. Il n'y a pas d'adaptation du règlement de circulation.*
*Georges Liesch demande aux conseillers communaux s'ils ont des questions.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *constate que quarante règlements d'urgence doivent être approuvés. Cela représente 695 règlements cette année.*
*Malheureusement, Guy Altmeisch se voit dans l'obligation de répéter ce qu'il a dit la dernière fois, car rien n'a changé. De nombreux chantiers ne sont ni signalisés, ni éclairés, ni sécurisés. Cela représente un danger pour les piétons, les automobilistes et les cyclistes. Les socialistes exigent une amélio-*

laf ass grouss. A raimlech, mir hunn et héieren, komme mer un d'Limitt.

Wat den Niveau vun den eenzelne Klassen an eise Schüler ugeet, ass d'Entwécklung och ganz positiv. Fächer komme bäi, mir hunn et héieren: Musique ancienne, haaptsächlech Barock a Renaissance mat méi traditionellen Instrumenter wéi Uergel a Clavecin. Donieft Musical Theatre. Am Beräich vun der Musique moderne ware mer jo scho ganz gutt opgestallt. An dat hei completéiert dann déi Offer. Zousätzlech nach de Projet „Musek fir Jiddereen". Do kommen d'Detailer jo nach no.

15,25 Enseignantsstonne komme bäi am Verglach zu 2018/2019.

Ech profitéieren dervun, allen Enseignante Merci ze soen a wënschen eng glécklech Hand bei den Aufgaben, déi op se zoukommen.

Merci soe wéilt ech an deem Kontext och de Leit aus der Bluesschoul, déi nach ëmmer ganz beléift ass. Vill Freed mécht et mir, wann ech gesinn, dass Leit, déi viru laange Jore bei eis an der Bluesschoul waren, elo erëmkommen als ausgebilt Enseignanten. D'DP stëmmt déi provisoresch Schoulorganisatioun vun der Museksschoul fir 2019/2020 mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Exzellent. Merci. Da géife mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation scolaire provisoire de l'école de musique pour l'année scolaire 2019-2020.*

Da komme mer elo zu de Règlements temporaires de circulation.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Vu dass mer schonn e bëssen zur fortgeschrattener Zäit sinn, verzichten ech drop, déi elo alleguerte virzeliesen. Ech kann awer soen, dës Kéier sinn et lauter Règlement-d'urgencen, wou et nëmmen ëm Fassaden a Chantiere geet. Et si keng Adaptatioune vun eisem Reglement. Also just Klengegkeete wéi Fassaden, Steeën, déi opgeriicht goufen, Leit, déi eppes geliwwert kruten an esou weider.
Et sinn der eng Hellewull. An ech géif proposéieren, wann eng Fro zu eppes ass, géife mer eis dat ukucken. Soss sinn et déi üblech, wéi Der se ëmmer am Dossier erëmfannt.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Altmeisch, w.e.gl.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. 40 Drénglechkeetsreglementer ginn haut gestëmmt. Wat en Total vu 695 fir dëst Joer bréngt. Leider muss ech meng Bemierkung vum leschte Gemengerot widderhuelen. Net well dat mir Spaass mécht, mä well sech nach näischt an deem Dossier geännert huet.

Vill Baustelle sinn net beschëldert, net beliicht, schlecht ofgeséchert. Dës Ëmstänn stellen eng Rei Gefore fir Foussgänger, Automobilisten a Cyclisten duer. D'LSAP fuerdert eng Verbesserung am Sënn vun der Sécherheet fir eis Awunner. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Altmeisch. Här Schwachtgen, w.e.gl.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll anhaken zur genereller Situatioun, net zu deenen dote Reglementer. Ech fannen, wann op eisen Haaptachse Chantiere sinn – och wa se nëmmen e puer Stonnen daueren –, missten een, zwee Leit do stoe mat Fändelen. Fir d'Verkéierssécherheet, also d'Foussgängersécherheet an d'Vëlossécherheet vun deene Schwaachen op der Strooss ze beschützen. Ech fannen dat ganz wichteg.

Ech maachen dacks Suggestiounen am zoustännege Service, an et gëtt och ëmmer ganz séier reagéiert. Mä ech fannen den Entrepreneur misst dat scho gesot kréien. Et geet net, datt de Baggerfuerer oder en Aarbechter, dee mat der Schëpp am Gaang ass, och nach d'Foussgänger iwwert d'Strooss als Optrag huet wärend senger Aarbechtszäit. Mer mussen e Cahier des charges kréien. Och e klengen Entrepreneur muss een, zwee Leit méi dohinner setzen. Dat gëtt e bësse méi deier. Mä ech mengen, et ass d'Saach awer wäert.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Tempels, w.e.gl.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Ech hunn eng kleng Suggestioun. Am Ausland op de Chantiere gesäit een oft e Panneau, wien zoustänneg ass fir d'Signalisatioun, mat enger Telefonsnummer. Ass dat hei net virgesinn? Oder ass dat schwéier machbar? Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, w.e.gl.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech hätt nach eng Fro, dat ass vläicht vergiess ginn, Här Liesch. Mir hate praktesch bei den Apdikten, déi mer an der Gemeng hunn, eng Parkplaz dobäi fir d'Leit à mobilité réduite. Ech hat Iech viru Méint gefrot fir déi nei um Funiculaire. Ech ginn ëmmer drop ugeschwat a schwätzen Iech dann drop un. Well et si Leit mat Rollstull, déi net an déi Pharmacie do ginn, well se net bäikommen. Well dat och e bësse méi wäit ass fir eranzefueren.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Liesch. Et sinn e puer Saache gesot ginn. Wëllt Der drop äntwerten?

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech sinn e bësse verwonnert iwwert d'Ausso vum Här Altmeisch. Well dat, wat Der déi leschte Kéier gesot hutt, hunn ech net einfach ignoréiert. Ech hunn dem Service dat weiderginn, dass mer méi Kontrolle solle maache bei deene sëlleche Chantieren. Dat heescht, wa geliwwert gëtt oder wat och ëmmer, dass dat gemaach gëtt. Mir si méi präsent.

Eise Service mobilité ass natierlech ganz kleng. Mir kënnen net all déi Saache kontrolléieren. Punktuell maache mer natierlech Kontrollen, wou dat dote gemaach gëtt. A wann Dir awer elo sot, d'Situatioun hätt sech net verbessert, da musse mer driwwer nodenken, fir déi Equipe ze verstäerken. Well mat engem Mann, deen all d'Reglementer an esou weider mécht, ass dat net machbar.

Mir hunn natierlech eisen Agenten och gesot, si sollen en A drop halen. Och wa se net direkt dofir befugt sinn. A wa se eppes gesinn, datt se dat signaliséieren. Dat heescht, mir si präsent dobaussen. Ech hunn dat weiderginn. Mä wann Dir awer elo sot, et hätt sech näischt geännert, da musse mer nach eng Kéier do hannendru goen. Fir mech leeft déi Kontroll.

An och dat, wat den Här Schwachtgen gesot huet, kënne mer natierlech eng Kéier ugoen. Mä et gëtt awer Virschrëften, wéi en Entrepreneur dat do muss handhaben, déi en eigentlech anhale muss. Elo kënne mir natierlech hannendru goen a kontrolléieren, dass dat och respektéiert gëtt. All packe mer se sécher net. Mä méi Stéchprouwe kënne mer da vläicht maachen. Da musse mer do vläicht nach méi sec duerchgräifen, wann Dir sot, um Terrain wär dat nach net ukomm.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Altmeisch, w.e.gl.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Et ass esou, déi Chantieren, déi ech am meeschte gesinn, si keng Chantieren, déi nëmmen een Dag daueren. Dat si

*ration de la situation dans l'intérêt des habitants.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *trouve également que pour chaque chantier, aussi court soit-il, une ou deux personnes devraient veiller à la sécurité des piétons et des cyclistes.*
*Frenz Schwachtgen constate que le service technique réagit rapidement quand il fait des suggestions. Mais il faudrait aussi parler aux entrepreneurs. Les ouvriers ne peuvent pas s'occuper des piétons en plus de faire leur travail. Un cahier des charges est nécessaire. Même un petit entrepreneur doit pouvoir y arriver même si cela lui coute un peu plus cher.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *constate qu'à l'étranger, un panneau signale qui est responsable de la sécurité du chantier. Ne pourrait-on pas opter pour cette solution ?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle qu'une place de stationnement pour personnes a mobilité réduite est prévue devant les pharmacies. Mais qu'en est-il de la pharmacie du plateau du Funiculaire ? Fred Bertinelli en a déjà parlé la dernière fois. Les personnes en fauteuil roulant ont du mal à s'y rendre.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *s'étonne des propos de M. Altmeisch, car il a communiqué ses doléances au service technique la dernière fois. Il rappelle cependant que le service mobilité est très petit et qu'il ne peut pas tout contrôler. Si la situation ne s'est pas améliorée, il faudra réfléchir à renforcer l'équipe. Une seule personne s'occupant de tous les règlements ne peut pas suffire.*
*Le collège échevinal a également demandé aux agents municipaux de contrôler la situation. La commune est donc présente sur le terrain.*
*Georges Liesch répète à M. Altmeisch que si les choses n'ont pas évolué, il faudra voir ce qui cloche. Il ajoute que les entrepreneurs doivent se tenir à des prescriptions. La commune devra veiller à ce que celles-ci soient respectées, mais il sera difficile de vérifier tous les*

*chantiers. Le cas échéant, il faudra se montrer plus secs.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ne faisait pas allusion à des chantiers ne durant qu'un seul jour, mais à des chantiers longue durée dans la rue Henri-Bessemer ou dans la rue Léon-Kauffman. Guy Altmeisch a même discuté avec les ouvriers, parce qu'ils laissaient les automobilistes rouler dans un cul-de-sac. Et faire demi-tour dans la cité Breitfeld n'est pas évident.*
*Guy Altmeisch ajoute que l'ouvrier sur le chantier n'est pas habilité à jouer aux officiers de police. C'est aussi lié à des questions d'assurance.*
*Le conseiller communal se rend compte que vérifier tous les chantiers est une mission impossible. Il faut veiller à agrandir le service communal ou responsabiliser l'entrepreneur.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *demande aux conseillers de se tenir tranquilles. La séance est presque terminée.*
*Il passe à la dénomination de rues. Tous les partis ont participé. La proposition figure dans le dossier.*
*Roberto Traversini ne veut pas énoncer la biographie de toutes les personnes choisies. Mais un petit texte à ce sujet pourra être publié dans le rapport analytique.*
*Il est question de 13 rues. Il y a aussi des noms de femmes, ce qui est relativement nouveau. Dans la cité Ouschterbuer, il faut retirer le nom de Valentina Terechkova, parce qu'il n'y a que trois rues et pas quatre.*
*Roberto Traversini mentionne la rue Camille-Gira, la rue des Artisans à Niederkorn, le Fond-de-Gras, les rues Rosa-Parks, Lily-Unden, Jean-Pierre-Gratia, Barbe-Stiefer-Philippe, Anne-Frank, Anne-Beffort, Lisa-Berg, Françoise-Groben, Sophia-de-Mello, Marie-Speyer, Louise-Welter et Michel-Mosinger.*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*Roberto Traversini répond qu'il faudra en discuter.*
*(Interruption)*
*Roberto Traversini répond qu'il faut laisser le temps à la commune*

Laangzäitchantieren. Zum Beispill an der Henri-Bessemer-Strooss, Léon-Kauffman-Strooss. Ech hat selwer mat den Aarbechter geschwat, dat si eppes mussen änneren. Si schécken d'Autoen an eng Sakgaass, an et ass kee Schëld do. Dee ganze Breitfeld fiert do erof dréien op véier Meter – onméiglech. Ech hu se selwer ugeschwat, do kënns de net ëmmer ganz gutt un.

An ech wëll och dat hei soen: Dee Mann, dee beschäftegt ass um Chantier selwer, ass net habilitéiert, fir do op eemol eng Verkéierspolice-Roll ze iwwerhuelen. Wat och mat der Assurance spillt. Wann deen der zwee aneneen dréit, da gëtt et e Problem.

Mä ech verstinn, fir ee Mann ass dat do Mission impossible. Et misst ee wierklech kucken, fir dee Service auszebauen. Oder den Entrepreneur méi ze responsabiliséieren. Well mat engem Mann ass dat net an de Grëff ze kréien. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Mir kommen zum nächste Punkt. Ee Punkt, dee mer d'lescht Woch vill diskutéiert hunn. Dat sinn eis Stroossennimm.

Et ass esou gemaach ginn, datt all d'Parteien dru bedeelegt waren. Dir hutt eng Propos gemaach. D'Propos ass am Dossier. Mir géife virschloen, datt déi jeeweileg Stroossen déi Nimm kréien.

Ech wëll Iech de ganze Liewenslaf vun deene sämtleche Leit erspueren. Mir géifen dat am Analyteschen oder éierens ofdrécken, wien déi Leit waren a wat se gemaach hunn.

Et sinn 13 Stroossen. Dovunner kréien zéng Fraennimm. Dat ass schonn eppes Neies hei an der Gemeng, wat bis elo net esou war. Just an der Cité Ouschterbur, do si keng véier Stroossen, mä dräi. Op Propositioun vun deene sechs Parteie géife mer do d'Valentina Tereschkowa elo emol erofhuelen, well mer keng véier Stroossen hunn. Da géife mer déi bei deenen anere bäisetzen.

Mir hale fest, datt den Här Camille Gira eng Strooss kritt, d'rue des Artisans zu Nidderkuer. Am Fond-de-Gras wäert e Site Fond-de-Gras heeschen. Ronnewiss, déi Impasse, do hutt Der gesinn, do wäerten och nach Nimm bäikommen. Am Mattendall wäerten et sinn: Rosa Parks, Lily Unden, Jean-Pierre Gratia, Barbe Stiefer-Philippe, Anne Frank, Anne Beffort, Lisa Berg, Françoise Groben, Sophia de Mello. An Ouschterbur wier: Marie Speyer, Louise Welter a Michel Mosinger, wéi et proposéiert ginn ass vun deene jeeweilege Parteien.

Ass dat esou okay? Da géife mer ofstëmmen.

(Interruptioun)

Ech mengen, et ass elo eppes geschitt d'lescht Woch, do muss een awer vläicht kënnen drop reagéieren. Dofir hunn ech den Impasse Campus EIDE elo emol net genannt. Et muss een déi nächst puer Deeg oder puer Wochen driwwer kucken.

Här Diderich. Nach eng Fro?

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Keng Fro, ech wollt éischtens emol déi Demarche, déi hei geholl ginn ass, begréissen. Dass ee sech Zäit ginn huet, fir dat ënner all de Parteien ze diskutéieren. An ech wollt déi Iddi begréissen, déi mer fonnt hunn, ënner all de Parteien, dass dat och thematesch e bëssen zesumme passt: Rosa Parks, Lily Unden, Jean-Pierre Gratia, Barbe Stiefer-Philippe an Anne Frank sinn alles Leit, déi an enger Résistance souzesoen aktiv waren. Géint Ënnerdréckung a fir Mënscherechter.

An Anne Beffort, Lisa Berg, Françoise Groben a Sophia de Mello Breyner Andresen waren alles Fraen, déi an der Kultur aktiv waren. Am Ouschterbur, déi dräi Nimm si Leit, déi éischter an de

Sciencen aktiv waren. Soudass déi Demarche eis erlaabt huet, fir e bëssen eng thematesch Ausriichtung ze kréien. An domadder nach méi dat eriwwerzebréngen, dass an all deene Beräicher et souwuel Frae wéi Männer gëtt, déi Verdéngschter hunn an déi mer domadder unerkennen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech soen och Merci dofir. D'Iddi vum Schäfferot war haaptsächlech, datt vill Fraennimm sollten dobäi sinn. Dat war déi eenzeg Konditioun, déi mer gestallt haten. Madamm Richartz Yvonne, w.e.gl.

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir hat elo just gesot, dass déi jeeweileg Nimm an den Diffmag kommen, mat där Aufgab, déi déi Leit haten a wat déi geleescht hunn. Ech hu geduecht, kéint een net op d'Schëlter, déi een an d'Strooss stellt, entweder de Gebuertsdatum dobäisetzen oder wat déi jeeweileg Persoun am Liewe war.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat kënnt dobäi, Écrivain oder Journalist oder sou.

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Wann dat esou ass, ass et esou. Wann net, kéint d'Verkéierskommissioun sech nach eng Kéier doriwwer de Kapp zerbriechen. Mä et soll een et net iwwerfëllen. Madamm Rausch-Brassel Christiane, w.e.gl.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Buergermeeschter, ech schléisse mech dem Här Gary Diderich un. Et war eng ganz konstruktiv Versammlung. Dat ass vun alle Vertrieder vun alle Parteien esou empfonnt ginn.

Dat eenzegt, wat ech nach wollt soen: Wa mer sollten esou weiderfueren, wier et flott, wann déi Kommissioun géif éischter wëssen, wéi vill Stroossennimm mer bräichten. Dass mer kéinte méi laang Recherchë maachen. A Clibb vun Déifferdeng, Historiker oder esou, abannen, wou mer deenen hire Rotschléi vläicht kéinten nolauschteren. Dat wollt ech just bemierken. Villmools Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Esou wäerte mer dat maachen. Den Här Hartung, w.e.gl.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Am Numm vun der CSV wëlle mer Merci soe fir déi ganz konstruktiv Gespréicher an déi flott Zesummenaarbecht ënnersträichen. Wou déi 19 Leit, déi hei sëtzen, respektiv déi sechs Parteien zesummen eppes Produktives gemaach hunn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Exzellent. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les noms des nouvelles rues.*

Merci. Da wäre mer bei de Kommissiounen. Gëtt et do Ännerungen? Mir hunn näischt virleien. Dann ass dat ofgeschloss.

Da komme mer zum leschte Punkt, dat ass d'Motioun vun deene Lénken. Jo, Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Punkto Kommissiounen hätt ech e klengt Uleies. Als Gemengerot sollte mer jo ëmmer d'Rapporte kréie vun alle Kommissiounen. Do si verschidde

*de réagir. L'impasse du campus de l'EIDE n'a pas encore de nom.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue la démarche entreprise. Le collège échevinal a laissé le temps aux partis d'en discuter.*
*Gary Diderich trouve qu'il y a une thématique puisque Rosa Parks, Lily Unden, Jean-Pierre Gratia, Barbe Stiefer Philippe et Anne Frank ont tous été actifs dans la résistance et contre l'oppression, et Anne Beffort, Lisa Berg, Françoise Groben et Sophia de Mello Breyner Andresen dans la culture. À Ouschterbuer, il s'agit de scientifiques. Cela montre qu'à la fois des hommes et des femmes ont été actifs dans tous ces domaines.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le collège échevinal avait posé pour seule condition qu'il y ait des femmes.*

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉIGRÉNG)** *constate que M. Traversini a dit que les biographies seraient publiées dans le DIFFMAG.*
*(Discussions)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *demande à M^me^ Richartz-Nilles de poursuivre.*

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)** *demande si des panneaux avec les dates de naissance seront installés.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que ce sera fait de toute façon.*

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)** *ajoute qu'il faudrait préciser la profession de ces personnes.*

**TOM ULVELING (CSV)** *réplique que c'est prévu.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ajoute que la commission de la circulation pourra réfléchir à tout cela le cas échéant.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *s'associe aux propos de M. Diderich. La réunion a été constructive. Pour ce qui est de la commission de la circulation, il faudrait lui communiquer le nombre de noms nécessaires. La commune pourrait*

*aussi impliquer des associations et des historiens.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *concorde avec Mme Brassel-Rausch.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *salue à son tour les discussions constructives qui ont eu lieu. Les 19 conseillers communaux ont réussi à faire quelque chose de productif.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *constate qu'il n'y a pas de modifications au sein des commissions et passe à la motion de déi Lénk.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle que les conseillers communaux sont censés recevoir les rapports des différentes commissions. Or certaines commissions comme celles de la circulation, de l'environnement ou de l'enseignement n'envoient jamais rien.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *ajoute qu'elles n'envoient pas non plus d'invitations.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond qu'il transmettra ces doléances.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *l'en remercie.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *annonce qu'un courrier interne sera envoyé aux présidents et aux secrétaires.*
*Il passe à la motion et cède la parole à M. Diderich.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *rappelle que le 7 juillet 2017, l'ONU a approuvé un accord pour l'interdiction d'armes nucléaires. À l'origine de cet accord figure l'initiative civile ICAN, l'« International campaign to abolish nuclear weapons », qui a reçu le prix Nobel de la paix.*
*Comme les choses n'avancent pas assez vite, ICAN s'est adressée aux communes des pays. En Allemagne et en Suisse, plusieurs villes soutiennent l'initiative. Au Luxembourg, c'est le cas de Roeser, Esch et Sanem.*

Kommissiounen, wou ech nach ni iergendeppes kritt hunn: Verkéier, Ëmwelt, Schoul an esou weider. Do hunn ech nach ni iergendee Rapport kritt.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

An d'Invitatiounen. Net nëmmen d'Rapporten.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir ginn dat weider.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir wäerten intern e Courrier erausginn un d'Presidenten an d'Sekretären an d'Presidentinnen an d'Sekretärinne vun de Kommissiounen. Mir maachen dat.

Dann d'Motioun. Här Diderich, Dir hutt d'Wuert.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci villmools. Et freet mech, dës Motioun virzestellen an anzebréngen. Et ass esou, dass schonn de 7. Juli 2017 d'Vereenten Natiounen, also d'UNO, en Ofkommes zum Verbuet vun den Atomwaffen ugeholl huet. Dat heescht, et ass eng Initiativ, déi vun der Zivilgesellschaft komm ass. Déi et esou wäit geschafft huet, dass eng large Majoritéit vu Länner, déi an der UNO vertruede sinn, dës Initiativ ënnerstëtzt huet. Wat dozou gefouert huet, dass d'Initiativ ICAN, International Campaign to Abolish Nuclear Weapons, mam Friddensnobelpräis ausgezeechent ginn ass.

An ech mengen, dass et e breede Konsens gëtt, dass Atomwaffe fir eis, fir eis Bierger, fir eis Welt méi eng Gefor sinn, wéi dass se eng Existenzberechtegung hätten op dëser Welt. An deem Sënn, a well et a verschiddene Länner net esou gutt weidergeet mat där Ënnerstëtzung fir déi heiten Initiativ, huet ICAN sech un d'Gemengen adresséiert. Wou a ville Länner, an Däitschland, an der Schwäiz, schonn eng Rei Stied an och Grousstied déi Initiativ elo ënnerstëtzt hunn. Och zu Lëtzebuerg huet d'Gemeng Réiser virgeluecht, an Esch a Suessem si rezent nogezunn, fir déi doten Initiativ ze ënnerstëtzen.

D'Motioun selwer rifft dozou op, dass mir als Gemengerot wëllen, dass Atomwaffen ofgebaut ginn. An dass mer d'Regierung dozou opfuerderen, als Lëtzebuerger Land, als Regierung deem Traité do bäizetrieden. Dat heescht, dat ze ënnerschreiwen an ze ratifizéieren. Dat wären déi zwou Etappen, déi ee misst maachen.

Ech ginn elo net op all d'Detailer an. Dir hutt se an der Motioun stoen. Mir wëssen alleguer, dass am Kale Krich eng Opréschtungsspiral am Gaang war. Wou mer wierklech un e ganzen Arsenal vun Atomwaffe komm sinn.

An et hätt ee kéinten unhuelen, dass et zënter deem sollt erofgoen. Wat awer net tel quel wierklech de Fall war. Well et huet gutt gestockt beim Ofbau vun Atomwaffen. A mëttlerweil ass och nach den INF-Vertrag opgekënnegt ginn tëschent den USA a Russland. Respektiv leeft do am Moment nach eng Suspensioun dovunner. Dat heescht, e gëllt am Fong nach.

Mä e riskéiert awer, an deenen nächste Méint definitiv opgeléist ze ginn. Dofir ass grad déi heiten Initiativ, elo an dëser Zäit, ganz wichteg. Dass vill Gemengen an, am beschte Fall, vill Länner dat ënnerstëtzen.Dohier géif et mech freeën, wa mir als Déifferdenger Gemeng eis där Initiativ géifen uschléissen, dës zivilgesellschaftlech Initiativ géifen ënnerstëtzen. An och probéieren dozou bäizedroen, dass Lëtzebuerg sech där Saach uschléisst. An domadder d'UNO e weidert Land kann ënner sech zielen, fir bei deem Traité dobäi ze sinn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ech mengen, domat ass alles gesot. Ech kann net méi soen, wéi datt dee ganze Gemengerot dat do soll stëm-

men. Wann elo nach een eng Bemierkung dozou huet, da soll en et maachen. Wann net, géife mer et zum Vott ginn.

Här Ruckert, w.e.gl.

#### ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei soen, dass ech selbstverständlech déi Motioun ënnerstëtze wäert. Ech wëll drun erënneren, dass d'Kommunistesch Partei, zënter dass et Atomwaffe gëtt, hir Ofschafung fuerdert. An zwar vun allen Atomwaffen, onofhängeg dovun, ob dat d'USA, d'Sowjetunioun, Israel oder soss Länner sinn. Mir hunn a Japan erlieft, wéi d'USA – als eenzegt Land bis elo – Atomwaffen erofgehäit huet, wat fir schrecklech Auswierkungen dat huet.

Leider ass et esou, dass och haut nach ëmmer alleguer d'Atommuechten dee Vertrag vun der UNO net ënnerschriwwen hunn. Awer och all d'NATO-Länner an do och Lëtzebuerg. An dat ass natierlech äusserst bedauerlech.

Ech mengen och net, dass ze erwaarden ass, dass Lëtzebuerg vu sech selwer deen Atomwaffeverbuetsvertrag vun der UNO ënnerstëtze wäert, wann d'USA net gréng Luucht gëtt. Dat ass leider esou.

Et ass awer wichteg, dass mir als Gemeng déi Saach do ënnerstëtzen. An ech kann nëmmen ureegen, den Här Buergermeeschter ass jo an der Chamber, e kéint jo och esou eng Motioun an der Chamber areechen. An da géife mer emol gesinn, wéi dann do géif ofgestëmmt ginn.

#### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech traue mech jo vill, Här Ruckert. Här Schwachtgen, w.e.gl.

#### FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech gesinn déi Demarche hei wierklech ganz, ganz positiv. A mir gréng souwisou. Wann een d'Friddensbewegung kennt, zënter belle lurette, da weess een, wat d'Zivilgesellschaft fäerdegbréngt a gewëssenen Demarchen, fir Drock auszeüben oder Meenung och ze maachen. D'Berliner Mauer ass net fir näischt gefall.

Ech wëll elo keng Politik dermat maachen, mä déi Spiral, déi Angschtspiral an déi Ofschreckungsspiral ass eng Bedrohungsspiral ginn. An ass se nach ëmmer. Net wäit ewech, hei vir an der Äifel hu mer atomar Sprengkäpp leien, déi zu all Moment kënne schaarf gemaach ginn. Domadder si mer e potenziellt Zil vun eventuelle Géigner, déi natierlech och eppes kéinten an d'Äifel schéissen, präventiv. An da wiere mer all, och perséinlech, dervu betraff.

Normalerweis ass et esou, wann e Krich ugeet, geet deen op engem Territoire un. Konventionell Waffe sinn haut grad esou schrecklech wéi Atomwaffen. Just si sinn ebe begrenzt an intelligent, wéi een da vläicht seet. Eng Atombomm ass natierlech net intelligent. Déi mécht alles futti.

Mir schwätze vill vun Aartestierwen. Insekten, Déieren an esou virun si mir am Gaang als Mënschen auszemäerzen. An dat Mëttel, fir eis selwer platt ze maachen, dat ass den Atomkrich. Dee grousse globalen Atomkrich. An ech mengen, et ass dat, wat ee sech ëmmer muss virun Aen halen, dass mer déi verdammte Flicht hunn, do dergéint ze kämpfen. Egal op wat fir engem Niveau, dass mer stinn. An déi Spiral och vläicht iergendwann eng Kéier duerchbriechen hëllefen.

Dofir ass deen Appell vun der Zivilgesellschaft un d'Zivilgesellschaft. Well Stied, d'Grousstied sinn déi éischt, déi bombardéiert ginn. An net am Zentralgebitt vun deenen zwee Mächtegsten, mä an de Randgebitter fir d'éischt. An ech mengen, dat soll eis Angscht maachen. D'Jugend soll awer och de Courage hunn, fir erëm nei opzestoen an d'Stëmm ze erhiewen an ze soen, et kann net sinn, dass iergendwann eng Kéier alles auserneeplatzt, wat nach um Planéit gutt ass. Ech soen Iech Merci.

#### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Goffinet, w.e.gl.

*Déi Lénk demande au conseil communal d'exhorter le gouvernement à signer et ratifier le traité en question.*
*Gary Diderich ne souhaite pas entrer dans les détails. Les arsenaux d'armes nucléaires remontent à la Guerre froide. Malheureusement, leur démantèlement n'avance plus comme il faut. Par ailleurs, le traité FNI entre les USA et la Russie arrive à échéance et il risque de ne pas être renouvelé au cours des prochains mois. C'est pourquoi l'initiative ICAN est particulièrement importante en ce moment.*
*Gary Diderich demande au conseil communal de s'associer à cette initiative civile et faire en sorte que le Luxembourg fasse partie des pays ayant ratifié le traité de l'ONU.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *n'a rien à ajouter et demande au conseil communal d'approuver la motion.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *annonce qu'il soutient la motion au nom du parti communiste.*
*Il rappelle que les communistes exigent le démantèlement des armes nucléaires, qu'elles appartiennent aux USA, à l'Union soviétique ou à Israël. Les USA sont le seul pays à y avoir recouru et les conséquences au Japon ont été terribles.*
*Aujourd'hui encore, les puissances nucléaires, mais aussi les pays de l'OTAN, dont le Luxembourg, ne veulent pas signer le traité de l'ONU. C'est regrettable. Ali Ruckert suppose que le Luxembourg ne soutiendra pas le traité sans le feu vert des Américains.*
*Ali Ruckert rappelle que le bourgmestre est à la Chambre des députés. Il pourrait introduire une motion pour voir comment les députés voteront.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *trouve cette démarche positive. Les initiatives de la société civile permettent d'exercer une pression certaine. Le mur de Berlin n'est pas tombé pour rien.*
*Frenz Schwachtgen constate que la spirale de la peur et de la dissuasion est devenue une spirale de la menace. Des ogives nucléaires se trou-*

*vent dans l'Eifel. Le Luxembourg est donc une cible potentielle si des ennemis décidaient d'intervenir de manière préventive dans cette région.*
*Les guerres ont normalement lieu sur un territoire parce que les armes conventionnelles sont limitées et « intelligentes ». Mais une bombe atomique n'est pas intelligente. On parle beaucoup de la disparition des insectes et des animaux, mais la guerre nucléaire est la façon de faire disparaitre les hommes.*
*Chacun à son niveau a le devoir de lutter contre ces armes. C'est pourquoi Frenz Schwachtgen lance un appel à la société civile, car les métropoles sont les premières à être ciblées. Les jeunes doivent se lever et dire qu'il est temps d'arrêter de détruire ce qu'il reste de beau sur la planète.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *rappelle que le Luxembourg est entouré d'arsenaux nucléaires. Il mentionne les Français et les Anglais. Les Allemands ne disposent que des armes américaines. Il faudrait que toute la population organise un mouvement pour la paix sans connotation politique ou économique.*
*(Vote)*

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

E klengt Wuert och. Et kann een näischt géint déi Motioun soen. Mir hunn e ganzen Arsenal hei ronderëm: d'Fransousen, d'Engländer, a wien huet nach alles Atombommen? Déi Däitsch hu jo keng, déi hu just déi amerikanesch. Déi stinn awer op däitschem Terrain. An esou weider an esou virun.

Dat soll schonn e klengen Denkustouss ginn. Et wier scho flott, wann eis Jugend oder déi Eeler oder de mëttleren Alter sech géifen erëm beweegen an enger flotter Friddensbeweegung.

Fir erëm friddlech Ziler ze verfollegen an net onbedéngt Krichsziler oder iergendwéi politesch, wirtschaftlech Ausenanersetzungen ze schüren. Déi Motioun ass nëmmen ze ënnerstëtzen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Da géife mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la motion ayant pour objet l'adhésion de la Ville de Differdange à l'appel mondial des villes en faveur du traité des Nations-unies sur l'interdiction des armes nucléaires (point mis à l'ordre du jour par le parti politique déi Lénk Déifferdeng) :*

*« Vu la lettre ouverte adressée par l'association Friddens- a Solidaritéitsplattform Lëtzebuerg aux communes luxembourgoises appelant à soutenir l'appel de l'ICAN (International Campaign to Abolish Nucleat Weapons) ;*

*Considérant que les armes nucléaires sont les armes les plus destructrices et inhumaines qui aient jamais été produites, frappant sans aucune discrimination, en raison de l'échelle des dévastations qu'elles entrainent et de leurs retombées radioactives exceptionnellement persistantes, volatiles et altérantes génétiquement ;*

*Considérant que l'utilisation de dizaines ou de centaines de bombes atomiques bouleverserait radicalement le climat mondial, entrainant une famine généralisée, la destruction et la perturbation des écosystèmes naturels déjà fortement impactées par l'activité industrielle et minière et le bouleversement des sociétés humaines, voire de la civilisation humaine dans son ensemble ;*

*Considérant que la dernière guerre mondiale s'est terminée par l'utilisation d'armes nucléaires, dont les effets dévastateurs ont pu être constatés alors qu'elles étaient de bien moindre puissance que l'arsenal nucléaire existant aujourd'hui prêt à être utilisé ;*

*Considérant que le prochain conflit armé majeur risque de recourir à l'utilisation d'armes nucléaires ;*

*Considérant que depuis la fin de la Guerre froide, où le spectre d'une guerre nucléaire s'est estompé, il ne demeure pas moins que les arsenaux nucléaires sont toujours prêts à être utilisés en quelques minutes (15 000 armes nucléaires dont 2000 maintenues en état d'alerte ;*

*Considérant que les puissances nucléaires ont échoué à proposer un plan détaillé pour éliminer leurs arsenaux et poursuivent au contraire leur modernisation ;*

*Considérant que les armes nucléaires sont les seules armes de destruction massive à ne pas encore être prohibées par un traité international, alors même qu'elles ont la plus grande capacité de destruction ;*

*Considérant qu'à l'instar de l'interdiction des armes biologiques et chimiques, l'interdiction des armes nucléaires constituera une étape essentielle pour obtenir leur élimination ;*

*Considérant qu'il est de la responsabilité des édiles communaux de soutenir l'appel au gouvernement à signer et ratifier le traité sur l'interdiction des armes nucléaires qui interdit l'utilisation, la production et le stockage des armes nucléaires et ouvre la voie à leur élimination totale ;*

*La commune de Differdange est profondément préoccupée par la lourde menace que les armes nucléaires posent*

*aux communautés à travers le monde. Le conseil communal est fermement convaincu que les habitants de la commune de Differdange ont le droit de vivre dans un monde libre de cette menace. Toute utilisation, délibérée ou accidentelle d'arme nucléaire aurait des conséquences catastrophiques durables et à grande échelle pour la population et pour l'environnement.*

*Par conséquent, le conseil communal de la commune de Differdange soutient le traité sur l'interdiction des armes nucléaires et appelle le gouvernement luxembourgeois à y adhérer.*

---

Merci. Här Altmeisch, nach eng Fro?

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nach eng kleng Saach, wann dat méiglech ass. Eppes, wat mer um Häerz läit. An der Editioun 04/19 vum Diffmag war op der Säit 26 e ganz flotten Artikel, wou d'Déifferdenger Kiermes presentéiert ginn ass. Dësen Artikel ass garantéiert bei Grouss a Kleng mega ukomm.

Als Ofschloss vum Artikel konnten zwee Bongen an engem Wäert vun insgesamt 10 Euro, aléisbar op all Stand, erausgeschnidde ginn. Am Ufank vun der Kiermes hu sech dës Bongen awer als Fake erausgestallt. D'Kiermesleit hunn de Kanner an den Eltere folgend Froe gestallt: Wien huet déi Reduktiounsbongen ausgestallt? Mir wëssen näischt vun de Bongen, kréie mir déi Sue remboursséiert? A vu wiem? Wéi vill Bonge sinn ausgestallt ginn?

No dëse Froe sinn d'Bonge refuséiert ginn. Wat eng Enttäuschung.

Et muss ee sech emol iwwerleeën, dass zirka 11.000 Diffmage verdeelt ginn an Déifferdeng. Also 11.000 Bongen zu 10 Euro als méiglech Ausgab bestinn. Wat insgesamt 110.000 Euro ausmécht. Och dierf een net vergiessen, dass den Diffmag online kann erofgeluede ginn an déi Bongen ausgeschnidde kënne ginn. Folgend Froen dränge sech op: Huet keen Dialog bestane mat de Forainen? War ee sech dem finanziellen Impakt bewosst? Ech si gespaant, wat dëse Sponsoring de Kiermesleit bréngt an de Steierzueler kascht. Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Hei ass erëm de Beweis, datt d'Politik sech absolutt net ëm den Diffmag këmmert. Ech ginn dat der Redaktioun natierlech mat. An da musse mer kucken, wat do geschitt ass. Ech kann Iech et net soen, well ech mech absolutt net ëm d'Fonctionnement oder d'Artikele vum Diffmag këmmeren. Mä ech hunn hei een niewent mer sëtzen, deen an der Redaktioun ass. Dat muss da gekläert ginn. An ech wäert Iech dann d'nächste Kéier d'Äntwerte ginn.

Ech hunn dat héichgerechent. An als Finanzresponsabele gi mär d'Schuddere schonn aus, wann ech dat doten zesummerechnen. Mä do hutt Der ganz recht. Mir kucken dat no. An da soe mer Iech Bescheed.

Jo, Här Diderich.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Zwou Froen. Vläicht stellen ech se mateneen, fir e bëssen Zäit ze spueren. Ech hat virdrun eng Fro gestallt punkto Costantini. Ech hunn dorobber keng Äntwert kritt, ob dat elo national Industriezon ass oder kommunal Industriezon. No wéi enge Regelen den Amenagement gehandhaabt gëtt. Dat ass dat eent.

Dat anert ass och am Lien mat der Kiermes. Den Auchan war jo wärend der Kiermes op. War dat e Geste vum Auchan? Oder huet dat d'Gemengekeess eppes kascht?

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Déi zweet Fro ass méi einfach ze beäntwerten: Et huet eis näischt kascht.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Et kurséiert, dass dat eis 4.500 Euro den Dag kascht hätt.

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *rappelle que dans l'édition 4 du magazine figurait un article sur la kermesse de Differdange avec deux bons d'un montant total de dix euros. Or il s'est avéré que ces bons étaient des faux. Les forains n'étaient pas au courant et ne savaient pas à qui s'adresser pour être remboursés.*
*(Rires)*
*Finalement, les bons ont été refusés.*
*Guy Altmeisch rappelle que le magazine est distribué 11 000 fois. Cela représente un montant de 110 000 €. Sans oublier que le DIFFMAG peut être téléchargé en ligne. N'a-t-on pas discuté avec les forains au préalable ? Connaissait-on l'impact financier ? Guy Altmeisch se demande combien cette campagne de sponsoring coutera au contribuable.*

---

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que cela prouve que les hommes politiques ne s'occupent absolument pas du magazine. Il en parlera à la rédaction.*
*Pour le moment, Roberto Traversini ne sait absolument pas quoi répondre. Mais il s'informera pour la prochaine fois.*
*Il vient de faire un calcul et en tant que responsable des finances, il a peur rien qu'à y penser.*
*(Rires)*
*Roberto Traversini répète que M. Altmeisch a raison.*
*Il cède la parole à M. Diderich.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *a demandé tout à l'heure si Costantini se trouvait dans la zone industrielle nationale ou communale. Quelles seront les règles à appliquer lors de l'aménagement ?*
*La deuxième question de Gary Diderich concerne la kermesse. Auchan était ouvert. La commune a-t-elle dû payer quelque chose ?*

---

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que cela n'a rien couté à la commune.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *a entendu dire que cela aurait couté 4500 € par jour.*

---

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que non. Pour lui, il est*

*évident que le parking a été mis à disposition gratuitement.*
*Pour ce qui est de la zone industrielle, elle est régionale.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *voudrait savoir ce que cela signifie pour l'aménagement. Les règles sont-elles les mêmes que pour les parcelles communales ? Par exemple en ce qui concerne l'eau de pluie, le stationnement ou l'écologie.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *précise que le terrain de Costantini fait 178 a. Une cinquantaine d'ares constituent une zone protégée avec des orchidées et un corridor vert. Costantini occupe un peu moins de 10 % de la parcelle des 130 a restants qui leur sont alloués par contrat.*
*Le terrain appartient à l'État, mais a été mis à disposition de la commune pour cinquante ans. La convention a dû être approuvée par le ministère de l'Économie, car il s'agit d'un terrain de l'État pouvant être exploité d'après des critères communaux. La situation est comparable à celle des terrains de Binsfeld et de Schaak.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *clôture la séance.*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Nee. Op alle Fall net, datt ech wéisst. Esou e Bong misst ech jo ënnerschreiwen. Mä ech froen awer no.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Okay.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat heescht, et ass selbstverständlech, datt déi e fir näischt zur Verfügung gestallt hunn. Ech kucken dat awer no. Mä dat sinn déi Informatiounen, déi ech hunn.

An dat anert ass eng national/regional Zon. Dat ass esou eppes dertëschent. Wou de Costantini mat eis e Vertrag huet op déi nächst Joren. Et ass keng national, et ass méi eng regional, géif ech soen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Wat heescht dat punkto Amenagement, zum Beispill? Ginn do déi nämmlecht Saache gefrot fir d'Amenagement wéi bei deene Parzellen niewendrun, déi kommunal sinn? Am Sënn vu Reewaassernotzung, am Sënn vu Parkplazen, am Sënn vu Gréngs? Oder gëtt do mat anere Kritäre gehandelt?

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Ech ginn eng Erklärung. Den Terrain Costantini ass ursprénglech eng Parzell gewiescht vun 178 Ar. Ronn en hallwen Hektar vun deenen 178 Ar, ass eng geschützten Zon, mat haaptsächlech Orchideeën, wou ee ganze Corridor vert hannendru leeft, déi eraus morceléiert gi sinn aus dem Ursprongsterrain.

A vun deene verbleiwende knapp 130 Ar, déi der Firma vertraglech zougespillt ginn – do leie se net grad op 10% –, do war déi Schutzzon hannendrun eigentlech och mat dran. Dat heescht, wann ech déi 50 Ar huelen, déi haut schonn erausgeklemmt sinn, si se wäit iwwert den 10%, reng op där Urparzell, déi dee Betrib eigentlech sollt kréien. Dee ganze Corridor vert aus der Impaktstudie, déi gemaach ginn ass, ass do erausgetrennt ginn.

Den Terrain gehéiert ëmmer nach dem Staat. Mir hunn en op 50 Joer zur Verfügung gestallt kritt. Déi Konventioun, déi gestëmmt ginn ass, huet musse vum Wirtschaftsministère approuvéiert ginn. Well et am Fong geholl e staatlechen Terrain ass, deen no kommunale Kritären däerf bewirtschaft ginn. Dat ass ähnlech wéi d'Terraine Binsfeld, wéi d'Terraine, wou de Schaak drop ass. Dat sinn Terrainen, déi dem Staat gehéieren, déi d'Gemeng op 50 Joer zur Notzniessung kritt huet.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Da géife mer zur net-ëffentlecher Sëtzung kommen.

# NEUE STRASSENNAMEN IN DIFFERDINGEN

Unter Punkt 9 der Sitzung vom 15. Mai 2019 hat der Gemeinderat die Benennung neuer Straßen in verschiedenen Vierteln entschieden. Als Namensgeber wurden sowohl lokale, nationale als auch internationale Persönlichkeiten ausgewählt, die sich für Menschenrechte, Bildung, Wissenschaft, Kultur, oder die Umwelt engagierten.

**Anne Beffort (1880-1966)** war eine luxemburgische Lehrerin und Autorin. Nach ihrem Abschluss der Mittelschule am hauptstädtischen Pensionat „Sainte Sophie" besuchte sie die Lehrerinnenschule. 1900 bis 1904 arbeitete Beffort als Lehrerin in Roedgen. Anschließend studierte sie französische Literatur an der Universität in Münster und an der Sorbonne in Paris. 1909 war sie, gemeinsam mit Marie Speyer, die erste Luxemburgerin, die einen Doktortitel erhielt, und eine der ersten Gymnasiallehrerinnen am hauptstädtischen „Lycée de jeunes filles" (heutiges „Lycée Robert Schuman"). Für ihre Doktorarbeit erhielt sie in Frankreich den Titel „Chevalier de la Légion d'honneur". Beffort war eine Verfechterin der französischen Sprache und Literatur und setzte sich für die Annäherung der französischen und luxemburgischen Kulturen ein: So war sie Gründungsmitglied der SELF, Mitglied der „Amitiés françaises" sowie Präsidentin der „Amis de la maison de Victor Hugo". Sie schrieb literaturwissenschaftliche Studien, zahlreiche Artikel, Erzählungen und Kurzgeschichten. Der nach ihr benannte „Prix Anne-Beffort" zeichnet seit 2003 Initiativen zur Förderung der Chancengleichheit von Mann und Frau aus.

**Lisa Berg (1978-2017)** war eine luxemburgische Cellistin, Komponistin und Musiklehrerin an der Redinger Musikschule. Mit sechs Jahren erhielt sie ihren ersten Musikunterricht, mit 13 bekam sie am Maastrichter Konservatorium Flötenunterricht. Im gleichen Jahr begann sie auch Cello zu spielen, zuerst in Echternach, anschließend am „Conservatoire du Nord" und schließlich am hauptstädtischen Konservatorium. Mit ihrem Cellostudium am Maastrichter Konservatorium perfektionierte sie ihr Können. Als Solistin, Orchestermusikerin und als Kammermusikerin war sie an verschiedenen, auch nichtklassischen, Formationen beteiligt und gab viele Konzerte im In- und Ausland. Lisa Berg hat an über 30 CDs, Soundtracks und anderen Aufnahmen mit diversen Künstlern mitgearbeitet.

**Sophia de Mello Breyer Andresen (1919-2004)** war eine der bekanntesten und einflussreichsten portugiesischen Autorinnen. Aufgewachsen in der alten portugiesischen Aristokratie, als Urenkelin eines dänischen Einwanderers, und nach christlichen Werten erzogen, wurde sie eine der Leitfiguren der katholischen Studentenbewegung, als sie klassische Philologie in Lissabon studierte. Außerdem war sie eine der wichtigsten liberal-politischen Widerständlerinnen gegen das faschistische Salazar-Regime. De Mello Breyer Andresen veröffentlichte 14 Gedichtbände, mehrere Erzählungen und übersetzte u. a. Dante, Shakespeare und Claudel ins Portugiesische. Ausgezeichnet wurde sie mit mehreren Preisen; 1999 war sie die erste Frau, die den bedeutendsten Literaturpreis in der portugiesischsprachigen Welt, den „Prémio Camões", erhielt.

**Anne Frank (1929-1945)**, eigentlich Annelies Marie Frank, war ein deutsch-jüdisches Mädchen. Um den Nationalsozialisten zu entgehen, emigrierte sie 1934 mit ihren Eltern und ihrer älteren Schwester nach Amsterdam. Nachdem deutsche Truppen die Niederlande besetzten, versteckte sich die Familie Frank ab Juli 1942 in einem Amsterdamer Hinterhaus. Dort begann die 12-jährige Anne Frank ihre Gedanken und Gefühle in einem Tagebuch aufzuschreiben. Den letzten Eintrag machte sie am 1. August 1944. Drei Tage später wurde die Familie entdeckt, verhaftet und abtransportiert. Nach dem Konzentrationslager Auschwitz wurde Anne Frank mit ihrer Schwester ins Konzentrationslager Bergen-Belsen deportiert. Hier starb sie vermutlich im März 1945 an Fleckfieber. 1947 veröffentlichte ihr Vater, als einziger Überlebender der Familie, das Tagebuch in Amsterdam. Seit 2009 steht das Tagebuch der Anne Frank auf der Liste des Weltdokumentenerbes der UNESCO. Es gilt als historisches Dokument aus der Zeit des Holocaust und Anne Frank als Symbolfigur gegen die Unmenschlichkeit des Völkermordes in der Zeit des Nationalsozialismus.

**Camille Gira (1958-2018)** war ein luxemburgischer Politiker. Seit 1993 war er Mitglied bei „déi gréng". Bei den Nationalwahlen 1994 wurde Gira Abgeordneter im Parlament. Zudem war er von 1990 bis 2013 Bürgermeister der Gemeinde Beckerich. Von 2010 bis 2013 hatte er den Vorsitz des luxemburgischen Gemeindesyndikats „De Réidener Kanton" inne. Im Dezember 2013 verzichtete Gira auf seine Mandate als Bürgermeister und Abgeordneter, um Staatssekretär für nachhaltige Entwicklung und Umwelt zu werden. Dieses Amt behielt er bis zu seinem Tod 2018.

**Jean-Pierre Gratia (1890-1962)**, auch „Père Gratia" oder „Jempy" genannt, war ein engagierter Wächter der Galerie „Honsbësch" in Niederkorn. Unter dem Kommando von Emile Maar, versteckte er, gemeinsam mit weiteren Luxemburgern, zwischen Februar und August 1944 insgesamt 122 untergetauchte Kriegsdienstverweigerer in einem stillgelegten Stollen der Galerie „Honsbësch" vor der Gestapo. Mehrere ansässige Familien sorgten damals

für das Wohlergehen der Versteckten. Nach dem Krieg wurden Gratia und alle anderen damaligen Helfer mit der „Médaille de la Reconnaissance Nationale“ ausgezeichnet.

**Françoise Groben (1965-2011)** war eine international bekannte luxemburgische Cellistin. Im Alter von fünf Jahren begann sie mit dem Cellospiel am hauptstädtischen Konservatorium. Sie studierte an der Kölner Musikhochschule, wo sie mit dem Konzertexamen abschloss. 1974 war sie Mitbegründerin des Ensembles „Les musiciens“, mit 15 Jahren wurde sie für das Jugendorchester der Europäischen Gemeinschaft (ECYO) ausgewählt. Neben verschiedenen nationalen und internationalen Auszeichnungen errang Françoise Groben 1990 beim internationalen Tschaikowski-Wettbewerb die Silbermedaille. Sie spielte in vielen renommierten Konzerthäusern, Festivals sowie Sinfonieorchestern im In- und Ausland. Von 1997 bis 2003 war sie Mitglied des Zehetmair-Quartetts. 2003 erhielt Groben die Auszeichnung „Gramophone Record of the Year Award“.

**Michel Mosinger (1901-1983)** war ein luxemburgisch-französischer Arbeits- und Gerichtsmediziner. Im Alter von sechs Jahren zog er mit seiner Familie von Clerf nach Differdingen, da sein Vater dort zum Leiter des Polizeikommissariates ernannt wurde. Mosinger besuchte in Differdingen die Grundschule und spielte begeistert bei den „Red Boys“ Fußball. Sein Abitur am hauptstädtischen „Kolléisch“ schloss er mit Bravur ab. Nach den „Cours Supérieurs“ studierte er Medizin in Nanzig und machte 1931 seinen Doktortitel. An der Pariser Universität arbeitete er als Assistent beim bekannten Medizinprofessor, Pathologen und Krebsforscher Gustave Roussy. Später erhielt er eine Professur an der Universität Marseille, wo er die Forschungsgruppe Pathologische Anatomie leitete. Um seine Arbeiten weiterführen zu können, musste er die französische Staatsangehörigkeit annehmen. Während des Zweiten Weltkrieges beschäftigte er sich mit dem Thema „Kampfgas“, wechselte wegen der deutschen Besatzung von Frankreich an die portugiesische Hochschule in Coimbra und arbeitete für die luxemburgische Exilregierung in London. Nach dem Krieg kehrte er nach Marseille zurück. Er war u. a. Direktor am Institut für Gerichts-, Industrie- und Arbeitsmedizin an der Universität Aix-Marseille, Direktor der Pathologischen Anatomie der Hochschule Coimbra sowie Ehrenprofessor der medizinischen Fakultät in Aachen. Mosinger verfasste rund 2.000 wissenschaftliche Publikationen, vor allem in den Bereichen der Arbeits- und Gerichtsmedizin sowie der Krebsforschung. Er galt in den 30er Jahren als einer der Anwärter für den Medizin-Nobelpreis, wozu es jedoch nie kam. 1984 zeichnete die Stadt Differdingen ihn posthum mit der Goldmedaille „Mérite Européen“ aus.

**Rosa Parks (1913-2005)** war eine afroamerikanische Bürgerrechtlerin. 1955 weigerte sich Parks, ihren Sitzplatz in einem Bus für einen weißen Fahrgast zu räumen. Damit löste sie den „Montgomery Bus Boycott“ und den Anfang der US-Bürgerrechtsbewegung, angeführt von Martin Luther King, aus. Sie wurde verhaftet, kam kurze Zeit ins Gefängnis und musste eine Geldstrafe zahlen. Durch ihre mutige Tat gilt Parks als die „Mutter der Bürgerrechtsbewegung“. Ihr Name wurde zum Inbegriff des gewaltlosen Widerstandes.

**Marie Speyer (1880-1914)** war luxemburgische Germanistin, Lehrerin und stellvertretende Direktorin des hauptstädtischen „Lycée de jeunes filles“ (heutiges „Lycée Robert Schuman“). Nach ihrem Examen als Lehrerin in Luxemburg studierte sie Germanistik und Romanistik an der Schweizer Universität Freiburg. 1909 schloss sie als erste Luxemburgerin (gemeinsam mit Anne Beffort) ihr Studium mit Doktortitel – der höchsten Auszeichnung – ab und kehrte 1911 nach Luxemburg zurück, um stellvertretende Direktorin des „Lycée de jeunes filles“ zu werden.

**Barbara Stiefer-Philippe (1912-2004)** war aktives Mitglied mehrerer Widerstandsgruppen („Unio'n vun de Fräiheetsorganisatiounen“, „Union des Mouvements de Résistance Luxembourgeoise“, „Lëtzebuerger Ro’de Lé’w“). Gemeinsam mit vielen anderen hiesigen Familien kochte und wusch sie für die untergetauchten Kriegsdienstverweigerer in der „Galerie Honsbësch“ in Niederkorn. Nach dem Krieg wurde Stiefer-Philippe für ihr Engagement mit dem „Ordre de Mérite du Grand-Duché de Luxembourg“ und dem „Croix de Chevalier“ ausgezeichnet.

**Lily Unden (1908-1989)** war eine luxemburgische Lehrerin, Malerin, Dichterin und Widerständlerin. Kurz vor Ausbruch des Erstes Weltkrieges zog ihre Familie von Lothringen nach Luxemburg. Sie besuchte hier das Internat „Saint Joseph“ und machte nach dem Abitur 1925 eine Kunstausbildung in Brüssel, Paris, Metz und Straßburg. Danach arbeitete sie als Kunstmalerin. Weil sie sich weigerte, der Volksdeutschen Bewegung beizutreten und sich im Widerstand engagierte, kam sie während des Zweiten Weltkrieges ins Konzentrationslager Ravensbrück. Nach der Befreiung arbeitete sie als Lehrbeauftragte am hauptstädtischen „Lycée de jeunes filles“ (das heutige „Lycée Robert Schuman“) und schrieb lyrische Werke, die durch ihre Kriegserfahrungen geprägt waren. Unden war Mitglied im „Conseil national de la Résistance“ und Präsidentin der „Amicale des concentrationnaires et prisonnières politiques luxembourgeoises 1940-1945“. 1986 erhielt sie als Anerkennung für ihre Bemühungen um die luxemburgische Sprache die silberne Dicks-Rodange-Lentz-Plakette der „Actioun Lëtzebuergesch“.

**Louise Welter (1897-1999)** war die erste praktizierende luxemburgische Allgemeinärztin und zweite anerkannte Ärztin überhaupt im Großherzogtum. 1923 machte sie hierzulande ihren Medizinabschluss. 1926 bekam sie eine

Vollzeitstelle als Schulärztin bei der Stadt Luxemburg. In den nächsten Jahren baute sie die Abteilung der Schulmedizin aus: 1927 wurde die Schulmilch eingeführt, 1932 das Schulschwimmen für Fünft- und Sechstklässler. In jeder Schule wurde außerdem ein Medikamentenschrank eingerichtet. Von 1930 bis 1959 wurden im Winter Vitamintabletten an Schüler verteilt.

# NOS AMIS À QUATRE PATTES

**Déclaration d'un chien**

Tout chien doit être déclaré au service clients de la Ville de Differdange. Pour ce faire, vous devez fournir :

- un certificat du vétérinaire en vertu de l'article 3 (1) et 13 de la loi du 9 mai 2008 relative aux clients ;
- une copie de l'assurance responsabilité civile.

Un changement du détenteur ou le décès du chien doivent aussi être déclarés.

La taxe sur les chiens se monte à quarante euros par an et par chien. Les factures sont émises fin février début mars chaque année.


**Subside pour la stérilisation des chats**

La Ville de Differdange a mis en place une subvention destinée aux propriétaires de chats désirant faire stériliser leur compagnon. La subvention se monte à 50 € pour la castration d'un mâle et 70 € pour la stérilisation d'une femelle.

Les modalités sont simples. Il suffit de se présenter à la commune muni de la facture du médecin vétérinaire préalablement réglée.

La subvention est destinée uniquement aux personnes habitant à Differdange et qui sont propriétaires du chat castré. Les animaux doivent être identifiables par puce électronique sous-cutanée.


École primaire internationale
Lycée international
Lycée provisoire


École primaire Internationale
Lycée International
Lycée provisoire
Site de l'École Internationale


Futur lycée
Ecole primaire internationale
Lycée provisoire
Plateau du Funiculaire
Site de l'Ecole Internationale

INSCRIPTIONS & INFORMATIONS ▸ WWW.JUDIFF.LU ▸ INFO@JUDIFF.LU ▸ TÉL: 26 58 06 29

**DÉPART**

# 14H

**AU CENTRE DE DIFFERDANGE**




# 14E ÉDITION

# COURSE DE CAISSE À SAVON

# DIFFERDANGE
# 15 SEPTEMBRE 2019

Ville de Differdange